




GEMENGENINFO

RAPPORTS DU CONSEIL COMMUNAL
DU 13.05. ET 03.06.2022

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapports sommaires en français	4
CONSEIL COMMUNAL DU 13.05.2022	
1. CORRESPONDANCE	8
2. CIRCULATION	10
2.1. Modifications à apporter au règlement général de la circulation – Shared Space, phase 3	
2.2. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Vëlossummer 2022 »	
3. FINANCES COMMUNALES	20
3.1. Approbation de l'acte d'échange avec les époux Remy Berchem et Beata Szczepaniak au sujet de parcelles de terrain sises « In Scheeleck » et « Menkeswies »	
3.2. Approbation de l'acte de cession gratuite avec la société « Wickler Frères S.à.r.l. » au sujet d'un terrain sis « In Mooren »	
3.3. Approbation de l'acte de vente avec Madame Maryse Bertemes au sujet d'une terre labourable sise « Bei Ribeschpontergriecht »	
3.4. Travaux de mise en conformité de l'école Brill	
3.4.1. Approbation du devis relatif aux travaux de mise en conformité de l'école Brill	
3.4.2. Approbation d'un crédit spécial relatif aux études pour les travaux de mise en conformité de l'école Brill	
4. CRÉATION ET NOMINATION DES MEMBRES DU « TEAM PACTE NATURE »	31
5. DÉSIGNATION D'UN MEMBRE EFFECTIF À L'OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME DU SUD	33
CONSEIL COMMUNAL DU 03.06.2022	
1. CORRESPONDANCE	34
2. APPROBATION DU TABLEAU DE PRÉSEANCE DES MEMBRE DU CONSEIL COMMUNAL	36
3. FINANCES COMMUNALES – ACQUISITION D'EMPRISES	36
3.1. Approbation d'un acte de vente avec les époux Jean Paul Ley et Marianne Kolmesch, parcelle de terrain sise rue des Fleurs	
3.2. Approbation d'un acte de vente avec la société « Schumacher Immobilien S.à r.l. », parcelle de terrain sise rue de la Chapelle	
3.3. Approbation d'un acte de vente avec les époux Jean-Yves Lorenzi et Irene Lorenzi née Scholz, parcelle de terrain sise route de Burange	
3.4. Approbation d'un acte de vente avec la société « Due S.à r.l. », parcelle de terrain sise rue Tattenberg	
4. APPROBATION DE L'ORGANISATION SCOLAIRE PROVISOIRE 2022/2023 DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL	37
5. DÉNOMINATION DE TROIS RUES DANS LE LOTISSEMENT « A BËLLEG »	54
6. PERSONNEL	55
5.1. Conversion d'un poste vacant d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social en poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (service d'éducation et d'accueil)	
5.2. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif (service des ressources humaines)	
7. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	56

RAPPORT SOMMAIRE (CONSEIL COMMUNAL DU 13.05.2022)

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol (à l'exception du point numéro 3.1. de l'ordre du jour), échevins. Madame Sylvie Andrich-Duval (à l'exception des points numéros 4 à 6 de l'ordre du jour) ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Bob Claude ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen (à l'exception du point 6 de l'ordre du jour), Michèle Kayser-Wengler ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. **Absents** : Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Alain Clement, conseillers, excusés. **Procurations** : Madame Semiray Ahmedova pour Madame Monique Heinen et Monsieur Alain Clement pour Madame Martine Bodry-Kohn.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre rappelle l'invitation adressée aux conseillers communaux concernant l'inauguration officielle du VEWA – Hall des Vestiaires et Wagonnage NeiSchmelz en date du samedi, 14 mai 2022 à 16.00 heures, ceci dans le cadre de la capitale européenne de la culture Esch2022.

Ensuite, Monsieur le bourgmestre fait part de la lettre de démission de Madame Sylvie Andrich-Duval comme conseillère communale.

Il est de suite donné parole à Madame Andrich-Duval. Après que les porte-paroles des fractions politiques représentées au conseil communal aient remercié Madame Andrich-Duval pour les bons services rendus à la Ville de Dudelange en tant que conseillère communale et pour la collaboration agréable au sein du conseil communal, il est procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

2 – CIRCULATION

Les décisions suivantes, ayant trait à la réglementation de la circulation sur les voies publiques de la Ville de Dudelange, sont approuvées à l'unanimité :

1. la modification au règlement général de la circulation – Shared Space, phase 3 ;
2. le règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'activité « Vëlossummer 2022 ».

3 – FINANCES

Toutes les décisions ci-après sont avalisées unanimement par le conseil communal :

1. l'acte d'échange avec les époux Remy Berchem et Beata Szczepaniak au sujet de parcelles de terrains sises « In Scheeleck » et « Menkeswies » ;
2. l'acte de cession gratuite avec la société « Wickler Frères S.àr.l. » au sujet d'un terrain sis « In Mooren » ;
3. l'acte de vente avec Madame Maryse Bertemes au sujet d'une terre labourable sise « Bei Ribeschpontergriecht »
4. le devis relatif aux travaux de mise en conformité de l'école Brill. L'école fondamentale Brill est inscrite

à l'inventaire supplémentaire par l'Institut national pour le patrimoine architectural. L'école Brill abrite 24 grandes et 4 petites salles de classes, un gymnase avec vestiaires, l'appartement du concierge, des sanitaires déjà rénovés, les couloirs de circulation, les pièces annexes et les aires de repos et convient à environ 400 écoliers. L'école se compose d'un bâtiment principal de trois étages avec un gymnase attenant à l'angle nord-ouest.

Du fait de son ancienneté, le bâtiment ne répond plus aux exigences de sécurité, l'accès et le séjour des personnes handicapées et des personnes à mobilité réduite n'étant pas possibles, une importante modernisation doit y être effectuée. Afin de maintenir les cours pour tous les élèves durant toute la période de conversion, ceux-ci seront logés dans un système de conteneurs temporaires dans la cour de l'école, les étages non-concernés par les travaux resteront occupés.

Ainsi, le devis pour un montant de 7'827'076,65- €, taxes et honoraires compris, relatif aux travaux de mise en conformité de l'école Brill est approuvé, ensemble avec un crédit spécial de 500'000,- € relatif aux études pour les travaux ci-dessus.

4 – TEAM PACTE NATURE

Le pacte nature a été mis en place par le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et offre désormais la possibilité aux communes de promouvoir leur engagement pour la protection de la nature et des ressources naturelles, la lutte contre le déclin de la biodiversité, la restauration des biotopes et habitats, le rétablissement de la connectivité écologique, la résilience des écosystèmes et le rétablissement des services écosystémiques.

La Ville de Dudelange a adhéré le 12 novembre 2021 au Pacte Nature entre l'État et les communes et le Pacte Nature prévoit la création d'un « Team Pacte Nature », destiné à accompagner les projets communaux.

Ainsi, le conseil communal marque unanimement son accord pour créer le « Team Pacte Nature » de la Ville de Dudelange et en arrête la composition comme suit : tous les membres de la commission de l'environnement, de l'énergie et de la protection de la nature ; un représentant du service de l'architecture et des domaines communal ; un représentant du service jardinage communal ; le conseiller pacte nature externe.

5 – OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME DU SUD

Unanimement il est décidé de remplacer Madame Emilia Oliveira par Monsieur Walter Berettini, conseiller communal comme membre effectif à l'Office régional du Tourisme du Sud a.s.b.l..

6 – COMMISSIONS COMMUNALES

Les modifications suivantes sont apportées unanimement à la composition des commissions communales : Monsieur Steve Humbert remplace Monsieur Jean Lorang dans la commission du 3e âge ; Monsieur Thierry Pott remplace Monsieur Jean Lorang dans la commission de l'hygiène et de la salubrité publique ; Madame Nancy Back-Kelsen remplace Madame Michèle Kayser-Wengler dans la commission des affaires culturelles ; Monsieur Laurent Giacomini remplace Madame Andrée Reuter-Consdorf comme membre assesseur baillieur effectif dans la commission des loyers.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 11.00 heures.

RAPPORT SOMMAIRE (CONSEIL COMMUNAL DU 03.06.2022)

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Admedova, Martine Bodry-Kohn (à l'exception des points 6 et 7 de l'ordre du jour) ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen (à l'exception du point 6.2 de l'ordre du jour), Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. **Absents** : Monsieur Walter Berettini, Madame Thessy Erpelding, conseillers, excusés. **Procurations** : Monsieur Walter Berettini pour Monsieur Bob Claude et Madame Martine Bodry-Kohn pour Monsieur Romain Zuang (à partir du point 6 de l'ordre du jour).

Début de la séance publique à 08.00 heures.

En début de séance, Monsieur le bourgmestre procède à l'assermentation de Madame Françoise Kemp comme nouvelle conseillère communale de la fraction du parti politique « CSV ». Madame Kemp prend la relève de Madame Sylvie Andrich-Duval qui a démissionné du conseil communal en mai 2022. Après l'assermentation, Madame Kemp tient son discours inaugural. Ensuite il est procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

1 – CORRESPONDANCE

Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries, échevine, informe le conseil communal sur le projet, élaboré par le service jeunesse et famille et soumis par la Ville dans le cadre du plan d'action national d'inclusion numérique au Ministère de la Digitalisation. Ledit projet a été retenu par le Ministère de la Digitalisation qui en supportera sa mise en oeuvre. Ce projet, prévu à débiter dès le mois de juillet 2022, devrait augmenter la motivation numérique et susciter la confiance numérique, faciliter l'accès au numérique et développer les compétences numériques, spécialement pour relier les personnes âgées à l'internet et aux nouvelles technologies à l'aide d'échanges et de formations.

Madame Claudia Dall'Agnol, échevine, se félicite de l'accord reçu de la part des départements ministériels concernés en ce qui concerne l'extension de la limitation à la vitesse maximale de 30 km/h dans la rue du Parc entre la rue Dominique Lang et la rue Pasteur. Les services communaux ne tarderont pas à mettre en pratique cette nouvelle signalisation.

2 – TABLEAU DE PRÉSÉANCE

Le tableau de préséance, fixant l'ordre dans lequel les conseillers remplacent, le cas échéant, les membres du collège des bourgmestre et échevins, comme suite à l'installation de Madame Françoise Kemp à son poste de conseillère communale, est arrêté comme suit (conseillers par rang) : Michèle Kayser-Wengler,

Bob Claude, Jean-Paul Gangler, Jean-Paul Friedrich, Vic Haas, Martine Bodry-Kohn, Romain Zuang, Claude Martini, Monique Heinen, Alain Clement, Semiray Admedova, Thessy Erpelding, Walter Berettini, Françoise Kemp.

3 – FINANCES COMMUNALE – ACQUISITION D'EMPRISES

Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité :

1. Approbation d'un acte de vente avec les époux Jean Paul Ley et Marianne Kolmesch, parcelle de terrain sise rue des Fleurs ;
2. Approbation d'un acte de vente avec la société « Schumacher Immobilien S.à r.l. », parcelle de terrain sise rue de la Chapelle ;
3. Approbation d'un acte de vente avec les époux Jean-Yves Lorenzi et Irene Lorenzi née Scholz, parcelle de terrain sise route de Burange, et 4. approbation d'un acte de vente avec la société « Due S.à r.l. », parcelle de terrain sise rue Tattenberg.

Il s'agit en l'espèce d'acquisitions d'emprises, réalisées pour l'intégration des terrains dans le domaine public.

4 – ORGANISATION SCOLAIRE DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

L'organisation scolaire provisoire de l'année 2022/2023 de l'enseignement fondamental est approuvée unanimement.

5 – DÉNOMINATION DE TROIS RUES DANS LE LOTISSEMENT « A BËLLEG »

Le conseil communal décide unanimement de donner le nom de « rue Triny Bourkel » à la rue numéro 1, le nom de « rue Marion Hammang » à la rue numéro 2 et le nom de « rue Anne Holtz » à la rue numéro 3 dans le nouveau lotissement « A Bëlleg ».

6 – PERSONNEL

Le conseil communal approuve

1. La conversion d'un poste vacant d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social en poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service d'éducation et d'accueil, et

2. La création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif pour le service des ressources humaines.

7 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Quelques questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins de la part de la fraction « CSV » au sujet de la piscine en plein air, complètement rénovée et dont les portes ont été ouvertes au public en mai 2022. Il est répondu aux questions séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 11.15 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 13.05.2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, ech géif lech da proposéieren, dass mir hei ufänken, ech géif lech ganz häerzlech hei am Gemengerot begréissen, géif och vun dëser Plaz aus preziséieren dass mir 2 Procuratiounen virleien hunn, engersäits d'Procuratioun, déi d'Semiray Ahmedova dem Monique Heinen vun deene Grénge ginn huet an och säitens vun der LSAP den Alain Clement, deen dem Martine Kohn eng Procuratioun ginn huet, esou dass dës Gemengerot komplett ass.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech op d'Korrespondenz iwwergoen, do wollt ech vläicht hei nach eemol de Message un de Gemengerot ginn, - ech hat d'Vertrieder vun der Press vergiess ze begréissen, dass muer awer e gréisseren Dag ass, well effektiv d'Aweigung ass vum Vestiaire Wagonage, wéi och den DKollektiv als Kënschterkollektiv, do si jo während deem ganzen Dag eng Rei Aktivitéiten an um 16.00 Auer ass déi offiziell Inauguratioun. Ech mengen, dass dat jo e Projet ass, dee vum ganze Gemengerot gedroe gouf an do hoffen ech, lech esou zahlreich wéi méiglech aus dem Gemengerot unzetreffen an natierlech och d'Vertrieder vun der Press.

Dat wollt ech hei bei der Korrespondenz soen an dann en zweete Punkt - ech kucken hei op d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus dem Schafferot, ob déi nach eppes hunn - dat ass, dass mir matgedeelt kritt hu vun eiser laangjäreger Gemeindeconseillère Sylvie Andrich Duval, dass si d'Decisioun geholl huet fir sech aus dem Gemengerot zeréckzezéien an och an deem Sënn ze demissionéieren an dofir géif ech awer och vun dëser Plaz aus dem Sylvie direkt d'Wuert ginn. Merci.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci. Time for new adventures. Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Härren aus dem Schaffen- a Gemengerot, et ass elo de richtegen Zäitpunkt fir mech fir nei Saachen ze entdecken an dofir meng Decisioun fir mäi Mandat als Gemengerot hei zu Diddeleng zur Verfügung ze stellen. Dat no bal 30 Joer aktiver Gemegepolitik, ugefaange mat den éischte Gemegevalen 1993 a mam Untrëtt hei am Gemengerot 1998, wéi den Hubert Schöep-

ges seng politesch Pensioon geholl huet. E politescht Engagement an enger Stad wéi Diddeleng fuerdert vill Asaz an Zäit. Diddeleng ass gewuess mat der Zäit a mir wëssen, wéi vill hei ze maachen ass. Zäit déi ech awer elo wëll notze fir Saachen, déi ech schonn ëmmer wollt maachen a wou et eben aus deene grad genannten Ursaachen ni dozou komm ass. Och méi Zäit fir gutt Frënn a familiär Verpflichtungen. Zäit fir aktuell benevöll Engagementen weiderzedreiwen, grad esou wéi genuch Zäit fir meng psychologesch Praxis ze hunn. Als quasi Quereinsteigerin koom ech hei bei d'CSV Diddeleng, déi wéi all Partei mat Héichten an Déiften ze kämpfen hat an huet. Deemools waren d'Zäite leider méi schwierig fir d'CSV Diddeleng an ech gouf direkt mat Responsabilitéiten innerhalb vun der Partei beoptraagt.

Sou war ech 13 Joer laang Presidentin vun der lokaler Sektoun a 16 Joer laang Fraktiounsspriecherin, et war mir awer eng ganz grouss Eier, zesumme mam CSV-Team der Sektoun zu neier Kraaft ze verhëllefen, esou dass mir haut mat enger flotter a gëeenter Ekipp vu 5 Conseillere am Diddelenger Gemengerot vertratt sinn. D'Oppositionsbänk ass bekanntlech heiansdo e bësse méi haart, jee no den dräi Buergermeeschteren, déi ech hei erlieft hunn an och jee no Dossier konnt et mol méi oder manner haart sinn. Ech erzielen hei keng Anekdoten, dat wieren der ze vill.

Et ass mir ni drëms gaange fir Oppositionspolitik ze bedreiwe just fir Opposition ze maachen, eng objektiv Analys war mir ëmmer wichteg a wann de Projet gutt fir Diddeleng war oder ass, huet d'CSV dat och nach ëmmer mat gestëmmt. D'Haaptsaach, Diddeleng kënnt no vir. An der Zäit, wéi ech ugefaangen hunn, war et och vill méi schwéier fir d'Opposition fir un Informatiounen ze kommen, all Dossier huet ee missen op d'Gemeng kucken kommen, virun de jeeweilege Gemengeréit, all Bauungsplang huet missen op der Hand kopéiert ginn am A4-Format wuelverstanen an haut am digitalen Zäitalter ass dat natierlech bedeitend méi einfach.

Och wann een an der Opposition net ëmmer der selwechter Meinung ass wéi d'Majoritéit, sou gëtt hei zu Diddeleng dach gréisstendeels de Ball gespilt an net d'Fra oder de Mann an obschonn d'Majoritéit natierlech heiansdo verschidden Iddien, déi mir als CSV lancéiert hunn, presentéiert huet, wéi wann et hir eege wieren dat ass eben dat politescht Spill. Wa mäi politesche Fokus ugangs éischer op Familljepolitik a Chancëgläichheet, am weide Sënn vum Wuert louch, also all Forme vun Diskriminatioun, sou konnt ech mech als Fraktiounsspriecherin mat vill méi Themen ausernee setzen. Sief dat Finanzpolitik, Urbanismus a Stadentwécklung, inklusiv Verkéierspolitik, de Wirtschaftsstanduert Diddeleng, d'Geschäftswelt oder Ëmweltfroen.

Dobäi hat ech 13 Joer laang parallel d'Eier fir an der Chamber d'Interëten net nëmme vun den Diddelenger Bierger a Biergerinnen, mä als echte Minettsdapp och vun deene vun de Leit aus dem Süden an doriwwer eraus vu sämtleche Lëtzeburger Awunner ze verrieden. Wann hei am Gemengerot ëmmer erëm betount gëtt, hei géif nëmme d'Lokalpolitik zielen, sou weist meng Erfahrung dach eppes anescht, well den Impakt vu regionaler an nationaler Politik op dat lokaalt ass dach net

ze ënnerschätzen an oft scho ware politesch Dossieren domadder verstréckt.

Ech denke just zeréck un en Dossier, dee scho ganz al ass, zum Beispill Frankelach, Rehazenter, respektiv den nationale Gesondheetslabo, dat sinn awer zolidd Saachen. Ech wëll vun dëser Plaz aus awer natierlech och Merci soe fir déi interessant, léierräich a ganz intensiv Zäit, déi mir et erlaabt huet, och mäin Horizont ze erweideren. Och Merci menger Partei, der CSV-Sektioun, der Ekip vum den CSV-Fraktiounskollegeen a -kolleeginnen, dem Jemp Gangler dem Jemp Friedrich, dem Claude Martini a besonnesch dem Michèle Kayser-Wengler, dat meng Relève un der Spëtzt vum der lokaler CSV-Sektioun a vun der CSV-Fraktioun virun e puer Joer iwwerholl huet. Meng Famill och net ze vergiessen an all déi Leit, déi hannert mir stinn.

E Merci geet selbstverständlech och un d'Kollegeen an d'Kolleginnen aus dem Diddelenger Schäffen- a Gemenget, genau sou wéi un d'Diddelenger Gemengeservicer an ech bieden de Patrick, dat och esou virunzeginn. Last but not least geet de gréisste Merci un all déi Diddelenger Bierger a Biergerinnen, déi an all deene Jore mir hiert Vertraue geschenkt hunn an zum Schluss natierlech besonnesch frou sinn ech, dass elo mam Françoise Kemp eng dynamesch jonk Fra op der Bänk vun der CSV soll Plaz huelen. Et gëtt sécher elo manner duerch de psychologesche Brëll gekuckt, mä dofir bréngt d'Fränzi als Mathematikerin eng Rei Kompetenze mat. Bekanntlech kënne Mathematiker jo och 2 an 2 zesummenzielen. Ech wënschen him eng glécklech Hand a senger neier Funktioun an ech sinn iwwerzeegt, dass hatt d'CSV-Ekip exzellent ergänzt.

Eng nei Etapp geet also u fir mech an och fir d'CSV-Ekip an och wann ech elo net méi esou present sinn an dësem Sall, wäert mäin Häerz weiderhi fir Diddeleng schloen, trei nom Motto "Eemol en Diddelenger, ëmmer en Diddelenger" an dofir Merci fir Är Opmierksamkeit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci Sylvie, et héiert een och eraus, et ass en emotionale Moment natierlech wann een zeréckkuckt an och op däi Parcours, deen s Du has, souwuel um lokalpoliteschen, wéi och um nationalpoliteschen Niveau. Ech well ervirsträichen, dass Du ëmmer ganz engagéiert waars, dat weess een ze schätzen, och da wann een op der Oppositionsbänk ass an dass Du Dech fir Diddeleng ëmmer agesat hues an effektiv an der Approche vun der Majoritéit-Opposition ëmmer probéiert hues, Diddeleng am Fokus ze halen an och no virzebréngen, och wann een sech eemol eens ass a Punkten, wou een sech net eens ass, hues de elo d'Méiglechkeet aner Saachen ze maachen, aner Etappen, dass de sos ech wëll mä Liewen zeréck... villäicht och net, villäicht och dach.

Dëst gesot, wëll ech e ganz grouse Merci am Numm vun eis alleguerten, am Numm vun der Stad Diddeleng fir Däi laangt an éierlecht Engagement wat s de fir d'Stad Diddeleng has, a mir wënschen Dir fir alles dat wat s Du nach virun Dir hues, ganz, ganz vill Gléck an dass de och déi Saache kanns maachen, déi s Du bis elo net konnts maachen. An deem Sënn wënsche mir Dir vun Häer-

zen alles Guddes. Dëst gesot, wann hei Kolleginnen a Kollege sinn, déi och nach e puer Wieder wëlle soen, ass et elo gären. Jo, Michèle Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Léift Sylvie, erlab mir awer och am Numm vun eiser CSV-Fraktioun, am Numm vun eiser CSV-Sektioun an eisem Comité Dir, eisem Bierenger Meedchen, e grouse Merci auszuschwätzen. Du sos et, 30 Joer an der Partei heescht och 30 Joer Loyalitéit an enger Partei, 16 Joer an der Fraktioun, 13 Joer Presidentin vun der CSV-Sektioun, Du hues et selwer gesot et ass e laangen Dag an et weist, dass Du mat Häerz a Séil eng iwwerzeegte Politikerin bass. Jo Politikerin.

Fir Dech ass et eng Selbstverständlechkeet, als Fra an der Politik op allen Ebenen aktiv ze sinn, fir Dech ass dat selbstverständlech a fir aner Leit net an och do bass Du e Virbild, fir Dech ass et ganz normal, dass een sech politesch a beruflech ka verwierklechen, Geschlecht war fir dech ni en Thema, ni eng Hemmschwell, villäicht och well s Du doheem vun Dengen Elteren och gewise kritt hues, dass een alles kann erreechen, wann een et just probéiert an u sech gleefs. Villäicht och well s Du als Schülerin vum Fieldgen dee selwechte Wee gewise krus. STAARK Meedercher gi STAARK Fraen.

Du waars natierlech am Fieldgen Presidentin vum Schülercomité. Ech, dat zwou Klassen ënnert Dir war, hunn Deng Eloquenz, däi séchert Opriede scho konnten 1976-77 erliewen, notamment an enger memorabler Ried, dat muss ee soen, déi zum Ulass vum Raoul Follereau sengem leschte Besuch zu Lëtzebuerg um Fieldgen an engem Festsall stattfonnt huet. Do hues Du eng Riet gehale virun allen Honorabilitäten. Eloquenz, Intelligenz, Tenacitéit a Begeeschterungsfäegkeet, dat sinn e puer vun dengem Talenter, déi Dir sécher gehollef hunn, Däi Wee ze goen, vill Zieler ze erreechen, déi s Du Dir gesat has oder déi Dir zougedroe gi sinn. Mir véier heibannen, genau wéi och déi aner CSV-Conseillerë virun, mir hu vun Dir geléiert, Politik ze maachen, Du hues eis gewisen op wat et ukënnt, mat Engagement, mat Begeeschterung, eist vun den Diddelenger Bierger uvertraute Mandat auszufüllen.

Du hues eis bäibruecht, dass ee muss gutt virbereet si fir an eng Gemengerotssitzung ze goen, sech muss an all Dossier eraschaffen, et muss een sech fir all Domaine interesséieren, konstruktiv matschaffen, Du hues et gesot, gutt Propose virbréngen awer och kritesch hanterfroen an awer och net zécken, gutt liddie vun anere Parteie matzedroe wann se gutt fir Diddeleng sinn, dat war Däi Message an natierlech och mam Diddelenger Bierger a Kontakt ze bleiwen, op se ze lauschten an hir Doleancen opzepräifen. Politik war e groussen Deel vun dengem Liewen, Du hues vill ginn, der Partei, der Sektioun an der Fraktioun.

Merci Sylvie fir deen ustiechenden Elan, Deng Kompetenz an och Deng Frëndschaft iwwer all déi Joren, déi eis awer och erhale bleift. Mir wäerte probéieren, Däin Engagement, Deng Leidenschaft fir Diddeleng a seng Leit och weiderhin als CSV-Fraktioun mat eisem Fränzi, wat eis Ekip wäert nees komplett maachen, weiderze-

féieren. Iwwregens ass d'Fränzi och eng Schülerin vum Fieldgen, ass et en Zoufall oder net? Ech weess, Du behäls eis Aarbecht am A an dat ass och gutt esou. Mir freeën eis och weiderhin Däin Input ze kréien, weider op Deng politesch Erfahrung zeréckzegräifen, well ganz loosse mir Dech net goen, Du bleifs eis jo och am Comité an an der Sektoun erhalen. Mä elo, kuck elo no Dir: Carpe Diem, genieße den Tag, verwinn dech, genéiss Deng Fräizäit, looss Dir et gutt goen. Merci Sylvie.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Michèle Kayser.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, ech ginn elo net zeréck bis 1977, well do hat ech 10 Joer, awer ech kennen d'Sylvie schonn e bësse méi laang wéi mir elo hei zesummen am Gemengerot setzen an ech ka just soen, dass d'Sylvie fir mech ëmmer eng ganz frëndlech Persoun war, dat ass eppes wat een och appreciéiere muss, och an engem Business wéi Politik maachen zesummen, et hält een och ëmmer d'Saach, och wann een net enger Meenung ass, vun deem Mënschleche separat, esou dass mir Dech ëmmer appreciéiert hunn als Mënsch. Du setzt hei grad vis-à-vis vu mir, mir konnten eis ëmmer kucken an eis Blécker zouwerfen a mam Kapp wénken, wa mir enger Meenung waren.

Op alle Fall wëll ech Dir Merci soe fir déi Zäit wou s Du hei mir oder mat eis zesummen am Gemengerot souz, well déi konstruktiv Aarbecht zesummen am Sënn oder am Geescht vun eiser Stad, dat ass eppes, wat enorm wichteg ass a wou mir hei zu Diddeleng effektiv geseent sinn, wann een deen Ausdrock dierf benotzen, well dorëms geet et, et geet net dorëms - wéi hei gesot ginn ass - de Ball op de Mënsch ze schéissen, mä et geet drëms, eis Stad weiderzebréngen. Och als LSAP soe mir Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht a mir wënschen alles Guddes fir d'Zukunft a mir wäerten eis sécher net déi leschte Kéier iwwer de Wee lafen, well Du gehéiers och op all Fest hei zu Diddeleng a mir wäerten eis spéitstens op der Bierenger Kiermes erëm gesinn. Villmools Merci Sylvie.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech sinn e bësse iwwerrascht hei ginn, ech hunn och keng schéi Ried parat, et deet mir leed. Mä am Numm vun der Grénger Fraktioun wëll ech awer och dem Sylvie alles Guddes wënschen a senger Gemengeréitinspensioun an et kann een och verstoen, dass dee Moment iergendwa kënnt, mä Du wäerts eis awer feelen, well wann een esou laang politesch aktiv war an esouvill Knowhow huet an op esouvill Erfahrung kann zeréckblécken, dat feelt, dat hunn ech selwer erlieft elo wéi d'Romy Goergen opgehalen huet, dat ass net einfach fir déi, déi dann nokommen. Iergendwann ass de Moment do a mir wënschen Dir alles Guddes a soen och Merci am Numm vun der grénger Fraktioun fir déi gutt Zesummenaarbecht hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Monique Heinen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter, jo mir geet et d'selwecht, ech sinn iwwerrascht ginn, Du waars laang hei am Gemengerot, ech muss do net alles widderhuelen, Däin Asaz, deens de gemaach hues fir Deng Partei. Ech wëll éischter ganz kuerz op dat agoen, wat s Du fir mech perséinlech bass. Mir hunn eis wuel kannt awer net esou gutt, an ech soen Dir virun allem speziell Merci fir déi Ënnerstëtzung, déi s Du mir ginn hues säit ech do sinn, mir sinn net laang an deem Gremium, mir sinn nom éischten oder zweete Gemengerot zesummen iesse gaangen an Du hues mir vill wäertvoll Tuyaue ginn. Du hues mech gestärkt vu Fra zu Fra an Du weess wéi et ass, wann een zu wéineg hei setzt well een net eng ganz Fraktioun hannert sech huet an ech muss soen, ech huelen do ganz vill mat op de Wee an ech hoffen, dass ech do weider kann op Deng Erfahrung zielen a besonnesch frou sinn ech effektiv och, dass eng staark Fra duerch eng jonk staark Fra ersat gëtt. Merci Sylvie an alles Guddes fir Dech.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Thessy Erpelding fir seng Wieder, da géif ech proposéieren, dass mir lues awer sécher op den Ordre du jour iwwerginn, well och dat ass trotz dëser Annonce Bestanddeel vun dësem Gemengerot an d'Sylvie ass och nach dëse Gemengerot dobäi a kann sech do abréngen, wou et wëll, wann et wëll.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. MODIFIKATIIONE VUM ALLGEMENGE VERKÉIERSREGLEMENT – SHARED SPACE, PHAS 3

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt hu mir d'Modifikatiounen vun der Circulatioun um Niveau vum Shared Space, drëtt Phas, an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci. Sylvie, och vu mir en décke Merci fir Deng Aarbecht och wann ech net am Fieldgen war, weess ech awer dass et e Liewen niewent der Politik a virun allem och no der Politik gëtt. Elo awer zu de Verkéiersreglementer, Dir wësst et, wann Dir erauskuckt, da gesitt Dir, dass de Chantier vum Shared Space, also d'Phas 3, déi kënnt ganz gutt virun a mir mussen lues a lues dann och d'Reglement hei stëmmen, well dat mussen mir jo natierlech an d'Stad aschécken an et muss approuvéiert erëm sinn, wann d'Aarbechten da fäerdeg sinn am Fréijoer d'nächst Joer.

De Projet vum Avenant ass och an der Verkéierskommissioun virgestallt ginn, den 21 Mäerz war dat an en ass och do diskutéiert ginn. Op d'Ännerungen a Froen kommen ech spéider zeréck bei den Erklärungen, wat alles ännert. Well no der Verkéierskommissioun hu mir d'Reglement, wat mir do virgestallt hunn, op de Ministère geschéckt fir eben och hiren Avis préalable ze kréien a mir kruten e positiven Avis zeréck, sou dass mir et dann och haut kënnen ouni Suerge stëmmen.

Wat wäert sech dann elo änneren an Zukunft, ma de Shared Space geet bis bei d'Place de l'Hôtel de Ville a

bis iwwer Place Kinnen a weider an aus deem Grond fällt d'Virfahrt op der Kräizung Charlotte-Commerce-Jaurès ewech. Hei zielt dann nach just de Prinzip riets viru lénks an deen éischten, deen op der Kräizung ass, deen dierf fueren. Well an engem Shared Space, do ginn et keng Virfaarte méi. De Passage an der Niddeschgaass laanscht de Safe gëtt gespaart fir deen normalen Autostrafick, just Busser an Noutgefiere kënnen nach a Richtung Gemeindeplaz fueren. De Vëlofuerer dierf am double sens do duerchfueren, verléiert awer d'Virfahrt op der Kräizung mat Commerce-Jaurès wann ee vun der Gemeindeplaz aus kënnt.

De Sens unique an der Rue du Commerce gëtt gekierzt an ass nach just nach vun der Rue Lenz bis bei d'Route de Zoufftgen et dierf ee bei der Kirch net riets ofbéie wann een aus dem Shared Space kënnt. Lénksobéiverbueter oder d'Obligatioun, mussen no riets ze fueren an der Route de Zoufftgen an an der Rue des Ecoles, déi ginn opgehuewen. Et komme rout Luuchten op d'Kräizung Rue du Commerce - Rue de la Libération. Do kommen dann och Zebrasträife bäi an zwar op Nummer 21 an der Rue du Commerce, 2 Rue Antoine Zinnen a 17 Route de Zoufftgen.

De Busarrêt Strutzbierg gëtt op 25-27 Rue du Commerce verréckelt a wäert zukünfteg "Arrêt Commerce" heeschen. D'Rue du Commerce, d'Rue Lentz bis bei d'Place Kinnen an d'Rue de l'Eglise gi mat Tempo 30 an der Stonn reglementéiert. Liwwerplazen an der Rue du Commerce an an der Rue de la Libération gi geréckelt awer wierklech just ëm e puer Haiser. D'PMR-Plaz, also d'Handicapéierteplaz an der Rue du Commerce beim Café Soleil gëtt verréckelt an zu gudder Lescht gëtt an der Libérationstrooss d'Ofbéien an d'Rue de la Rivière och nach reglementéiert.

Dat war elo e bësse vill Info, Dir hat d'Dokument alleguerten a wéi ech scho sot, gouf et och virgestallt an der Verkéierskommissioun, mir hunn den Avis favorable och aus der Stad kritt an de Chantier oder de Projet Shared Space ass och näischt Neies, dat doten hutt Dir alleguerte schonn eng Kéier gesinn. Trotzdeem sinn eis Leit aus dem Service Circulation an aus dem Service Travaux publics hei falls nach Froe sinn zum Verkéiersreglement oder zum Chantier. Dat war et op alle Fall elo Mol vu menger Säit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen, si Froen dozou?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt just froen, an der Verkéierskommissioun ass dat doten alles op engem Plang gewise ginn, ass et villäicht méiglech eis deen hei ze weisen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ah, ech hat geduecht, dee wier nogeschéckt ginn, mä dat kann awer och en anere Plang sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Do ass en, voilà.



CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also, et huet näischt geännert vun deem wat Dir initial virgestallt krut beim Projet. Et ass just eben, dass mir mussen op de Projet e Verkéiersreglement drop leeën.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Kënnt d'Bushaltestell 21-27 Commerce dann dohinner wou déi Parkplaze sinn, vis-à-vis vum Jungshaus?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Neen, dat kënnt méi erof. Micael, kanns Du dat vläit mat enger Luucht oder esou weisen?

MICAEL DA SILVA (TRAVAUX PUBLICS, STAD DIDDELING): Jo, also wann een d'Zoufftger Strooss eroffiert Richtung Rue du Commerce a riets ofbéit, da kënnt d'Bushaltestell op d'Héicht vum Office du Tourisme, vum Syndikat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Froen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, mir hunn déi Ännerunge vun der Reglementatioun an der Verkéierskommissioun virgestallt kritt. Merci dofir, mä et war do schonn e bësse vill beieneen. Ech hunn awer nach ëmmer do e puer Froen. A mengem alleréischte Gemengerot am Februar 2020 ass den Devis fir de Shared Space, Phas 3, virgestallt ginn. Deemools war de Vott an zwee gedeelt. Mir haten eis enthalen bei deem Deel virun der Kirch, well mir grad wéi fir d'Phasen 1 an 2 an der Niddeschgaass léiwer en Espace public am Zentrum gesinn hätten, dee fräi vu motoriséiertem Verkéier wier.

Besonnenesch Suerge mécht eis d'Kräizung virum Safe, wou de Verkéier aus der Niddeschgaass mat deem aus der Rue du Commerce openeen trëfft. An der Verkéierskommissioun hate mir nogefrot, wien d'Virfahrt huet op dëser Kräizung. Aktuell ass jo en Dräieck, wann een aus der Niddeschgaass erausfiert. Dat verschwénnt jo elo, well am Shared Space ginn et keng Schëlter an et muss sech gëeeneegt ginn. Wann deen Dräieck fort ass an sech op Rietsvirfahrt gëeeneegt gëtt, favoriséiert dat dann awer de Flux, deen duerch d'Niddeschgaass geet, wat dann awer nees méi Autoen unzéie kann. Well d'Zil ass jo awer - wat deemools d'Architekten an d'Urbanisten virun Aen haten - dass nëmmen Automobilisten an de Shared Space eraufueren, déi do eppes ze dinn hunn an den Duerchgangsverkéier sollt dovunner ofgehalen ginn. An eisen Aen ass dat Zil bis elo net erreecht ginn.

Meng éischt Fro, déi ech hunn: Beim Safe, do si jo elo dräi Zebrastreifen a bei der Kierch, also zwëschent der Kirch an der Place Kinnen, do war jo och ëmmer en Zebrastreifen. Kommen déi och elo ewech? Well et steet elo net am Règlement, dass déi suppriméiert ginn, dofir wollt ech dat awer nach eng Kéier nofroen? Betreffend de Vélo mécht eis Suergen, wann de Vélosfuerer vun der Gemeng am Sense inverse an d'Niddeschgaass wëll fueren an op der Kräizung beim Safe dann ebe keng Vorfahrt huet. Dowéinst hat ech och nach eemol beim Här Demuth nogefrot an hie war esou léif, ze erklären, dass do eng Signalisatioun fir de Vélo op de Buedem kënnt.

Vélosfuerer an och Foussgänger hu jo och d'Méiglechkeet, iwwer d'Place Kinnen ze goen oder ze fueren an do iwwer d'Strooss eriwuer bei d'Kierch. Si mussen natierlech dann no lénks a riets kucken, well do an zwou Richtungen Autosverkéier ass. Weinstens sinn do keng Parkplazen, déi stéieren eemol net bei der Sicht, wéi dat an der Niddeschgaass de Fall ass.

Ech bleiwe beim Vélo an der Rue du Commerce. Dat ass da meng zweet Fro: Do ass - mengen ech - näischt virgesi fir de Vélo. Ech hat dat deemools bei der Presentatioun net richteg verstanen ob den Tréttoire fir de Vélo och ass oder net, well eigentlech sollt jo bei all neie Projet vu Ponts et Chaussées de Vélo dann eng Plaz kréien. Ech hunn do elo näischt an der Signalisatioun fonnt.

Da kommen ech zum Bus. An der Rue du Commerce fält den Arrêt Strutzbiereg ewech, wat schued ass well d'Linnen 10, 305 an 207 do stallgehalen hunn an déi fueren net bis bei deenen neien Arrêt, well se jo an d'Route de Zoufftgen eropfueren. Wann ech mech gutt erënneren, fält den Arrêt Strutzbiereg ewech well net méi genuch Plaz ass weinst dem Double sens. Dat ass da meng nächst Fro, wat dat d'Erklärung? Den 207, dee vu Volmerange kënnt, deen huet en Arrêt beim Centre culturel an duerno op der Héicht vun der Antoine Zinnen Strooss, wat elo net grad zentral ass.

Da kënnt meng drëtt Fro: Wann de Chantier bis fäerdeg ass, kënnt dann den Arrêt Rivière dobäi a fiert den 207 dann um Retour iwwerhaupt nach bei d'Gemeng? E kéint jo eigentlech, wann en aus der Route de Zoufftgen erofkënnt, direkt no lénks ofbéien a kéint jo da beim Arrêt Rivière stoe bleiwen. Ass dat esou virgesinn oder ass dat nach net gekläert?

Meng véiert Fro gouf elo grad beäntwert. Wéi heescht deenen neien Arrêt, deen heescht jo da "Commerce", mä wéi eng Linnen halen dann iwwerhaupt nach do, well den 4 an de 5 an den 305, déi hale jo elo beim Arrêt Kierch an ech fannen, dass dat ganz no bäi ass oder fält deenen Arrêt Kierch dann ewech? Ech kommen dann och schonn zum Schluss, och wa mir fir en Deel vun dëser Stroosse fir eng aner Verkéiersféierung waren an och nach sinn, kënne mir d'Signalisatioun awer matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Heinen. Gëtt et nach weider Stellungnahmen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. Et ass am ganze Plang ze gesinn, dass de Foussgänger des Kéi-

er méi an de Vierdergrond gesteeert gëtt obwuel ech och ëmmer ganz vill dofir sinn, dass de Vélo promovéiert gëtt, mä op alle Fall kann een hei besser iwwer d'Stroossen herno goen an och méi sécher an der Rue de la Libération.

Meng Fro ass awer nach beim Safe: Gëtt do iergend eppes gemaach fir dass de Verkéier sech berouegt? Well ech gesinn do eng grouss Gefor wann s de vu lénks mam Vélo iwwer d'Strooss herno fiers. Wann ee kleng Kanner huet, gesäit een dat einfach besser, déi passen awer net ëmmer ganz genau esou op well do kanns de fueren, do muss de erëm stoe bleiwen... Gëtt iergend eppes gemaach fir dass d'Autoen do ausgebremst ginn? Et ass net all Mensch e grouse Fan vun deene Kessen, déi um Buedem leien, mä et ass relativ effektiv an d'Leit fueren do och méi lues driwwer a wann do esou en Hubbel ass, da muss dee méi lues maachen an da gesäis de d'Gefor och éischter, wann een do mam Vélo erausgefuer kënnt, deen net dohinner passt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Martini.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech hu just eng Klengegkeet ze soen. Et ass effektiv gutt, dass an der Verkéierskommissioun virgestallt ginn ass an dass do e Plang gewise ginn ass. Just, mir alleguerte sinn net an der Verkéierskommissioun an et wier einfach flott wa mir bei esou Projeten – also, ech hunn et um Pabeier gekuckt an ech hu mir et opgemoolt an et wier flott wa mir esou eppes kéinten an Zukunft matgeschéckt kréien, well et méi visibel ass a soss allgemeng begrësse mir natierlech, dass dat dote weidergefouert gëtt an ech wollt nach froen ob den Avis, dat war jo an der Verkéierskommissioun gesot ginn, dass do en Avis gefrot gouf, mä Dir hutt dat jo scho gesot, dass den Avis do ass an och positiv ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt nach nofroen, bei der Luucht, déi do an der Zoufftgerstrooss do steet, also elo gesäit et aus wéi wann déi just virun der Afaart zum Profamilia wier, wéi wann déi just do fir dee kleng Passage ass well éischters emol ass hannen nach e Wunnhaus an zweetens ass dat de Profamilia Accès an och aus Sécherheetsgrënn muss een do jo kucken, wéi déi Leit dohinner kommen a wéi déi dat gesinn. Op där doter Foto gesäit et esou aus wéi wann et do just virdru wier. An dann nach déi Fro - wat och d'Madame Heinen gefrot huet - ob do effektiv de Busarrêt Kierch géif ewechfalen, well dat doten ass dann awer och wäit fir eeler Leit fir bei d'Veräinshaus, wou jo awer am Centre Saint Martin vill Aktivitéite sinn. Dat dote kënnt mir vill méi wäit fir wéi wa mir géife bei der Kierch den Arrêt Eglise bäibehalen? Dat hate mir och am initiale Projet. Hate mir dat net gesinn oder ass dat elo en neie Moment?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser fir och déi dote Froen. Ech ginn d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci, déi méi technesch Detailer, déi elo gefrot gi sinn zu de Luuchten, Vëlo oder d'Sécherheet beim Safe, respektiv Busser, do kënnen herno d'Spezialisten drop agoen. Just e puer Remarquen. Also, d'Madame Heinen sot dat vun der Virfaart, also d'Virfaart déi kréie mir hei als Gemengerot leider net ausser Kraaft gesat. Dir sot, dass dann nach méi Autoen duerch d'Niddeschgaass fueren, ech mengen dass et net méi esou interessant ass duerch Niddeschgaass ze fuere wann dat dote bis fäerdeg ass well Du kënns jo net méi riicht aus, Du kënns net méi laanscht de Safe bei d'Gemeng an a Frankräich, dat heescht wann s de wëlls dohinner fueren, dann hues de besser, Du fiers iwwer d'Autobunn oder Du fiers deen anere Wee ronderëm well Du kanns jo elo endlech - an dat ass jo de Projet vun der Ponts et Chaussées gewiescht - Du kanns elo endlech aus der Zoufftgerstrooss a Richtung Frankräich fueren an den Zentrum ëmfueren. Dofir musse mir kucken, wann et fäerdeg ass an der Saach elo mol eng Chance ginn, mä alles wat mir bis elo héieren hunn ass, dass et net méi interessant ass fir do duerchzufuere wann s de wëlls Richtung Gemeng respektiv Richtung Frankräich fueren.

Zum Bus 207 a wou dee stoe bleift, dat ass kee Bus wou mir u sech d'Hoheit driwwer hunn, dat ass e Bus vum Staat a mir kënnen nëmme schreiwen a froen an da kréie mir gesot Jo oder Neen. Mir hunn dat och schonn e puer Mol gemaach, mir hunn och gefrot gehat, dass e soll um Hiwee bei d'Gemeng fueren, mir kruten dat awer verworf. Do gëtt et och e Bréif, an deem se soen, dat géifen se net maachen an et bréngt näischt heidriwwer ze diskutéiere wat den 207 misst maachen. Wa mir der Meenung sinn e misst dat an dat maachen, kënne mir dat hei notéieren an da kënnen eis Servicer gären nach eng Kéier e Bréif an d'Stad schreiwen a mir kucken dann, wat se eis soen.

Madame Erpelding, ech war wierklech der Meenung, dass de Plang nogeschéckt gi wier, da maache mir dat an Zukunft, da schécke mir dee mat. Ech kucken allerdéngs ob de Pit Demuth dee muss noschécken. De Problem ass warscheinlech, dat ass e risegt Dokument, do musse mir kucke fir dat dann op eng Cloud ze setzen oder sou, wou een dee kann eroflueden, soss gëtt dat näischt per E-Mail. D'Luucht, do kann am Detail de Micael Da Silva, respektiv de Pit Demuth drop agoen, wou d'Madame Kayser gefrot huet, mä och dat ass erëm eemol Ponts et Chaussées, mat deem Deel hu mir u sech elo näischt ze dinn, mir kënnen elo net soen, wann d'Luucht géing stéieren, mir réckelen déi elo 100 Meter. Fir de Rescht ginn ech dem Pit Demuth an dem Micael Da Silva d'Wuert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION, STAD DIDDLENG): Sou, da probéieren ech emol op déi Froen anzegoen, déi nach net beäntwert gi sinn. Wéi scho gesot ginn ass, beim Safe do kënnt och e Poller hin, dat heescht et kënnt een do net méi riicht aus, entweder no lénks an d'Rue du Commerce do muss een dann erop dréinen an da fiert een duerch d'Rue de l'Etang, respektiv no riets an dann duerch d'Rue Jean Jaurès an dann

dee kleng Bypass wann ee wëllt bei d'Gemeng kommen. Mä ech mengen, dat ass ëmständlech. Dat heescht, et wäert esou wéi d'Claudia Dall'Agnol et scho gesot huet, groussraimeg ëmfuer ginn. Den Zebrasträife bei der Nasty Bar, deen ass jo schonn opgemoolt an dee bleift och bestoen, dofir musse mir deen net nei reglementéieren an ech hunn nogekuckt, Commerce, déi verschwanne well dat e Shared Space ass an do dierf de Foussgänger iwwerall trëppelen, dofir brauche mir do och keen Zebrasträife méi.

RGTR 207, aktuell fiert an hält dee beim Arrêt Rue de la Rivière stall, et war och geplangt, dass en herno wann de Chantier fäerdeg ass, och erëm do stoe bleift an och um Retour soll en aktuell bei der Gemeng stoe bleiwen. Mir kënnen awer och nach eng Kéier beim Ministère nofroen ob dat nach ëmmer herno esou gewollt ass. Den Arrêt Kierch, ob dee bestoe bleift oder net, ech denken éischer schonn, soss hätte mir haut misse stëmmen, dass e géif ausser Kraaft trieden. Ech mengen, en ass jo elo net am Reglement dran, dat heescht, e bleift elo mol nach bestoen. Wa mir mierken, dass en net méi gebraucht gëtt, kann een en nach ëmmer eraushuelen. Wa gemierkt gëtt, en ass nach néideg, da bleift en eben am Verkéiersreglement dran an e gëtt dann nach ëmmer ugefuer. Dat musse mir mam TICE a mam RGTR kucken, ob een deen nach wëll ufueren oder ob se soen, mer hunn den Arrêt Rue du Commerce a Kierch ganz no beieneen, ob dat gewollt ass, ass à voir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MICAEL DA SILVA (TRAVAUX PUBLICS, STAD DIDDLENG): Do war och nach d'Fro vum Arrêt Strutzbiërg firwat den ewech kënnt, dee kënnt ewech weinst den Double sens. Mir haten och den Accès Profamilia, déi Punkten, déi hei drop sinn, déi si scho prezis vun der Ponts et Chaussées definéiert ginn, mä mir kucken dat no, ob déi wierklech elo net virum Accès sinn, wann ech mech net ieren ass den Accès op deem dote Beräich an net... ausser ech wier elo falsch, mä normalerweis ass den Accès hei an net am ënneschten Deel bei där klenger Commerce-Gässel. Dat heescht, déi Punkte si prezis mat Koordinaten definéiert ginn an ech denken, do ass schonn drop gekuckt ginn, dass déi net an enger Afaart sinn.

Mam Vëlo an der Rue du Commerce, Jo, mir hätten och am léifste gehat, et wier nom Vëlo gekuckt ginn. De Problem ass, bei esou engem schmuele Gabarit, do ginn eben d'Breite vun den Tréttoiren net duer fir e Chemin mixte kënnen ze maachen. Bedéngt duerch den Double sens kënne mir och keng separat Vëlospist maachen, dat heescht, et ass dee Gabarit disponibel, deen do ass a méi hu mir net. Do hate mir fir de Vëlo ebe leider keng Plaz méi, soss wier schonn de Wëllen do gewiescht fir nom Vëlo gekuckt ginn, mir waren och Demandeur do mä et ass net méi Plaz do wéi d'Situation existente hiergëtt. Leider.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen?

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. Just als Prezisioun, ech hat virun e puer Joer scho gesot gehat wann een d'Zoufftger Strooss eroffiert a wann déi rout Luuchten e bësse méi déif installéiert ginn ewéi do wou et an d'Rue des Fleurs erageet, da wäerten eng ganz Rei Leit d'Ofkierzung huelen duerch d'Rue des Fleurs. Wann déi Luucht op rout geschalt ass, da fiert all Mënsch direkt eran duerch d'Rue des Fleurs, dofir wier et flott gewiescht wann den Arrêt e bësse méi uewe gewiescht wier mä dat dote gëtt vill méi Verkéier duerch d'Rue des Fleurs, wat schued ass, well do sinn och Schoulen, dat misst net sinn.

Ech fannen et e bessen traureg, dass mir et net fäerdeg bréngen, national gesinn, dass do wou eng Schoul ass, anstännege Vëlosweeër kënne maachen, fir dass d'Kanner kënne mam Vëlo an d'Schoul fueren. Dofir kënne mir awer net heibannen, mä ech fannen et traureg an do muss sech national eppes doen, national. Ech fannen dat inakzeptabel, national gesinn, mä dofir kënne mir net. Pardon.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, et fält jo op, dass de Leit hei allgemeng vill dru läit fir de Shared Space oninteressant fir Autoen ze maachen an dat erënnert mech dann un eppes wat mir hei schonn e puermol virbruecht hunn. E wichtege Punkt fir dat kënnen ze realiséiere wier zum Beispill fir d'Rue de l'Étang an nëmmen enger Fuerrichtung ze maachen an zwar ganz bis hannerhin a Richtung Match. Dat géif natierlech den Zentrum, de Shared Space enorm entlaaschten, well d'Autoe géife direkt vun der Barrière bis hannerhi bei de Match fueren. Ech wollt just nach eng Kéier dodrun erënneren, déi Fuerderung hate mir hei schonns e puermol bruecht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, ech wëll awer betounen, dass dat net nëmmen Är Fuerderung ass, mä dass dat generell eng lwwerleeung ass am Kader vun engem regionale Verkéierskonzept, dat d'Gemeng Diddeleng mat Beetebuerg zesumme mat de Ponts et Chaussées, mam Transportministère erstallt hunn an dat nach ëmmer d'application ass an och an enger gewëssener Temporalitéit ëmgesat gëtt an dass an deem Dokument jo och virgesinn ass, dass am Kader vun der Entwécklung vun Neischmelz dee Sens unique ëmgedréint soll sinn. Voilà, dat wollt ech awer hei nach eng Kéier betounen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech wollt awer nach eemol reagéieren op d'Rue du Commerce well do elo guer näischt fir de Vëlo ass. Et ass wéi den Här Martini seet, mir hunn do de Schoulcampus Strutzbiërg, wou dann och elo eng nei Sportshal dobäi ass a jo, all déi Mënschen, déi do mam Vëlo wëlle kommen, déi fuere jo dann iergendwéi duerch den Zentrum, da muss dat awer kloer sinn, wéi se da solle fueren, well bei d'Gemengeplaz, an de Schwaarze Wee, da fueren d'Vëloen dann eben do an da ginn se dee kleng Bierg, wou ee beim Schütz erauskënnt, da kënnt een do eraus an - ech denken elo un d'Kanner – da geet ee mam Vëlo bei der Luucht eriwuer, dass dat dann awer, wann et do

net funktionéiert an der Rue du Commerce, da misst et dann awer gutt funktionéieren, also dee parallele Wee, deen ebe méi déif läit. Bon, elo fiert et sech och schonn net gutt an der Rue du Commerce mam Vëlo an et ass schued, dass dat elo net geet an ech verstinn awer och wann d'Strooss net breet genuch ass, dass dat dann net ze maachen ass. Mä da muss ee kucken, dass awer eng Alternativ do ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ech mengen, fir d'Rue de l'Étang do ass alles gesot. Vläit just nach déi zwou Saache vum Här Martini iwwer d'Route de Zoufftgen: Déi Leit, déi déi Ofkierzung iwwer d'Rue des Fleurs huelen, nach eemol, dee Projet ass virgestallt ginn, e puermol an et ass och e Projet vun der Ponts et Chaussées an de Micael Da Silva huet do alles gesot, dat ass am Detail vun hinne gekuckt ginn a mir hunn dat esou ugeholl, wéi si dat virgeschloen hunn, och no laangen Diskussiounen, dat wësst Dir, mä hei si mir net aleng Här a Meeschter. Dat nämmecht gëlt fir déi aner Strooss, ech soen ëmmer Diddeleng breet sech jo net aus just well mir gären de Vëlo, de Bus, de Foussgänger an den Auto gläichberechtigt hätten, mir musse mat deem Gabarit schaffen, dee mir hunn an Dir kennt dee Gabarit laanscht d'Schoul Strutzbiërg, laanscht de Schoulcampus, mir hu missen déi Bushaltestell ewechhuelen, wou d'Madame Heinen virdru gesot huet, de Busarrêt Strutzbiërg, fir dass mir iwwerhaapt deen Double sens kënne maachen.

Da wësst Dir, dass do net och nach Plaz ass fir do e separate Vëloswee. Ech mengen, dass mir eis hei awer mussen eens sinn, dass mir net kënnen alles hunn. Hei war de Wonsch, wou dat dote gemaach ginn ass an de Shared Space, respektiv deen dote Projet vun der Ponts et Chaussées mat eisem ze verbannen, dass mir esou vill wéi méiglech Autoen aus eisem Zentrum, souvill wéi méiglech Autoen aus Diddeleng erauskréien, dofir gëtt deen Double sens gemaach. Wann deen Double sens bis do ass, dann hu mir vill manner Verkéier ronderëm an an eisem Zentrum well d'Leit da kënnen direkt ofbéien an op d'Schmelz fueren, respektiv da kënnen a Frankräich fueren an dat ass eben e kleng Bemol, da geet et net duer fir och nach e Vëloswee ze maachen, dat war déi Entscheedung, déi mir deemools hei getraff hunn.

Ech mengen och, dass déi nach ëmmer richtig ass well dat eis awer ganz ganz vill Problemer léist an ech soen och vill Problemer vum Vëlosfuerer léist, wann net méi souvill Verkéier an a ronderëm den Zentrum ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol. De Pit Demuth wëllt nach eng Prezisioun ginn.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION, STAD DIDDEL-LENG): Ech wëll just elo punkto Vëloswee eppes ergänzen. Ech mengen, mir hunn eis jo awer eng Kéier an der Verkéierskommissioun d'Philosophie ginn, mir wëllen d'Vëlosweeër net iwwer d'Haaptachsen, mä iwwer déi parallel Achse schécken, wéi d'Madame Heinen scho gesot huet an ech mengen, den Haaptvëloswee

am Zentrum geet laanscht d'Gemeng, dat ass jo och den Haaptattraktiounspunkt an dann - wéi d'Madame Heinen scho richtig gesot huet - kann de Vëlosfuerer déi Rue de l'Ecole do beim schütz eropfuere an da kënnt een och um Campus Strutzbiérg eraus a wann een do eroffiert, da firt ee méi roueg mam Vëlo duerch d'Niddeschgaass, respektiv de Park, wéi wann ee muss laanscht d'Rue du Commerce fuere, wou all Dag Autoe fuere an de Vëlosfuerer dann net esou gär respektéiert gëtt. Ech mengen, do huet een et méi roueg wéi laanscht eng Rue du Commerce. Da muss ee just kucken fir eemol ee kuerze Wee ze fannen fir vun der Rue du Commerce op den Haaptvëloswee ze kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Merci nach eemol fir déi dote Prezisiounen. Si weider keng Froen? Da proposéieren ech, dass mir op de Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Règlement, esou wéi et virgestallt gouf, averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

Ech wollt dem Gemengerot awer och soen, dass d'Aarbechten, wat de Shared Space ugeet, gutt virukommen, mir leien do am Timing, dat gesäit een och wann een do derduerch trëppelt oder firt, déi verschidde Plaze komme gutt virun a viraussichtlech, wann alles weider no Plang leeft, kéint mir am Laf vum Juli virum Congé op der Place Kinnen eng éischt Couche helle Makadam maachen, sou dass déi Commercen, déi do sinn, gutt vun hirer neier Terrass kënne profitéieren. Dat ass déi aktuell Projektioun, déi mir de Moment hunn, well mir gutt am Timing leien.

2.2. APPROBATION VUM TEMPORÄRE VERKEIERSREGLEMENT WÄREND DER AKTIVITÉIT „VÉLOSUMMER 2022“

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, mir bleiwe beim Vëlo a mir bleiwe beim Summer a bei den Terrassen. Dir wësst, dass de Ministère am November 2021 erëm en Oproff gemaach huet bei alleguerten de Gemenge fir de Projet Vëlosummer 2022 vum 30. Juli bis den 28. August ze lancéieren, nodeems se e grouse Succès am leschte Joer domat hatten. Mir hunn do als Gemeng Diddeleng fënnef Projeten erageschéckt, déi mir den 20. Januar och an der Verkeierskommission virgestallt hunn an dat sinn: autofräien Zentrum, Vëloswee zwëschent Diddeleng a Beetebuerg, provisoersch Vëlospist an der Rue Madame Mayrisch de St. Hubert, Ribeschponter Strooss a Vëloswee op Zoufftgen fir e Weekend. Ech gesinn, et ass elo näischt op der Leinwand, mir waarde villäicht nach e bësselchen. Mir krute vum Ministère gréng Luucht fir véier Projeten an si wäerten dann déi Proposen, wa mir déi hei unhuelen, mat promouvéieren, dat heescht, si wäerte Reklam dofir maachen.

Leider ass d'Späre vum CR 161 Richtung Zoufftgen fir ee Weekend awer vun hinnen net acceptéiert ginn. Firwat? Ma dese Vëloswee huet keen direkten Usschloss un d'Vëlosnetz vum Diddeleng, respektiv un den Tour an hir Erfahrungswärter – dat ass hir Erklärung - hätte gewisen, dass déi Strecken net gutt bei der Bevëlkerung ukommen, dofir hunn se déi Propos verworfen. Fir de Projet Vëlosummer ze realiséieren, muss dann awer e Verkeiersreglement geholl ginn an op dat Verkeiersreglement

ginn ech dann elo am Detail an. Fänke mir da beim autofräien Zentrum un: Heifir ass d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte zwëschent der Rue Dominique Lang an der Gemengeplaz, d'Rue du Commerce zwëschent den Haiser 2 an 12, d'Rue Jean Jaurès zwëschent der Niddeschgaass an der Rue de l'Étang, déi ganz Gemengeplaz an d'Rue de la Libération zwëschent der Gemeng an der Rue du Commerce, zwëschent dem 30. Juli an dem 28. August fir den Autosverkéier jee weils vu mëtte 14.00 Auer bis den Dag drop moies um 6.00 Auer komplett gespaart.

Firwat déi Auerzäiten? Majo, esou kënne moies d'Geschäfte an d'Leit, déi beliwwert ginn, beliwwert ginn an nomëttes an owes ass se just fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer. D'Auerzäiten, déi si geännert gi par rapport zu 2021 well mir eng ganz Partie Reklamatiounen erakrute vun Awunner a Geschäftsleit, déi net méi esou gutt bei hir Wunnenge bäikomm sinn, respektiv et goufen och eng Partie Problemer bei de Liwwerungen.

Den TICE an den RGTR, déi fuere duerch d'Rue de l'Étang, déi ass op weinst dem Congé collectif - ech komme méi spéit nach eemol a mengen Ausféierungen dorobber zeréck. Zousätzlech zum Späre ginn déi opgezielte Stroossen an eng Zone de rencontre ëmgewandelt, esou dass dann och d'Foussgänger sécher vun enger Säit vun der Strooss op déi aner Stroossesäit kënne goen. Wa gespaart ass, kënne d'Awunner vun der Niddeschgaass bei der Kierch ofbéien, dës ass och mam Chantier Shared Space koordinéiert an dat zielt och fir d'Awunner aus der Rue du Commerce an der Rue Jean Jaurès natierlech zwëschent der Niddeschgaass an der Entrée Post. D'Awunner vun der Place de l'Hôtel de Ville, de Rescht vun der Rue Jean Jaurès an der Libérationstrooss, déi kënne iwwer d'Rue Jean Jaurès oder iwwer d'Rue Karl Marx erafuere.

Well d'Busser vum TICE an och déi vum RGTR no 14.00 Auer net méi dierfen duerch d'Niddeschgaass fuere, fuere se duerch d'Rue de l'Étang bei d'Gemeng, den Arrêt Niddeschgaass fält also während dem August komplett ewech. Weinst dem Congé collectif gëtt an der Rue de l'Étang net geschafft an dann ass och do genuch Plaz. Fir den Utilisateuren vum ëffentlechen Transport et esou einfach ze maachen ewéi méiglech, fuere d'Busser permanent duerch d'Rue de l'Étang, dat heescht, et gëtt kee Wiessel um 14.00 Auer mëtte gemaach fir dass dat och kloer a verständlech fir all Utilisateur vum ëffentlechen Transport ass. Automobilisten aus der Rue de l'Étang mussen bei der Barrière an der Rue Jean Jaurès ofbéien, ausser et ass een Awunner. D'Fournisseuren an d'Busser dierfen awer no lénks ofbéien.

Och un de Cyclist selwer ass hei geduecht ginn, wann et ronderëm d'Gemengeplaz geet, well aktuell et net méiglech ass vum Café Vagabond a Richtung Café Joker mam Vëlo iwwer d'Strooss ze fuere, gëtt déi lénks Spuer laanscht d'Gemengeplaz fir de Vëlo gespaart. Dës Spuer gëtt dann duerch d'Libérationstrooss bis bei d'Rue du Commerce verlängert. D'Parkplaze laanscht d'Geschäfte ginn och gespaart an de Commerçanten als zousätzlech Terrass zur Verfügung gestallt, wann se dat wëllen natierlech.

Sou kann de Vëlosfuerer op enger sécherer Spuer vum fréiere Rideau François bis an d'Niddeschgaass fueren. Fir dann de Schwéierverkéier aus dem Zentrum ze kréien, gëtt e Sens recommandé fir Gefierer iwwer 3,5 Tonne bei der Rue de l'Étang a bei der Kräizung Kayl-Lëtzebuerg-Gaffelt opgestallt, deen duerch d'Gaffelt féiert.

Da kommen ech schonn zum Ribeschpont, mir spären och déi Strooss erëm, ech gesinn do freet dat schonn een, zwëschent der Näertzenger Strooss an der Rue Ribeschpont fir de motoriséierten Trafick. Domadder wëlle mir den Awunner vun de Quartieren eben d'Méiglechkeet ginn, ouni Autosverkéier op Beetebuerg ze kommen andeems se duerch de Ribeschpont an d'Soibelkaul kënne fueren. A fir dass all Mënsch sech dorunner hält, gëtt dann och déi Strooss och mat schwéiere Bléck gespaart an déi ginn esou opgestallt, dass de Vëlosfuerer problemlos laanscht kënnt, mä den Autofuerer keng Chance huet fir do laanscht ze kommen. D'Autosfuerer ginn an d'Rue Soibelkaul während där Zäit ëmgeleet. Fir d'Awunner vum Quartier Soibelkaul ze schützen, gëtt e Fuerverbuert opgestallt mat "Excepté bus, riverains et fournisseurs", sou dass d'Awunner awer nach bei hir Haiser kommen, respektiv de Bus och kann duerch dëse Quartier fueren an déi Mesure do ass d'selwecht wéi dat d'lescht Joer de Fall war.

An dann teste mir och nach eng provisoersch Vëlospist an zwar fir de Park Le'h besser mam Zentrum per Vëlo ze verbannen, teste mir gär eng provisoersch Vëlospist an der Rue Madame Mayrisch de St. Hubert zwëschent der Rue de la Paix an der Rue Marthe Bigelbach-Fohrmann. Mir wäerten do d'Parksträif op der Säit mat den ongerueden Hausnummere spären an do dann eng provisoersch Vëlospist drop leeën. Well an där Strooss mat 50 km/h awer dierf gefuer ginn, mussen och baulech Moosnamen ergraff ginn, fir dann och d'Vëlosfuerer ze schützen. Geplangt ass, provisoersch Bordüren a Polleren ze setzen a Schëlter a Marquage op de Buedem ze maachen, sou dass den Autofuerer gutt gesäit, dass en hei besser opzepassan huet. Wann dëst gutt sollt klappen, kéint eventuell hei eng fix Vëlospist hikommen, wou op enger Säit den Tréttoire ausgebaut gëtt fir e Vëloswee drop ze kréien. Par rapport elo zum leschte Joer - well dat kënnt lech scho bekannt fir wat ech elo hei zielen - hu mir d'Stroossesäit gewiesselt vun der provisoerscher Vëlospist, dëst wéinst de Remarques, déi mir kruten, an och no Récksprooch mat Vëlo Diddeleng.

Fir de Projet Vëloswee zwëschent Diddeleng a Beetebuerg mam Titel Family Tour am Süden, dat ass e Parcours vu ronn 14 Km, do musse mir hei am Gemengerot kee Reglement huelen, dat ass och en neie Punkt par rapport zum Vëlossummer, dee mir d'lescht Joer organiséiert hunn. Hei gëtt den Tracé duerch Schëlter a Marquage gekennzeechent a féiert dann iwwer déi bestoend Vëlosweeër zwëschent eisen zwou Gemengen. Dat war elo e bësse vill, fir d'Detailfroen ginn ech erëm weider un de Service de Circulation, respektiv un de Service Travaux publics, déi de Projet och ausgeschafft hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol fir déi Presentatioun. Si Froen dozou?

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci, mir freeën eis op de Vëlossummer an drop, op ville Plaze kënne sécher mam Vëlo ze fueren, notament d'Ribeschpont Strooss erof, wat sécher wäert fir vill Diskussiounen surgen, well vill Leit déi Strooss gär mam Auto fueren an och ech, déi all Moien huele fir schaffen ze goen. An awer ass et eng Strooss, déi fir mech kee Sënn mécht well een se gutt ëmfueren kann, eng Strooss déi ee gutt mam Vëlo fuere kann, fir an d'Duerf oder op Ribeschpont erof. Bon, bei der Schoul Ribeschpont, do hate mir d'lescht Joer e Sécherheetsproblem mat Autoen, déi schnell erofgefuert sinn, an ech weess net wat mir do maache kënne fir do eemol unzegräifen an déi Strooss villäicht zäitlech ze limitéieren oder ewechzehuelen, ob mir dat iwwerhaupt dierfen, well ëmmer wa mir eppes proposéieren, kréie mir ëmmer gesot, dass Ponts et Chaussées Nee seet an ech denken, dass mir an der Positioun sinn, wou mir ëmmer fuerderen, dann hält d'Claudia Dall'Agnol déi Saachen op an da vu Ponts et Chaussées den Nee gesot kritt wat e bësse schued ass, ech denken awer et muss een dru bleiwen um Ball a verschidde Saachen ëmmer rëm fuerderen a widderhuelen an notament och wa mir mat Associatiounen ewéi "Vëlo Diddeleng" hei zu Diddeleng, déi hunn awer vill Pöids huet, och national, op déi Leit gëtt och gelauschtert an ech denken, dass dat en anert Ouer ass wéi wann een zu iergendenger Partei eppes seet.

Dofir fannen ech dat am Fong eng Iddi, déi zeréckzebehalen ass. Déi bëtongs Bléck, déi mir setzen, mécht mir e bësse Gedanken. Gëschter hunn ech mir schonn déi Fro gestallt, wat ass wann ee fält an d'Ambulanz muss kommen, wéi ass dat mat deene Bléck, wéi komme mir dann dohinner? Et wier flott wa mir de Vëlossummer e bësse géife verréckelen, wa mir do géifen eng Rentrée mam Vëlo maachen, dat wier eppes Neies an da kéinte mir och fuerderen, dass d'Kanner mam Vëlo an d'Schoul kënne fueren an dass mir dann och gezechent schéi Vëlosweeër maache bis bei d'Schoulen, well sou kéinten d'Kanner mam Vëlo an de Lycée fueren an dat ass vu Butschebuerg op engem séchere Wee net méiglech bis elo. Et ass esou e Puzzle zu Diddeleng. Mir setzen de Puzzle lues a lues zesummen, mä et sinn ëmmer esou Knackpunkten, wou et net méi geet an ech hunn de Méinden um Kaffisdësch mä Meedche gefrot, firwat fiers de net mam Vëlo an d'Schoul? Dat ass mir ze geféierlech, sot et. Do hunn ech mir geduecht, mä Butschebuerg, dat geet jo awer, mir ginn ëmmer ze Fouss, mä d'nächst Joer fir de Lycée, dat geet net.

Mir sinn de leschte Sonnden duerch Diddeleng gefuer, mir hunn e puer gutt a sécher Plazen, wou s de gutt mam Vëlo kanns fueren, mä fir bis bei de Skaterpark ze goen an da bis bei d'Haardt, dat geet gutt mam Vëlo awer dann huet een erëm esou Puzzlestécker dotëscht, déi feelen, wou s de sees, oh hei ass et awer geféierlech. Wann s de zum Beispill laanscht de Match fiers, do verléiert een sech e bësse um Vëloswee an do - denken ech - muss een nach vill dru schaffen. Awer fir esou eng Rentrée ze maache mam Vëlo, mir hunn dat an eiser Fraktioun diskutéiert, am Fong wier dat eng gutt Iddi well de 15. September bis an den Oktober eran ass d'Wieder meeschtens gutt, et ass hell dobaussen a wann ee bis dran ass fir de Vëlo ze huelen, da fiert een och méi oft erëm mam Vëlo, da brauche mir eis och net

iwwer déi Elteren opzereegen, déi hir Kanner mam Auto an d'Schoul féieren, well eng flott Alternativ do ass.

Dat waren e puer Alternativen, déi mir wollte proposéieren. Dann hunn ech natierlech och eraushéieren, dass mir d'Terrasse kënne méi grouss maachen, dat hat ech am Budget scho gesot gehat, mat deene Pop-up Terrassen, wat ech do proposéiert hat, dat kënnt jo schonn e bëssen an déi Richtung, ech denken, wann een esou Saache fërdert, dat huet dann awer e bëssen eppes a sech. Do kënnt eppes eriwuer. Dat war et wat ech ze soen hat, wann nach een eppes well bäifügen, kann en dat gär maachen, mä dat war meng Iddi, virun allem mat där Rentrée mam Vélo. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Martini.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, den Här Martini schwätzt mir aus dem Häerz, en huet villes gesot wat ech och denken. Et gëtt jo national eng Initiativ mam Vélo op d'Schaff an an d'Schoul, déi leeft zwar ëmmer ëm dës Zäit un, dat gëtt et an dat kann een duerchaus fërderen, mä wien hält do d'Initiativ? Dat misst dann och vläit vun de Schoulen ausgoen. A fir d'Rentrée ass et ëmmer schwierig well jo da Kanner erëm nei an d'Schoul kommen. Et ass eng Iddi, mä et kéint een et jo och elo och zum Beispill maache wann d'Wieder erëm gutt gëtt. Zum Vélosommer, mir stëmmen dee mat well mir dat gutt fannen, dass de Schännerot déi Initiativ ënnerstëtzt. Ëmmer méi Leit, grouss a kleng, al a jonk sinn um Drotiesel ënnerwee am ganze Land an den Drock ass grouss fir déi Gemengeverantwortlech, fir esou vill wéi méiglech an esou sécher wéi méiglech Weeër z'amenagéieren, ouni dann eben déi Puzzlestécker, déi feelen.

Mir kruten dat ganz jo och an der Verkéierskommissioun virgestallt, Merci dofir. Schued, dass déi grenziwwerschreidend Propos mat der Gemeng Zouffngen net vum Ministère zeréckbehale ginn ass, dat wier dach emol eppes Neies gewiescht. D'Rue Ribeschpont ass e ganz flotte Véloswee, awer och fir Foussgänger a béid Richtungen, et gehéiert och zu engem Sentier vun der CFL. Leider kann ee wierklech do nëmme goe wann e gespaart ass well duerch déi Kéieren ass dat ganz enk an net iwwersichtlech. D'Rue Madame Mayrisch de Saint Hubert ass dës Kéier och erëm dobäi, ech hat verstanen, dat wier en Deel vum Vélosommer mä anscheinend awer dann net, mä mir hoffen, dass et dann dës Kéier besser funktionéiert op där anerer Stroossesäit wéi d'lescht Joer. Et ass natierlech duerch déi Inseln, déi do sinn, net ideal. Hei missten effektiv baulech Moosnamen ënnerholl ginn, déi e Wee fir de Vélo duerch d'Insel opmaachen, also dat misst awer baulech méiglech sinn, da wier dat och e bëssen ofgetrennt.

An dat soll jo dann och eng definitiv Verbindung tëschent der Le'h a Lenkeschlei sinn, wann dat dann elo dëst Joer klappt. Wat natierlech gutt wier. Am meeschten Diskussiounen hate mir an eiser Lokalsektioun iwwer den Zentrum. D'Nouvelle, datt hei just vu 14.00 Auer un de Vélosommer géif funktionéieren an net wéi d'lescht Joer e ganze Mount duerchgehend gespaart ass, huet eis zimmlech enttäuscht.

Mir haten op jiddwer Fall ganz vill positive Feedback iwwer den autofräien Zentrum am leschte Summer. Datt den autofräien Zentrum schold dru wier, dass de Commerce et méi schwierig hätt, krute mir an der Verkéierskommissioun ze héieren. Bon, et ass ëmmer einfach, dat esou ze generaliséieren, ech fannen, dat misst een awer och e bësse relativéieren. Mir dréinen eis do e bëssen am Krees. Ass dat wierklech esou? De Commerce an de Stied huet et iwwerall schwéier, esou zimmlech an all Stad an och an anere Länner awer éischter duerch déi grouss Konkurrenz vum Internet an Online Shopping an duerch Shoppingzentere wou d'Leit da léiwer hifueren.

Mëttlerweil gi vill Stied op de Wee, ëmzedenken an et kann een och am Internet Beispiller a seriös Artikelen fannen, dass de Commerce esouguer besser funktionéiert an enger attraktiver, an dat hu mir jo – eis Niddeschgaass ass jo attraktiv - an enger attraktiver fir de Mënsch amenagéierter Geschäftsstrooss ouni Parkplazen, ouni Ofgasen an ouni musse permanent op Autoen opzepassen. Ech halen elo net erëm e Plaidoyer fir d'Foussgängerzon, dat hu mir oft genuch gemaach. Ganz schued fanne mir awer, dass net wéinstens wéi samschdes ab 12.00 Auer gespaart gëtt fir dass d'Restauratioun mat den Terrassen dovun profitéiere kéint. Dat wier dann och méi eenheetlech mat den Auerzäiten.

Nei dëst Joer ass Pop-up-Lane, déi och richtig ofgetrennt soll gi mat Backen, hunn ech mir soe gelooss, an esou ass et méiglech, vun der Rue de la Libération bis - an dat hunn ech elo net richtig verstanen, bis wouhin ... bis bei de Café Vagabond oder bis bei de Café Safe? - och am Sens inverse ze fueren an dat soll och esou dee ganze Mount bestoe bleiwen an dat fanne mir wierklech ganz gutt. Mir sinn och gespaant wéi dat ausgesäit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Heinen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert, ech ka mech villem uschléissen, wat scho gesot ginn ass, och wann ech mech da weider widderhuele muss ech och dat soen, wat d'Madame Heinen gesot huet, ouni laang drop anzegoen. Natierlech sinn déi Léng och fir eng Foussgängerzon a mir hoffen alt ëmmer erëm, dass duerch dës temporär Ännerung de Goût an d'Loscht op méi kommen, d'Hoffnung gëtt ee jo ni op, an et ass wierklech schuet, dass et elo just vu 14.00 Auer un ass. Dat ass eigentlech ze bedauern, mä jo, et muss een ëmmer zwou Säiten huelen, déi eng hunn et léiwer esou, déi aner hunn et léiwer esou, a ganz zefridde mécht een ni jiddereen a ville Saachen. Am groussen ganze Begrësse mir dës Initiativ natierlech ausdrécklech, et ass wichteg a gutt, dass d'Foussgänger an d'Cycliste méi an de Mëttelpunkt gesat ginn an den Auto op verschidde Plazen net méi bevirdelegt gëtt an ech mengen, d'Leit kréien einfach méi ëffentleche Raum zur Verfügung an dat ass gutt esou, och wann et nëmme fir ee Mount ass, sou kann een awer do Saachen ausprobéieren, wou vläit awer herno dozou leeden, méi definitiv ze ginn. Mir stëmmen dat natierlech mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Erpelding. Madame Kohn.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, ech vertriebe jo haut e bëssen den Här Clement, dat heescht, fir d'éischt wëll ech mol just nach soen, dass ech et schuet fannen, dass mir eigentlech déi Diskussiounen, déi an der Verkéierskommissioun gefouert ginn, erëm a Fro stellen. Déi Verkéierskommissioun, déi ass jo representativ zesummegevat, do sinn all d'Parteie vertrueden, do gëtt ausdiskutiert, do ass Plaz a Raum fir an den Detail ze goe vun esou engem Projet, dofir fannen ech dat elo e bësse schuet. Dat hätt de Kolleg Alain Clement warscheinlech och esou gesot, mä op där anerer Säit mengen ech, ass et och wichteg - dat kënnt och ëmmer méi aus der Moud, mä dass mir eis ëmmer erëm d'Welt ukucken duerch eise Brëll. Wa mir elo Vëlofuerer sinn, da muss d'ganz Welt sech deem upassen, wa mir Geschäftsleit sinn, da mussen sech déi ganz Leit deem upassen. Wat awer elo wichteg ass, dat ass, dass een e bëssen empathesch ass an dass een, ech schwätze jo hei net dauernd vun décke Geschäftsleit, mä och Geschäftsleit kämpfen ëm hiert Iwwerliewen an dat ass hiert deeglecht Brout, si hunn et schon net einfach, dat hu mir elo grad och héieren, dat gëtt och allgemeng gesot, dann awer wann et ëm e Kompromëss geet, da doe mer eis all ganz schwéier domat.

Firwat also elo net kucken, fir dass mir hei eppes fannen, wou sech jiddereen dran erëmfënnt, wou mir - mengen ech - alleguete kënnen domadder liewen a wa mir hei vu Foussgängerzon schwätzen, wa mir eng Kéier alleguerten domadder d'accord wieren an alleguer déi Besoinen, déi mir hunn, Satisfaktioun kréien, dat ass vis-à-vis vun de Geschäftsleit, och do ass dës Gemeingemeinschaft bestreift fir empathesch ze sinn an op jiddereen duerzegoen an ze soen, OK, mir wëllen lech awer och elo net elo Äert Brout huelen. Dofir ginn do ganz vill Diskussiounen gefouert. Den Alain Clement, deen ass an der Verkéierskommissioun, deen ass am SUMP awer och de President vum Geschäftsverband an an dëser Fonctioun ass hien all Dag ënnerwee fir mat de Leit um Terrain ze diskutieren an hinnen nozelauschteren a fir do mat der Gemeng och alt erëm e Kompromëss ze fannen, wou mir eis alleguerten erëmfannen an dat heien ass awer eppes, wat um Dësch läit, dat ass an der Verkéierskommissioun diskutiert ginn, do setzen alleguerten d'Parteien dran an ech mengen, dat ass esou guttgeheescht ze ginn an ech mengen, deem kéinte mir eis awer uschlëssen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kohn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech wollt kuerz drop reagieren. Jo, dat ass an der Verkéierskommissioun diskutiert ginn, et ass awer net jiddereen hei, deen an der Verkéierskommissioun ass an et denkt ee jo awer och emol doriwwer no an da kann ee jo sécher nach eemol am Gemengerot dozou Stellung huelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Heinen. Weider Stellungnamen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, éier ech d'Wuert un eis Techniker weidergi fir déi méi technesch Froen. De Claude Martini sot, et kéinte vläit Diskussiounen ginn iwwer d'Ribeschnonter Strooss, do hate mir d'lescht Joer keng Diskussiounen oder zumindest sinn se net bis bei mech komm et huet op alle Fall do keen sech beschwéiert. Déi eenzeg Diskussiounen, déi mir wierklech haten, dat war wéinst de Liwwerungen an datt Leit, déi an der Niddeschgaass wunnen, net bäikomm sinn. Dofir hu mer déi Auerzäiten och geännert. Dat anert, ech mengen do hutt Dir lech e bësse selwer d'Äntwert ginn, vun deem Ribeschnonter Wee. Ass en nätzlech oder net? Am Moment ass en nätzlech well do jiddereen duerchfiert a wann en net do wier, géifen si en anere Wee fannen.

D'Vitesse, déi Diskussioun hate mir och hei, si wollten deemools d'Vitess esouguer op 90 Stonnekilometer loosse well et war ëmmer 90 Stonnekilometer, a mir hunn eis gro Hoer gezillt fir et iwwerhaupt op 50 Stonnekilometer erofzekerien a fir 30 Stonnekilometer war keng Diskussioun. Ech mengen, dat dote war de Maximum wou mir erausgeschloen hunn, wou mir iwwer d'Verkéiersreglement, also dat globaalt Verkéiersreglement, fir Diddeleng diskutiert hunn an Dir wësst, wéi laang déi Diskussiounen do stattfonnt hunn an si sinn erofkomm fir d'Plazen ze kucken, sou dass dat de Maximum, ass wou mir ausgehandelt kruten. Et muss een natierlech soen, et kann een all puer Joer erëm eng Kéier e Brëf schreiwen an se drun erënneren, mä sou laang wéi déi selwecht Leit do setzen, kréie mir warscheinlech och déi nämlech Äntwert.

De Vëlossummer a Vëlosrentrée ëmwandelen, dat sinn zwou erlee Saachen. De Vëlossummer ass en nationale Projet, ech mengen och net, datt mir dorunner direkt kënnen d'Vëlosrentrée hanken. Mir hu jo déi nammlechte Zäit, wou d'Rentrée ass, ass och d'Mobilitéitswoch an do muss ee kucken ob mir an deem Kader, an där Woch net kënnen, villäicht net bei all Schoul well dat kréie mer net méi hin, kucken op verschidde Plazen dat doten ze organisieren. Et ass gesot gi vun der Madame Heinen, mam Vëlo op d'Schaff, mam Vëlo an d'Schoul dat ass ëmmer am Fréijoer ob dat elo eng besser Zäit ass fir Schüler, dat kann ech elo net beurteilen. Mä et kann een dat ganz opgräfen an eis Schoulen dorobber sensibiliséieren ob se do wëilten d'nächst Joer eppes an deem Kader organisieren.

Den Här Martini sot et och an d'Madame Heinen och, eis Vëlosweeër dat ass e Puzzle. Jo, dat Wuert hunn ech och gebraucht. Mir probieren iwwerall do wou et geet eppes fir de Vëlo ze maachen a mir probieren iwwerall do wou et geet, déi Puzzlestécker och esou séier wéi méiglech ze verbannen. Et ass einfach esou an ech widderhuelen dat all Kéier hei an ech widderhuelen et och an der Verkéierskommissioun: Mir hunn e puer Knackpunkten, fir déi et momentan nach keng Léisung gëtt, wou et awer spéider wäert eng Léisung ginn, wann zum Beispill de Shared Space wäert fäerdeg sinn.

Dir wësst, ee Problem ass zum Beispill d'Gemengeplaz, dat sinn alles Saache wou déi Puzzlestécker net kuerzfristeg kënnen realiséiert ginn, mä wou mir dru schaffen

a wou mir just mëttelfristeg matenee kënne verbannen. Zum Beispill och d'Rue Madame Mayrisch de St. Hubert, dat wat ech gesot hunn, dat ass effektiv en Deel vum Vëlosummer a wann dat gutt ukënnst an dat funktionéiert, kënne mir doriwwer nodenke fir do eng definitiv Vëlospist hinzemaachen. Dir hutt och gesot, do misst een déi Inseln an der Mëtt villäicht splécke fir dass do de Vëlofuerer duerchkënnst, dat ass och mol erëm eemol e Stéck vum Puzzle. Ech mengen déi St. Mayrisch déi wäert jo net ad eternum esou gestalt sinn ewéi se elo ass an ech mengen, spéitstens wann déi eemol frëschgemaach gëtt an ëmgebaut gëtt dann ass de Moment komm fir se esou ze amenagéieren dass se nach méi verkéiersberouegt ass wéi elo mat den Inseln an och nach méi vëlosfrëndlech ass.

Dann zu den Terrassen. Och d'lescht Joer hätte verschidden Terrassen sech kéinte vergréisseren, et waren der awer net vill, déi dovunner profitéiert hunn, dat mag zesummen hänke mam Wieder, dat muss awer net well et waren och Deeg wou gutt Wieder war an si hunn se awer net vergréissert, sou dass mir hoffen, A - dass si dat dëst Joer maachen a B – dass och gutt Wieder ass.

Zu den Auerzäiten: Mir hunn déi Diskussioun gefouert an der Verkéierskommissioun a mir hunn se elo hei gefouert, et ass jo net esou, dass de Vëlo de Rescht vun der Zäit net dierf duerch d'Niddeschgaass fueren. D'Niddeschgaass bleift och moies bis 14.00 Auer e Shared Space, dat heescht, och moies kënnen do Vëloen natierlech duerchfueren. Mir kënnen – wéi d'Madame Erpelding sot - net jiddereen zefridde stellen, mä mir müssen awer kucken op d'Doleancë vun den Awunner a vun der Geschäftswelt anzegoen an e Maximum fir jiddereen do erauszeschloen. An dee Kompromëss, de Maximum, dee mir elo erausgeschloen hunn a wou mir och mengen, datt et sënnvoll wier fir datt keen zu Schued kënnt, weder Geschäftsleit, nach déi Leit, déi do wunnen an och d'Vëlofuerer, déi wéi gesot vu moies bis owes do kënnen derduerch fueren, dat ass eben deen, dass mir d'Auerzäite geännert hu fir dëst Joer.

Wéi gesot, mir kucken dat elo, wéi dat dëst Joer ukënnst ob mir manner Reklamatioune kréien, ob mir der iwwerhaupt kréien an da kënne mir gegebenefalls - wa mir d'nächst Joer dee Projet nach eemol maachen an de Ministère dat och erëm ausschreift - nach eemol op déi Doleancen agoen. Mir hunn ewéi gesot gekuckt fir alles ze maache fir dass mir eng Majoritéit vun de Leit zefriddestellen, och wa mir wëssen, dass dat schwéier ass. An da waren nach e puer Froen technescher Natur.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION, STAD DIDDELING): Da fänken ech vun hannen no vir un: Also, d'Pop-Up-Lane geet vun der Rue de la Libération iwwer d'Gemegeplaz bis bei de Café Joker a vun do op d'Place Kinnen. Firwat net bis bei de Café Safe? Ma well do och moies d'Strooss op ass an do hu mir da Konflikter. Esou kënnen se propper op bis d'Place Kinnen fueren an da kommen se laanscht.

D'Rue Madame Mayrisch St. Hubert, et gouf jo vum Claudia Dall'Agnol scho richtig gesot, dass wa mir elo déi richtig Säit fonnt hunn an dat gutt ugehall gëtt,

da gëtt jo dann e Projet draus an da gëtt och mat den Inseln an der Strooss e Projet ausgeschafft, deen e Verkéiersprojet ass an deen och fir de Vëlo ass an deen sech deen net ëmmer muss mam Auto deelen. Dat heescht, warscheinlech leeft et dorop eraus, dass mir zwou separat Spueren hunn, eng fir de Vëlo an eng fir den Autosfuerer.

An dann nach d'Ribeschnonter Strooss mat de bëtongs Bléck, also dat ass och mam CGDIS beschwat ginn an do gouf gesot, si komme jo souwisou vun der Lëtzeburger Strooss eraus an da fueren si de falsche Wee d'Ribeschnonter Strooss erop well wann si eng Urgence hunn, kënnen si esou fueren, an och wann do ee géing falen, kommen si och do erop an si kommen op d'Plaz ouni müssen déi grouss bëtongs Bléck ze deplacéieren.

En plus ginn et nach zwee Weeër, wou een och vun de Säiten era kënnt, dat ass eng Kéier een, wann ee vun der Soibelkaul eropfiert, also aus der Näärtzenger Strooss Richtung Soibelkaul, do geet dee Feldwee eran, do kënnen si noutfalls och driwwer fueren an et gëtt och een, deen ass e bësse méi schlechte Wee, dat ass aus der Rue des Champs kann een do era fueren. D'Pompjeeë soen, wann Nout um Mann ass, kéinten si och iwwer dee Wee och erafueren, mä si hätte genuch Accès fir iwwer dee Wee eranzekomme falls do en Accident wier. Dat waren - mengen ech - allegueren d'Froen zum Vëlossummer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Soss keng weider Froe méi? Ech wollt nach just op ee Punkt agoen, deen en éischter generelle Charakter huet well d'Attraktivitéit vum Stadkär ugeschwat gouf vun der Madame Heinen an ech deelen do hir Aschätzung deelweis an deelweis och net. Fir d'Attraktivitéit vun engem Stadkär ass d'Viraussetzung mol eng volontaristesche Approchë ze hunn, déi zu enger Opwäertung vum Stadkär bäidréit. Déi maache mir hei jo am Gemengerot iwwer déi Diskussiounen, wou mir huelen a wou breet gedroe ginn, wat d'Ulounen an d'Verloune vun de Geschäftslokaler ugeet. Dat ass emol den éischte Punkt.

Den zweete Punkt ass, dass een en Invest mécht a modern Infrastrukturen am Stadkär an d'Ëmsetzung och an der drëtter Phas vum Shared Space ass ganz kloer eng volontaristesche Approche fir eng Modernisation vun den urbanen Infrastrukturen am Stadkär. An en drëtte Volet ass dann, wéi d'Ausleeung ass vun där Modernisation vun den Infrastrukturen an do ass effektiv de Shared Space, respektiv Dir sidd der Meinung do soll eng Foussgängerzon komme fir där Attraktivitéit Rechnung ze droen.

Ech mierken awer ëmmer méi bei de Gemengen, wou eng Foussgängerzon ass an et gëtt ëmmer méi och gesot an et mierkt een et och a Stied am Ausland, dass ganz kloer eng volontaristesche Approche do ass vun der Foussgängerzon eriwierzekommen an eng Mëschnotzung, dat heescht, och déi unilateral Approche, déi hei gesot gëtt, dass nëmmen eng Foussgängerzon zu der Attraktivitéit bäidréit, dat kann ech esou net soen, well et Erfahrungswärter ginn a well och de Constat gezu ginn ass an dat an eng aner Richtung geet.



Ech wollt dat hei awer nach kloer soen, fir dat Bild ze komplettéiere vun enger Ausriichtung, et ginn och aner Ausriichtungen an och aner Iwwerleeungen, déi am Raum sinn. Dëst gesot komme mir zum Vote vum Vélosommer 2022.

Wien ass mam Verkéiersreglement averstanen?
Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci.

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. APPROBATION VUM TAUSCHAKT MAT DER KOPPEL REMY BERCHEM A BEATA SZCZEPANIAK BETREFFEND D'GRONDSTÉCKSPARZELLEN "IN SCHEELECK " A " MENKESWIES "

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Do hu mir als éischt en Acte d'échange hei virleien, tëschent der Gemeng hei vertrueden duerch de Schäfferot an den Här Berchem an der Madame Szczepaniak. Do geet et do ëm puer Parzellen déi engersäits an der Rue Du Nord 31 Ar; 29 Zentiar an eng zweet Parzell vun 51 Zentiar eng drëtt Parzell vun 1 Ar 31 Zentiar eng véiert vun 1 Ar 35 Zentiar an eng fënneft Parzell vun 3 Ar 38 Zentiar an eng sechst Parzell vun 51 Zentiar also am ganzen 38 Ar an 35 Zentiar, déi am Echange geschat goufen op e Montant vun 191 750 Euro an effektiv sinn dat déi, déi mir als Gemeng brauchen, déi Terrainen, a mir ginn dem Här Berchem an der Madame Szczepaniak 2 Ar a 77 Zentiar, dat ass geschat ginn op 13 850 Euro an Differenz ass eng Zuel vun 191 750 Euro, déi mir hinne bezuelen, well effektiv mir méi Terrain kréien, wéi mir hinnen als Gemeng ginn.

Firwat brauche mir déi Terrainen? Dat ass virun allem wichteg, et geet hei an der Rue du Nord ëm de Bassin de rétention, dee mir vergréissere mussen, well deen effektiv haut zwar nach gutt ass mä awer u seng Lëmte kënnt an och d'Obligatioun besteet am Kader, do hate mir schonn eemol Diskussioun am Kader vum Budget, dass mir am Kader vun Neischmelz déi Obligatioun hunn, vum Waasserwirtschaftsamt, de Bassin de rétention ze vergréissere fir och déi Capacitéiten op ze huelen och dat war feste Bestanddeel ronderëm déi Etüd Neischmelz mat der AGE (Administration de Gestion de l'eau) an dofir maache mir hei engersäits déi Acquisitiounen vun deenen Terraine fir och hei dee Bassin de rétention kënnen ze vergréisseren; respektiv sinn och schonn an der Rue du Chemin de Fer, respektiv an der Rue de l'Étang jo och déi Aarbechte gemaach gi ronderëm d'Kanalisioun, fir och deem kënne

Rechnung ze droen, also am Fong eng Suite logique, déi hei stattfënnt, fir dass mir hei kënne viraussichtlech deem gerecht ginn, wat d'AGE eis och vun Obligatiounen ginn huet am Kader vun der Entwécklung vum Quartier Neischmelz. Dat war net onwichtig lech hei ze erklären, firwat mir déi Acquisitioun maachen, et huet also eng Utilité publique.

Ass de Gemengerot domadder averstanen?
Dat ass unanime. Merci.

3.2. APPROBATION VUM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER GESELLSCHAFT "WICKLER FRÈRES S.À.R.L." BETREFFEND EN TERRAIN OP "IN MOOREN"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Da komme mir och zu engem Acte de Cession gratuite, dat mat der Firma Wickler Frères S.à r.l. In Mooren, dat ass am Ribeschpont an dat gëtt gemaach tëschent der S. à r.l. Wickler, vertrueden duerch d'Madame Wickler, an der Gemeng. Dat si 5 Ar an 58 Zentiar, dat ass och eng Utilité publique fir déi mir hei stëmmen déi stattfënnt an dat war am Kader vun der Realisatioun vum PAP Ribeschpont, wou mir hei och dat nohuelen, wéi gesot d'Integratioun am Domaine communal am Kader vum Bassin de rétention, dee scho besteet. Hei globaliséiere mir d'Situatioun, dofir kréie mir déi Cession gratuite. Ass de Gemengerot domadder averstanen?
Dat ass unanime. Merci.

3.3. APPROBATION VUM VERKAFSAKT MAT DER MADAME MARYSE BERTEMES BETREFFEND ACKERLAND "BEI RIBESCHPONTERGRIECHT "

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Da komme mir zum drëtten Akt, dat ass en Acte de vente, do hate mir schonn eemol hei d'Diskussioun am Kader och vum Mengengatelier, wou mir Terraine musse kafe fir och d'Ëmsetzung vun eise Mengengatelieren. An do kafe mir en Terrain of bei der Madame Bertemes an dem Här Didier, dat ass am Kader vun der Extensioun vun de Mengengatelieren, dofir maache mir déi Acquisitioun, dat si 26,10 Ar, wou mir ofkafen, déi an enger BEP-Zon sinn an hei zu engem Montant vun 1 305 000 Euro an déi Terraine brauche mir fir d'Ëmsetzung vun der Extensioun vun eise Mengengatelieren also och am Kader vun enger Utilité publique. Dat zu deem doten Akt an de Prezisiounen, wat des Plaz ugeet, déi "Bei Ribeschpontergriecht" am Flouernumm heescht.

Ass de Gemengerot mat dem Akt averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci villmools.

3.4. AARBECHTE FIR D'MISE EN CONFORMITÉ VUN DER SCHOUL BRILL

3.4.1. *Approbatioun vum Devis betreffend d'Aarbechte fir d'Mise en conformité vun der Schoul Brill*

3.4.2. *Approbatioun vun engem Spezialkredit fir d'Etüden am Kader vun den Aarbechte fir d'Mise en conformité vun der Schoul Brill*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da gi mir op deem nächste Punkt iwwer, dat ass d'Mise en conformité vun der Schoul Brill. Mir hate virun enger décker Woch en informelle Gemengerot, wou mir am Detail konnten dee Projet erklären, haut dann och kënnen an der éffentlecher Sitzung dee maachen, dofir och vum Team 31, dee fir d'Ëmsetzung vum Projet chargéiert ass, de Steve Weiland begrüessen an och eisen zoustännege Service, de Joël Freitas an ech géif do och kuerz dem Josiane Di Bartolomeo Ries d'Wuert gi fir op de Projet anzegoen éier si am Detail op déi verschidden Enjeue vum Projet aginn. Merci.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES(LSAP): Villmools Merci Här Buergermeeschter, mir haten en informelle Gemenget, dat sote mir jo, fir d'Mise en conformité vun der Schoul Brill. Ech wëll awer nach kuerz eemol op déi Wichtigkeet vum Projet agoen. Virun zwee Joer hu mir am ganze Briller Schoulgebai Toilette frësch gemaach an do krute mir och en Avis vun der Sécurité an der Fonction publique, dass dat Gebai muss konform gemaach ginn. Si setzen do ni Delaien, mä mir hu gemengt, et wier wichtig, dat esou séier wéi méiglech ze maachen. Wat bedeit, dat natierlech gesitt Dir oder Dir hutt et presentéiert kritt, wat fir eng Envergure déi Aarbechten do an deem Gebai hunn. Déi Aarbechte kënnen och net wéi soss, wéi mir gewinnt sinn, an de Vakanze gemaach ginn, si gi wuel och an de Vakanze gemaach, mä si musse iwwer dat ganz Schouljoer an och an der Schoulzäit gemaach ginn. Do ass et villäicht esou, dass mir probéieren, de Gros oeuvre, alles dat wat Kaméidi mécht, dat wäert an de Vakanze gemaach ginn an alles dat wat awer normal Aarbechte sinn, déi ginn an der Schoulzäit gemaach.

Mir passen awer och do natierlech drop op, dass d'Liwwerungen net gemaach gi wann d'Kanner an d'Schoul ginn, wéi dat normalerweis ass, déi komme moies um 8.00 Auer mam Camion un, liwweren, do suerge mir dofir, dass dat an der Rei ass. Wat sinn déi wichtig Punkten? Dir hutt den Avis geschéckt kritt vum Patrick Bausch, wat fuerdert d'Sécurité dans la fonction publique? Dat sinn 32 Punkten, déi mir mussen erfëllen, ech mengen ech wëll elo net op se all agoen. Wichtig Punkte fir mech sinn awer, dass dat Gebai PMR-gerecht gëtt, dat heescht, mir setzen do e Lift eran an och de Wee fir an d'Gebai era selwer wäert mussen ëmgebaut ginn. Brandschutzdieren, Compartimentagen, Fluchtweeër, déi bis elo eraus op d'Strooss gaange sinn, wäerten an Zukunft an de Schoulhaff erausgoen. D'Lüftung um Späicher, wat och ëmmer eppes ass wat ganz wichtig ass.

Wichtig, an dat ass och en Deel, dee ganz wichtig ass, ass de Wifi duerch dat ganz Gebai, bis elo si mir

schlecht opgestallt am Briller Gebai well do keng Aarbechte konnte gemaach ginn, well d'Elektresch muss erneiert ginn an esou virun an esou weider. Interaktiv Tafelen, wéi an all Schoul am C4, Fernseher an och Saachen, déi gehéieren dann och do dran an och déi Enseignante kënnen da gutt schaffen an op de Wifi zeréckgräifen. Problemer während der Schoulzäit, mir probéieren, déi Klassen dann och an de Vakazen erauszehuelen, dass si Zäit hu fir eriwwe a Containeren ze goen.

De Stock vum Material, dat sinn och Saachen, déi gi jeeeweils op dem Stack selwer gemaach well mir all Kéier ee Stack nom anere maache kënnen mir ëmmer de Stock vum Material wat fir déi Aarbechte gebraucht gëtt, op deem Stack och stockéieren. Wat och kënnt an dat ass och wichtig, mir hunn am Keller een Deel, wou déi pedagogesch Kichen ass, deem ass scho konform, mä mir mussen och deem Deel, wou Veräiner sinn, dee muss och konform gemaach ginn, och mat Brandschutzdieren, och dat ass fir Veräiner, déi do am Brill sinn, ganz flott. De Chantier dauert, Dir wësst et, 2023-2024 soll e fäerdeg ginn, mir kruten och schonn erkläert, wéi dat soll goen, wou kommen d'Kanner hin. Mir fuere vum ieweschte Stack un erof mat deene Säll an d'Kanner kommen dann an déi Containeren, déi am Schoulhaff opgeriicht ginn, dat sollen aacht Container sinn, et ass een ze vill, et ginn der siwe gebraucht a mir hunn der awer aacht, et ass ee fir den Appui, also ee ka fir den Appui genotzt ginn oder och fir soss Saache während där ganzer Zäit.

Och déi Containeren, Dir wësst wat dat eis kascht, dat kascht och eng Partie Geld fir do déi Containeren ze kafen, ech mengen, dass dat awer ganz wichtig ass, en plus wäerten si eis, wa mir d'Schoul Balzeng bis ufänken eis och do bei deem Projet hëllefen. Ech wëll soen an dat ass mir extrem wichtig fir dat hei ze soen. Ech denken, dass d'Gemeng Diddeleng, déi investéiert net nëmmen an Neibaute wéi Lenkeschléi, Crèche oder Maison relais, mä mir hunn och all déi Zäit a Joren ëmmer dofir gesuergt, dass d'Bestandsgebaier, déi mir hunn, dass déi och gutt ënnerhale ginn an ech mengen, hei mat deem Budget, dee mir stëmmen, do setze mir och e Briller Gebai komplett an d'Rei an och do hunn se dann dat wat aner Gebaier elo schonn hunn. Also, fir eis ass et wichtig, dass all eis Schoulen an der Rei sinn, dofir ass hei dee Projet och extrem wichtig an ech hoffen, dass Dir dem Projet zoustëmmt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane. Ech géif dann dem Här Weyland vum Team 31, deem duerch de Projet féiert, d'Wuert ginn.

STEVE WEYLAND (TEAM 31): Merci, fir déi immens gutt Introductioun wann ech éierlech sinn, weess ech mol net wat ech hei nach méi soll soen, well dat war praktesch de komplette Resumé dovunner. Ech weisen lech dat awer unhand vu Biller eemol wat virdu gesot ginn ass. Et handelt sech effektiv ëm eng Mise en conformité, dat muss ee wëssen an et ass eigentlech dass mir eis konform setze par rapport zu engem Rapport vun der Sécurité dans la fonction publique, mir hunn do verschidden Oplage kritt. Mir hunn op där anerer Säit och Oplage kritt vu Sites et Monuments, déi hunn och verschidden Oplagen eis ginn, déi sinn och u verschide

Subside vun hirer Sait aus gebonnen, dat muss een och wëssen an et ass esou, dass mir eis musse konform setze par rapport zum neie Mobilitéitsgesetz, dat gëtt et seit Januar vun dësem Joer, de Règlement grand-ducal d'exécution ass nach net dobaussen, deen ass awer um Wee, dee kënnt, et sinn och verschidden Avis-de-texten, déi mir gelies hunn an déi sinn och an dee Projet hei mat integréiert ginn. Wat een elo hei gesäit op de Fotoen, dat si Fotoe vu bannendran, déi déi Situatioun relativ gutt beschreiwen.

Dir hutt och déi Säll wou Dir gutt gesitt op Ärer lénker Sait uewen, dat si Kllassesäll, déi sinn ënnert dem Daach, do komme mir eemol méi genau drop ze schwätzen an déi Foto riets direkt niewendrun, dat ass mat deene laange Gäng, dat sinn déi zwee Hauptmerkmaler vun der Schoul, déi mir ëmmer erëm gesinn. Ech ginn op de Plang hei, Dir gesitt uewen de Bestand an ënnen ass un sech dat wat mir draus maachen, fir lech dat elo e bësse méi am Detail ze soen an net ze vill Zäit ze investéieren doranner, mir hu verschidde Kllassesäll, déi sinn ënnert dem Daach, do hu mir eng Oplag kritt vun der Sécurité dans la fonction publique, dass déi Säll natierlech mussen entlëft ginn.

Dat betrëfft just déi Säll ënnert dem Daach, dat sinn der véier um ieweschte Stack, ëmmer zwee op all Sait an do ass et esou, dass mir do vun deem kleng Stockage, deen hannert de Säll am Moment ass, profitéiere fir do eng kleng Lüftungszentral ze installéieren an da kënne mir déi zwee Säll be- an entlëften, well déi jo keng Fënsteren hunn, mä just Veluxen. Dann ass et esou, dass am Moment déi Kllassesäll och net konform si par rapport zum Compartimentage faux, dat heescht, et ass esou, dass déi Säll no uewen hin un e falsche Plaffong déi ginn zum Daach hin ouni dass do eng Oftrennung ass. Dat heescht, dee ganze Plaffong muss erof geholl ginn an déi Säll mussen u sech de korrekte Resserrage kréien.

Dann, wéi scho gesot, mir maachen e Lift well am Moment ass keen an deem Gebai, dat heescht ee mat engem Rollstull kéint net erop- an erofkommen. Dann ass et esou, mir mussen iwwerall nei Brandschutzdiere setze fir Kompartimenter ze maachen, dat heescht am Moment sinn déi Kompartimenter net ginn, dat heescht och, dat war e grouse Punkt, wou mir eis musse konform setzen. An dann ass et och esou, dass mir keen Desenfumage am Gebai hunn, dat heescht, dat ass och net ginn an dat muss och gemaach ginn.

A schlussendlech krute mir nach eng Oplag och vun der Fonction publique, déi seet, mir musse Kllassesäll iwwer zwee méiglech Fluchtweeër evakuéiere kënne an dat ass haut och net esou ginn an dowéinst hu mir verschiddene Kllassesäll, wou mir Duerchbréch musse maache fir nei Fluchtweeër ze schafen. Fir dat eemol e bësse méi am Detail ze kucken, do ass dee Säll, déi zwee berüümte Kllassesäll ganz uewen ënnert dem Daach, wou eng nei Lüftungsanlag installéiert géif ginn, fir déi ze be- an entlëften, dat ass wierklech just fir déi zwee Kllassesäll, et ass keng Klimaanlage, et ass wierklech just eng Be- an Entlüftung fir dass mir e bessert Raumklima kréien.

Dat huet och fir d'Kanner e positiven Afloss, si wäerten einfach bannen dran e bessert Loftklima kréien. Dann ass et esou, Dir gesitt do op der rietser Sait dee falsche Plaffong, deen am Moment do ass, dee muss erausgeholl ginn an do muss dann och e Plafond coupe-feu gemaach ginn, deen duerch Brandfestegkeet sech ausmécht. Dann de Lift, do hu mir driwwer geschwat, deen ass esou ugeduecht, dass en all Stack vum Gebai desservéiert, sou dass d'Kanner vum Sous-sol aus dohinner kommen, wou och d'Kichen ass, bis erop op de leschte Stack ënnert dem Daach. Dann, op all Stack musse mir déi Trapenhaiser oftrennen, dat heescht, do muss e Compartimentage gemaach ginn an dofir mussen do iwwerall nei Brandschutzdiere installéiert ginn an zousätzlech mussen déi Fënsteren, déi an der Fassad sinn, mat Motoren équipiert ginn, fir dass do en Desenfumage vum Trapenhaus ka gemaach ginn.

Dann hu mir déi duebel Fluchtweeër, déi mir musse maachen, dat heescht, d'Kanner musse fir all Kllassesäll iwwer zwee Fluchtweeër kënne erauslafen aus dem Gebai, mir hunn also deen normale Wee iwwer de Couloir an direkt an d'Fluchttrapehaus oder mir mussen, wéi Dir uewe gesitt, bei deem Kllassesäll en Duerchbroch maache fir hinnen iwwer dee Kllassesäll an zweete Fluchtwee ze schafen, dat heescht, dass mir do net permanent eran- an erausginn, et ass just, dass am Brandfall eng zweet Fluchtméiglechkeet ginn ass. Dat doten hu mir u sech unhand vun deem Stack uewe symboliséiert, mä dat kënnt op all Stack e bëssen erëm an dee selwechte Prinzip ass eigentlech op all Stack, dat heescht um zweete Stack, um éischte Stack an um Rez-de-chaussée.

Dann ass et och esou, dass mir am Bausseraum eng zousätzlech Ramp schafen. Déi Ramp, déi am Moment vum Sous-sol op de Rez-de-chaussée geet, ass net konform par rapport zum Accessibilitéitsgesetz, dat heescht, déi muss verschidde Kritären erfëllen. Déi erfëllt se haut net an och do wäerte mir dann ëmbaue loosse. Mir hunn zwee ganz schéin al Beem am Schoulhaff stoen, déi wäerte mir bäibehalen a mir hunn eis och esou arrangéiert, dass mir déi Ramp, déi mir maachen, ronderëm déi zwee Beem maache fir dass déi Beem bestoe bleiwe kënne. Dann ass et esou, ee wichtige Punkt, dee mir an och hinnen um Häerz läit, ass de Point de rassemblement. Hei am Konzept war et esou, dass d'Kanner alleguerten um Rez-de-chaussée erauslafen an da wier de Point de rassemblement matten an der Strooss gewiescht. Dat ass da virun der Schoul, dat heescht am Brandfall sténgen d'Kanner alleguerten do an da wier och de Pompjeeswon komm, dat ass fir mech esou net an der Rei.

Dat heescht, mir hunn dann d'Decisioun geholl, dass mir d'Kanner ëmleeden duerch den hënneschte Schoulhaff a mir hunn dann e Point de rassemblement, deen am Schoulhaff elo ass. Si sinn also nach an hirem Enclos an och de Pompjeeswon ass dann net behënnert wann e bei d'Gebai fiert. Do ass méi am Detail dee Punkt. Hei ass ee vun de Beispiller, wou mir mat Sites et Monuments amgaange sinn, do ginn et ganz vill esou Beispiller a ganz verschiddener, do ass et esou, dass haut déi Handleef, déi am Gebai sinn, déi sinn net konform, déi hunn net déi néideg Héicht, déi hunn net den duebelen

Handlaf, dat heescht dee rouden Deel, wou Dir gesitt, ass eng Erhéijung vum Garde-corps fir dass mir konform sinn.

Mir kënnen en zweeten Handlaf maachen, een op Héicht vu 70 cm an een op 90 cm, dat fuerdert d'Gesetzgebung an dat gëtt alles mat Sites et Monuments separat ofgeschwat, well dat muss och hiren Aval kréien am Virfeld. Vum Planning hir ass et esou, dass mir - wéi et schonn ugedeit gouf - all Kéier Stack pro Stack wäerten déi Transformatiounen maachen, dat heescht, mir wäerten Ouschteren d'nächst Joer domadder starten an et ass esou, dass eng ganz Phas bis déi nächst Schoulvakanz wäert duerchgezu ginn, dat heescht, bis am November an am Sënn ass, dass een u sech ka vun der Schoulvakanz profitéiere fir d'Klassen erëm transitéieren ze loossen. Dat heescht, den ieweschte Stack gëtt fräiginn, d'Enseignantë kënnen dee Stack dann erëm occupéieren an de Stack ënnendrënner, dat heescht, mir fänke wéi gesot uewen um zweete Stack un an de Stamm vum éischte Stack, dee kann dann erëm an de Container goen a mir wäerte mat deem Stack dann esou weiderschaffen, dat dann erëm bis ëm Ouschteren 2024 fir dann déi drëtt Phas ze maache vun Ouschtere bis November 2024.

Elo gesitt dir, dass nach eng véiert Phas fir de Sous-sol ass, wann de Planning et hiergëtt - wat ech hoffen - ass et esou, dass mir déi Phas vum Sous-sol matmaachen an déi virzéie kënnen, fir dass mir da komplett fäerdeg wiere fir Enn des Joers 2024 souwuel mam Rez-de-chaussée wéi och mam ënneschte Stack fäerdeg sinn. Vun de Baukäschten hier hunn ech lech dat eemol e bëssen hei opgeschlësselt an dee ganzen Deel Technik, dee ganzen Deel Statik an dee ganze Volet vum Architect, dat heescht mir hu Baukäschten an Héicht vun 1,9 Milliounen Euro fir de Lot Ingenieur technique. Do fält op, dass aleng d'elektresch Installatioun 1,6 Milliounen Euro ausmécht. Do ass ze soen, dass de kompletten Elektresch am ganze Gebai frëschgemaach gëtt, dofir kommen déi relativ héich Käschten do op, par rapport zu aner Aarbechten, mir hunn eemol d'Luftungskäschten an dann hu mir e bësse Ventilatioun, wat nach dobäi kënnt.

Dann hu mir elo Ingénieur-Statique, déi anormal geréng ass an dat hänkt domadder zesummen, well mir vun der Statik hier wierklech just un déi Duerchbréch un de Mauere ginn an déi Duerchbréch duerch de Sall maache fir deen neie Lift. Et hänkt och domadder zesummen, dass déi Aarbechten, déi wierklech ganz vill Kaméidi maachen relativ e bësse méi kleng gehale ginn, et wäert net kee Kaméidi kommen, mä déi grouss Gros-oeuvres-Aarbechte sinn awer relativ ageschränkt. Da kënnt dee ganze Volet Architect vun 3,5 Milliounen Euro, deen u sech déi grouss Mise en conformité mat sech hält an do wäert och profitéiert gi fir da verschidde Reparatiounsaarbechten ze maachen, Entretiensaarbechten, och e bëssen Ustrach nach. Och wa mir net dat ganz Gebai usträichen, ass et awer esou, dass mir do verschidden Aarbechten, déi souwisou déi zwee, dräi nächst Joren ugestanen hätten, elo direkt matmaache fir net engem Utilisateur säi Gebai ze iwwerreechen an an zwee Joer erëmzekommen, elo gëss de erëm gestéiert duerch Aarbechten.

Mir kommen dann op total Baukäschten, inklusiv Imprevu, vu 6 Milliounen Euro ouni TVA, dat heescht mat den Honorairë fir Bureau-d'étudë vu 685 000 Euro, dat heescht, mir hunn e Budget total TTC inklusiv Honorairen inklusiv Frais de construction vu 7,8 Milliounen Euro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi dote Presentatioun. Joël Freitas, wollts Du nach op Punkten agoen?

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGBAIER): Ech wollt nach bäifügen, dass mir dee ganze Volet Asbestanalyse gemaach hunn an do eng sech Positiounen mat dobäi si fir déi Sanéierung matzemaachen, fir déi Asbestsanéierung ze maachen an an deem Kader och verschidden Positiounen mat dra sinn, wat mir u Gespréicher gefouert hu mat Sites et Monuments. Dat heescht wa mir am Klassesall d'Elektresch frëschmaachen, dann dee Moment och Sondagë maachen ass dann esou, dass mir en Ustrach vum ganze Klassesall mat maachen an och deelweis profitéiere fir déi al hëlze Biedem mat ofzeschläifen a mat frëschzemaachen, dat heescht dat sinn eenzel Positiounen, déi haut dra sinn a wou mir dann och vu Sites et Monuments Subsiden eropkréien. Dat heescht, mir hunn zu der Mise en conformité och verschidden Aarbechten, déi mir integréieren, ënnert anerem och wa mir elo de Gang kucken um Rez-de-chaussée an um éischte Stack, et ass esou, dass dat ganz Elektresch duerch de Gang féiert, déi nei Traçage, do gi mir hi fir an deen neie Plafong, dee mir drënner setzen, dann och en akustesche Plaffong integréiere fir einfach de Confort och ze verbesseren. Déi Saache sinn also mat gekuckt ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Joël Freitas an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, fir d'éischt Merci eise Servicer an och der Ekip vum Team 31, mir haten d'lescht Woch och d'Presentatioun vum Projet an engem informelle Gemengerot virgestallt kritt an dat war eng ganz flott Saach. Do konnt een och vill Detailfroen direkt stellen. Wat mir awer bedauert hunn dat ass, eréischt o Nofro vun der CSV krute mir réischt den Text vum Avis vum Service national de la sécurité dans la fonction publique zougestallt. Dat war e bësse schuet, well dat waren awer déi 35 Punkten oder 32 Punkten, wouropshin all déi Transformatiounen awer nach eemol op de Leescht geholl musse ginn, mir hätten eis do gewünscht, dass mir dat éischter kréien. Bon, mir hunn eis duerno och selwer beméit, dass mir de Règlement grand-ducal vun der Sécurité an der Fonction publique eis och ugëeegent hunn an dann och déi Saach dann och verglach hu mat dem wat do dra steet.

De Service national de la sécurité dans la fonction publique huet also elo en Avis favorable vun deem Projet vun der Mise en sécurité vum Gebai, mä et ass wéi Dir sot, et gëtt e ganz substanziellen Invest a mir hunn eis och verschidde Froe gestallt. Éischtens emol, während der Presentatioun vum Projet war déi éischt Fro, da gouf gesot, jo dat gëtt gefuerdert elo ass dann eis Fro gewiescht: Wat muss gemaach ginn? Wat soll gemaach ginn? A wat maache mir vun eis aus?

Dat ass jo och ganz wichteg an dat gesäit een nëmme wann een hei deen Avis virleien huet vum Service national de la sécurité dans la fonction publique. Da kommen ech zu deenen eenzele Punkten.

D'Fro vum Brandschutz ass erwäant ginn, dass mir do musse konform sinn. Bon, et muss een och soen, wat eng Batter Pëll ass, dat ass, dass mir eréischt am Budget 2021 85 000 Euro ausginn hu fir D'Détection incendie vun der Schoul Brill. Bon, dat ass dann eben esou, dass déi Sue verluer gaange sinn oder kann een déi nach recuperéieren? Dat ass eng Fro. Brandschutz ass eng wichteg Saach, Dir wësst et genau esou gutt wéi ech, déi Haaptgeforen, dass et zu engem Brand kënnt, dat ass e Sickerbrand an e Sickerbrand kënnt meeschtens vir wann Aarbechten an engem Gebai sinn. Ech sinn do e geschiedegt Kand wann ech drun erënneren, Profamilia virun 2- 3 Joer dat war och wéi am Gebai geschafft ginn ass wou mir praktesch e ganze Fillek vun der Profamilia verluer hunn un e Brand. Gott säi dank war do keen zu Schued komm, also just dofir meng Fro, ass et sécher wichteg dass d'Detektioun och während den Aarbechte garantéiert ass.

Dann ass meng Fro zu de Fluchtpunkten: Dir hat gesot gehat, de Point de rassemblement maacht dir elo an den Haff, mir wësse jo awer och, an den Haff kënnt elo e Container stoen; ass dat nach konform? Well d'Kanner müssen iwwersichtlech allegueren anzegesi sinn, et muss een se kënnen zielen an de Container hypothekéiert deen do net déi fräi Vue op d'Kanner?

Dann e Punkt, deen eis e bëssen um Häerz läit, dat ass déi Mise en conformité vun de Gelänneren, do heescht et, dass ee muss op 90 cm an op 70 cm en Handlaf hunn, virun allem wa Spillschoulskanner do sinn. Do ass meng Fro: Hätt een do net kënnen op de Wee goen - vu dass bei eis d'Spillschoulskanner just um Rez-de-chaussée hir Klassesäll hunn - dass een do hätt kënnen eng Derogatioun froen - well Dir wësst jo, e Gebai wéi et am Gesetz och steet, also am Règlement grand-ducal steet, et kann een eng Dispense froen am Artikel 1.5 virun allem fir Gebaier, déi virun der Mise en fonction vum Gesetz scho fonctionéiert hunn an dat war 1995, wann ech richteg informéiert hunn, do hätt een da kënnen eng Dispense froen. Do ass da meng Fro: Ass net iwwerluecht ginn, op de Wee ze goen, dass mir déi ganz Handleef, déi do sinn, dass een net och nach muss mat engem zweete Gelänner dat do e bësse verschamperléieren. Dat ass e bësse schuet.

Dann ass eng Fro och zum Artikel 15, wou do steet dass d'Conciergerie, also de Logement Concierge, dat gehéiert elo net dozou, do ass meng Fro: Wat maache mir elo domadder? Gëtt dat reafektéiert, gëtt dat integréiert? Well dat ënnersteet jo engem anere Règlement, dofir huet de Ministère sech dozou net geäussert mä wat hu mir wëlles mam Logement Concierge? Musse mir do och Aarbechte maachen? An dann d'Fro: Wéi ass et ugeduecht fir de Logement Concierge op länger Sicht ze reafektéieren? Et war ëmmer gesot ginn, mir ginn dovunner ewech, dass mir Conciergen a Gebaier wunne loosse. Mir hunn et jo op verschiddene Plaze scho gemaach, dass mir Conciergeswunnengen a soziale Wunnensbau, a sozial Logementer ëmfunktionéiert

hunn, dat ass eng Fro dann éischer un de Schäfferot. Dann nach den Artikel 22, dat ass och dat selwecht. Do ass d'Fro: Wéi ass et mat der Salle de gymnastique? Kommen do keng weider Saachen op eis duer? Ass do alles konform? Well dat gouf net virgestallt. An da kommen ech zum wichtige Punkt natierlech: Accès pour personnes à mobilité réduite. Natierlech ass et gutt, dass mir eis do konform maachen, dass mir e Lift abauen, ass keen Thema, well och wa mir elo - et muss ee jo och dorunner denken, dass et Kanner gëtt, déi net eng permanent Mobilité réduite hunn an dat hate mir schonn e puer Mol, dass Kanner mat engem gebrauchene Been hu missen erop humpele mat de Krätschen - dat ass keen Thema, dass do e Lift an d'Gebai kënnt.

Mä meng Fro ass awer, well dat e groussen Impakt huet wa mir eis op all Stack konform maachen, da musse mir op all Stack Toiletten och maachen, déi konform sinn, eng PMA-Toilette musse mer maachen, a meng Fro ass ob een net hätt kënnen op de Wee goen, dass een et wéi an anere Gebaier mécht, do kann een och eng Derogatioun froen, dass ee just ee Stack, zum Beispill just de Rez-de-chaussée hëlt a seet, hei wa mir Kanner hunn, déi eng permanent Mobilité réduite hunn, déi kommen an ee Klassesall? Ech kennen dat vun anere Schoulen, notament bei mengem Mann an der Schoul. S hunn e Kand och mat engem elektresche Rollstull an déi kruten eng Derogatioun, si hu gesot, mir maachen dat Kand an engem Sall, well d'Schoul Sainte Anne, dat ass eng Schoul mat villen ale Raimlechkeeten a si soten, mir garantéieren, dass mir zwee Klassesäll prett hale fir Kanner à mobilité réduite mat Kanner mat Accès, mat allem Drun und Dran an dann dréinen ebe d'Klassen dohinner.

Dat heescht, wann dat Kand am éischte Schouljoer ass, dann ass dee Sall fir dat éischt Schouljoer, wann d'Kand am zweete Schouljoer ass, dann ass dee Sall fir dat zweet Schouljoer an dann dréint dat esou weider. Dofir ass do meng Fro ob mir net hätt kënnen op dee Wee goe fir zum Beispill awer e bësse méi dat ze konzentrieren op een Areal, zumools an enger esou grousser Schoul? Dann, well et ass jo och esou, dass d'Sécherheet wa Feier ausbrécht e Kand mat Rollstull um zweete Stack sëtzt, fir dat erofzekeréien, dat ass net esou evident, dat ass dann och erëm sécherheitsbedéngt e bësse fraglech well de Lift dierf een dann och net benotzen a voilà, dat war eng kleng Pist, déi een hätt kënnen aschloen an do ass meng Fro ob Dir an déi Richtung och villäicht geduecht hutt? Wéi gesot, dat Derogatiounsgesetz, dat hätt ee villäicht nach kënnen och anescht notzen, zum Beispill och déi Cassurë vun de Mauere fir d'Säll all mat enger duebeler Sortie ze besetzen, dat ass och e bëssen onlogesch, well am Artikel 31 si verschidde Säll dann erausgeholl ginn, wou se gesot hunn, hei déi eenzel Säll do, do ass e Risque négligable, zum Beispill de Sall vun der Médecine scolaire, dee kritt eng Dispense, zwee Säll um Rez-de-chaussée kréien eng Dispense, do brauch dann op eng Kéier keng double voie d'issue ze sinn.

Do ass och meng Fro: Wéi ass dat méiglech, dass déi eng Säll, och den 201 zum Beispill, wéisou ginn déi eng Säll erausgeholl an anerer müssen dann awer déi double sortie maachen? Well et muss ee jo bedenken, domad-

der müsse mir zwöschent de Säll Mauere brieche, wat jo awer och en zimmlech groussen Invest awer gëtt.

Et wier och interessant gewiescht, dass mir och vläit de Courier vun eisen Demanden, ob déi dann elo ugeholl goufen oder net, dass mir dat villäicht och hätte kënne bei déi Paperassen dobäi kréien. Et ass elo just gesot ginn, den Avis vu Sites et Monuments, Dir sidd am Dialog mat deenen, mir krute gesot op eis Nofro vum Avis, dee wier nach net do. Elo ass meng Fro: Wat kann do nach dee Projet hypothekéieren? Oder a wéi eng Richtung erwaart Dir lech, dass do nach Reaktiounen kommen?

Da wollt ech awer och en allgemenge Statement maachen: D'Josiane Di Bartolomeo huet et scho gesot gehat, all Investor an eis Schoul si gutt Investor. Dat soe mir och ëmmer, mir gleewen och un de Benefice vu Quartierschoulen, dat ass fir eis och guer keng Fro a mir hunn eis awer e puer Froe gestallt: Éischtens emol den Timing vun der Mise en conformité vun alle Gebaier. Mir haten emol am Oktober 2019, dat ass och schonn eng Zäit hir, e Concept global, 2025 Sports et Education virgestallt kritt an do huet et geheescht, dat wier esou eng Guideline fir ze kucken, wéi mir d'Renovatiounen vun eise Schoule maachen, wéi mir do viru ginn. Do steet awer an deem Pabeier, d'Priorité absolue wier un der Schoul Balzeng an och um Ausbau vum Ribeschpont.

Ech hunn et schonn e puer Mol hei gefrot gehat, dass mir eis onbedéngt sollen zesummesetze fir och nach eemol esou en neie Concept global unzegoen an et gouf mir och zougeséichert. An der leschter Sitzung am Oktober 2021 do hat ech no deem Konzept gefrot an do huet et geheescht et géif an engem informelle Gemengerot erkläert ginn, wéi d'Renovatiounen vun de Schoulgebaier da soll viru goen, well et ass jo och esou, dass d'Renovatioun vu Balzeng zum Beispill, dat ass awer am PPF 2021 -2025 mat 20 Milliounen Euro ugesat, dat ass jo och kee Peanuts an ech muss awer och soen, déi Mise en conformité Brill, dat ass och eppes wat eis e bëssen aus heiterem Himmel op de Kapp gefall ass, well am PPF 2021 stoung nach guer näischt dovunner do an am Plan pluriannuel 2022 ware 6,4 Milliounen Euro ugesat gi fir déi Mise en conformité vum Brill. Elo si mir natierlech hei beim Invest vu 7,8 Milliounen Euro.

Dass ëmmer alles méi deier gëtt, dat ass jo och gewosst, mä et wier einfach wichteg, dass och mir Conseillere heibanne awer wéissten, wéi ugeduecht ass, wéi mir viru ginn. Mir sinn och absolut der Meenung, dass mir müssen d'Gebaier allegueren net nëmme konform maachen, mä och moderniséiere müssen, Installatioun vum Wifi, akustesche Plaffong, Lift, dat ass alles keen Thema, mä dat si jo awer och Investor, déi awer net negligéabel sinn. Mir hunn d'Schoul Gaffelt, do kënnt eng Remise en état vun der Enveloppe thermique vu 4 Milliounen Euro. Dir wësst, dass mir och scho viru ganz vill investéiert hunn an d'Gaffelter Schoul elo ass da meng Fro: Wéini kréie mir Balzeng virgestallt? Wéi geet et mat Ribeschpont weider? Wéi eng Prioritéit kënnt duerno?

Den Deich, do sëtzt den Appui op de Gäng, de Gymnase ass an engem lamentabelen Zoustand, mir maachen

eng Alfabétisation en français um Deich, wat eege Kllassesäll brauch. Wéi ass et zu Butschebuerg? Do hu mir eng Spillplaz installéiert oder e Vote gemaach fir e gudden Invest vu 450 000 Euro fir eng Spillplaz. Wa mir elo zum Beispill Butschebuerg renovéieren, wa mir do och müssen e Container an den Haff stellen iwwerangsweis, hypothekéiere mir dann do net deen Invest, deen och substanzuell ass?

Dofir géif ech et wichteg fannen, dass mir eis awer eemol esou séier wéi méiglech zesummesetzen an dann eemol kucken, dass mir wëssen, wéi den Timetable ass, wéi gi mir vir, wéi eng Mise-en-conformité stinn un an - wéi gesot - virun allem d'Urgence Balzeng, do müsse mir op de Stand gesat ginn. Mir sinn net immens frou wa mir dann e Projet - dat soll ëmmerhin 20 Milliounen Euro sinn - nees iergendwann hei virgestallt kréien an da solle mir deem just zoustëmmen, dat ass net OK. An et häng och ganz vill dorunner drun, well déi Projekte müsse jo och budgetiséiert ginn an dat muss ee jo och am A halen an do ass och am Gesetz virgesinn, am Artikel 1.25 steet, dass ee Gebaier kann "en fonction des compétences budgétaires" sanéieren, dat heescht, mir kréien elo net d'Messer op d'Broscht gesat, Du muss dat an zwee Joer maachen, mä en fonction des compétences budgétaires.

Dofir, dat ass ee Ganzt, dat ass e grousst Ganzt, do geet et ëm eis Investor. Wéi maache mir viru? Wësse mir - kee weess et - ob mir nach d'nächst Kéier och ëm 100 000 000 Euro Dotatiounen vum Stat kréien, déi mir kënne an eis Schoulen investéieren? D'Zukunft ass onsécher an dofir wiere mir immens frou wa mir eemol géifen d'Käpp zesumme stiechen an dann eng Kéier kucken, wéi mir konsequent eis Gebaier op de leschte Stand setzen. Dat fanne mir natierlech absolut wichteg mä mir géifen et begréissen, wa mir d'Käpp géingen zesumme stiechen an d'Léisung zesumme sichen an dat am Sënn vun der partizipativer Demokratie hei am Gemengerot kéinten duerchféieren. Voilà, dat waren e puer Punkten, déi ech awer hei nach wollt soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Kayser. Weider Stellungnamen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert an och Merci fir d'Presentatioun am informelle Gemengerot, wou mir och scho Froe konnte stellen. Mir kruten erkläert, dass duerch d'Gesetz vun der Sécurité dans la fonction publique des Mise en conformité néideg ass an och d'Gesetz vun der Mobilité réduite verschidde Mesurë verlaangt. Déi Gréng wäerten dësen Devis matstëmmen an och de Kredit fir dass déi Aarbechte kënne starten. Mir hunn awer nach e puer Froen an zwar ass elo am Fong guer net geschwat gi vun der energieetescher Sanéierung. Mir wëssen net, ass déi an der Rei an der Schoul Brill, alles wat Isolatioun ass oder Fotovoltaik.

Mir wëssen, et ass e geschützt Gebai, do ass net alles erlaabt mä zum Beispill fir déi Klassen, déi ënnert dem Daach sëtzen, do gëtt eng Ventilatioun gemaach do wier et och gutt, wann den Dach gutt isoléiert wier. Ass dat alles an der Rei? Ass dat nogekuckt ginn? Fir d'Waasserréier nozekucken dat hate mir jo schonn am informelle Gemengerot gefrot. Vum pedagogeschen

hier ass et interessant ze héieren dass duerch déi technesch Verännerunge fir en zweete Fluchtweg eng Verbindungsdier mam Appuissall niewendrun entsteet. Dat ganz Gebai gëtt et esouwäit Sites et Monuments et zouléisst, ästhetesch op Vierdermann bruecht, de multimediale Beräich gëtt op den neiste Stand gesat, eng besser Ventilatioun suergt fir e bessert Raumklima, alles dat dréit bestëmmt zu der Motivatioun bäi fir nach léiwer an d'Schoul ze goen oder Schoul ze halen.

Mir hunn awer do nach eng Fro gehat: Wéi gesäit et am Brill aus mat de Funktiounsraum, dat kënne mir jo elo vu Lenkeschléi, Musekssall, Bastelsall, Science Sall, Relaxatiounssall. D'Madame Ries huet elo gesot, dass do eng pedagogesch Kichen ass, mä ginn et do och nach aner Reim? Mir hunn eis och am Kader vun där Mise en conformité grad wéi elo schonn drop ugeschwat ginn ass, och gefrot, wéi et elo ausgesäit mat deenen anere Schoulgebaier? Deich, Strutzbierg, Butschebuerg, wéi steet et dann do ëm d'Mise en conformité an d'Mesure fir Personnes à mobilité réduite? Ginn et gesetzlech Delaien, wann dat nom Budget soll gemaach ginn, dat ass jo awer e Lastik. Kommen do nach an nächster Zäit gréisser Renovatiounen op d'Gemeng duer? D'Madame Ries hat virdru gesot, déi Gebaier wieren an der Rei. Ech war och kucken an dat Concept Dudelange 2025 Sports et Education, wat 2019 presentéiert ginn ass, do stoungen déi dräi Gebaier, déi ech elo gesot hunn: Deich, Strutzbierg a Butschebuerg bei Besoins de réinvestissement à moyen terme, dat heescht, sinn déi Transformatiounen dann elo scho gemaach ginn, déi déi zwee Gesetzer verlaangen?

Well mir hu jo elo an der Presentatioun héieren, am informelle Gemengerot, dass déi Container, déi elo an de Brill-Schoulhaff kommen, déi wäerten op d'mannst fir fénnef Joer do stoe bleiwen, well duerno kommen d'Kanner vu Balzeng dran. Dat heescht, esoulaang kënne mir do net drop zeréckgräifen, wann eng aner Schoul misst eng Mise en conformité gemaach kréien. An deem Konzept stoung och bei de Recommandatiounen, dass e Masterplang fir d'Schoul Neischmelz scho sollt gemaach ginn, well do kéint ee jo dann, wann den Deich muss renovéiert ginn, da kéinten déi Schüler vum Deich jo villäicht do dra goen, mä bon, dat ass awer nach net fir haut a muar. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madame Heinen. Weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, wann de Kolleg Henri Glesener nach hei wier, hätt hien hei e Statement zum Projet gemaach, dat war nämlech säin Dadda a säin Job. D'Diddelenger Gemeengeféierung huet säit jeehier Wäert dorop geluecht, dass all hir Gebaier technesch a sécherheetsméisseg op engem exzellenten Niveau sinn. All Joer fléissen zeg Dausende vun Euroen an den Entretien. Ech kann dat bezeien, vu dass ech ronn 35 Joer Sécherheitsdelegéierte fir d'Schoule war. Vun 1983 un huet eis Ekip, déi deemools aus 3 Schoulmeeschteren, déi d'Formatioun vum zu Sécherheitsdelegéierte gemaach haten, hiren Avis zu Sécherheitsfroen ginn an awer och ronderëm d'Schoul.

1995 ass den Henri Glesener als Delegué à la sécurité dans la fonction publique an der Gemeng agestellt ginn.

Soubal en neie Projet, respektiv Transformatiounsarbechte vun oder an enger Schoul oder Maison Relais an der Maach waren, hu mir de sécherheetstechnesche Volet zesummen analyséiert. Am Laf vun de Jore sinn d'Prozedure méi komplizéiert ginn. Sou hu mir an der Schoul Brill vum Service national vun der Sécherheet an der Fonction publique grad och vun de Renovatiounsarbechte vum Sanitaire virun zwee Joer en décke Pack Oplage octroyéiert kritt, déi onbedéngt ze verbessere sinn. Fir dierfen déi véier Klassenäim um Späicher weider ze notzen, müssen dës be- an entléift ginn duerch eng Lüftungsanlag déi am Späicher hannert dem Schoulsall gebaut muss ginn fir esou fir e bessert Raumklima ze suergen.

Da muss de Compartimentage och vun de Säim gemaach ginn an zwar ass et esou, dass all Klass 2 Fluchtweg-er muss hunn. Hei sollen Duerchbréch zwëschent de Säim erlaben, am Fall vun enger Dampentwécklung am Gang, dës ze ëmgoen. Sou Duerchbréch hu mir schonn um Deich an um Strutzbierg, grad wéi an eenzele Maison relaise gemaach. Dës Verbindungen zwëschent de Säim ware vum Personal gefrot ginn, fir besser a méi einfach kënne am Kader vum Teamteaching ze schaffen. Da muss de Compartimentage vun den Träpen iwwerschafft ginn, den Desenfumage, deen nach net am Gebai vorhande war, verlaangt den Neibau vun eenzele Fënsteren. Iwwerall gi Feiardieren agebaut.

Ech wollt nach e Wuert zu den Evakuatiounen soen, well do hu mir eng Oplag gehat fir all Joer Evakuatiounsübungen an de Schoulen ze maachen. Mir hunn dem Personal gesot, fir mat der Klass an de Schoulhaff ze goen. Ech war elo verwonnert, ze héieren, dass do ëmmer d'Kanner sollte virun d'Schoulgebaier goen, spréich zu der Rue Norbert Metz hin. Do sinn effektiv just nëmmen déi vum Rez-de-chaussée erausgaangen als Entlaaschtung, well déi aner Klasse vum 1. an 2. Stock zu de Säiten erausgaang sinn, wat net esou gutt gewiescht wier, well dat en décke Knuet gi wier.

Dofir hu mir ëmmer gesot, an de Schoulhaff a just déi vum Rez-de-chaussée sinn riicht erausgaange virun d'Dier a sinn da ronderëm gaange fir an den Haff ze kommen. Wann awer wierklech eng gréisser Gefor gewiescht wier, spréich Brand oder eng gréisser Dampentwécklung, war souwisou d'Uweisung, dass d'Kanner duerno vum Schoulhaff aus missten op de Stade Kennedy goen, fir de Pompjeeën aus de Féiss ze goen. Just nëmme fir ze soen, wéi dat ëmmer ofgelaf ass. Bon, am Gebai selwer nach müssen d'Gelänneren adaptéiert ginn. Vu dass mir an dësem Gebai, wou d'Sanitäre kierzlech erneiert goufen an Oplage vu Sites et Monuments kruten, sou verlaangen si hei, dass opgepasst gëtt, dass déi Héichtenupassung op 70 an 90 cm gemaach gëtt an dass de Stil bäigehale muss ginn.

Et gëtt a véier Phase vun uewen no ënnen erof geschafft, Stack fir Stack gëtt sanéiert, et gëtt also och profitéiert fir d'Elektresch ze erneieren an och de WIFI mat ze installéieren, Usträicheraarbechten ze maachen, kleng Reparaturen an- wéi de Joël Freitas och sot - den Asbest, deen awer Gott sei Dank gebonnen ass, och ze entsueren. An de Schoulvakanze soll d'Material, spréich Bänken, Still an de Stock vun deene betrefte-

ne Klasse geplënnert ginn. An der leschter Phase gëtt am Kader vum AccessibilitésGesetz vum dësem Joer e Lift gebaut vum Sous-sol aus, an deem och Säll sinn, déi benotzt ginn ewéi eng Léierkichen, an den Technik-sall. All Stack gëtt desservéiert. D'lescht Joer goufe schonn am Kader vum dësem Gesetz en Trapelift, wann ee vum Haff aus an d'Gebai kënnt, fir déi 4- 5 Träpen ze iwwerbrécken, installéiert. Voilà, do wou geschafft gëtt, gëtt et och Kaméidi, dat wësse mir. Méi grouss a méi kaméidiräich Aarbechte mussen an de Schoulvakanz an op fräi Nomëtteger geluecht ginn. Dat hu mir och an anere Gebaier erlieft, wou och méi grouss Transformatiounsaarbechte waren.

Sécherheet huet hire Präis, dat gesi mir, mä all Mesure, déi verhënnert, dass e Mënsch sech ka verletzen an am Eeschtfall Liewe ka retten, ass eng gutt Investitioun. Net ze vergiessen, dass de Buergermeeschter de Sécherheetsresponsabelen ass, net de Sécherheetsdelegierten, an am Fall wou eppes passéiert an de Mesurë vum SNSFP net Rechnung gedroe gi wier, muss de Buergermeeschter biergen. Dat wäert net déi lescht Mise en conformité sinn, mat där mir hei wäerten ze di kréien. Mir hunn nach där eeler Gebaier, wou Saachen net méi esou sinn, wéi se virun e puer Joer waren. Et ass ëmmer alles gemaach ginn, wat an der Zäit néideg war, mä d'Normen hu geännert, d'Material huet geännert an esou ass et komm, dass mir an eis Gebaier nach vill Sue musse pompelen. Eis Fraktioun ass selbstverständlech mat deem Projet averstanen a gëtt hir Approbatioun zu deenen zwee Kreditter, zum Crédit spécial an zum Devis fir dëse Projet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Zuang fir déi doten Zoustëmmung.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert, ech bleiwen elo bei der Schoul Brill bei deem Projet obwuel ech fannen, dass d'Froen a Bemierkunge vun de Kollee-ginnen CSV an déi Gréng duerchaus berechtegt sinn an dass ee wierklech do misst eng ganz Opstellung vun all de Schoulen an Diddeleng maachen, wat nach ze maachen ass. Mir haten dëse grousser Projet an engem informelle Gemengerot detailléiert virgestallt kritt a mir konnten do eis Froe stellen. Vill Saache konnten also schonn am Virfeld gekläert ginn, dat begréisst mir an dofir och e Merci un den Architektbüro an un eise Ma-taarbechter Joël Freitas. Et ass immens vill ze di bei dëser Mise en conformité, mä et muss gemaach ginn, éischtens well et ebe gesetzlech virgeschriwwen ass e ganze Koup Saachen a well et och einfach ëm d'Sécherheet vun de Kanner an dem Léierpersonal geet.

Et ass gutt a sënnvoll, dass elo do profitéiert gëtt fir verschidden Aarbechten ze maachen, déi awer och néideg wieren, elo geet et an engems, wéi um Beispill Elektresch a Wifi, et ass méi einfach, dat elo an engem grousser Chantier ze maachen, wéi dat elo nach eemol unzefänken. Et ass och sënnvoll, dass e Lift an d'Briller Schoul kënnt well dat muss esou sinn a mir si ganz d'accord, dass dee Lift och all Stack bedénkt, och den Niveau -1, wann e schonn do ass, da kann en dat ganz Gebai ofsécheren.

Den Devis ass zimmlech detailléiert, dat ass ze begréis-sen, et geet ëm ganz vill Suen, 7,8 Milliounen Euro, dat

ass schonn hefteg a wann ech ënnen um Devis liesen, dass de Präis ka bis zu 25% variéieren ... mir wëssen, et gëtt viles ëmmer méi deier an dat wäert bestëmmt net no ënne sinn. Bei där Variatioun do musse mir am schlimmste Fall mat bal am ganzen 9,8 Milliounen Euro rechnen, dann ass et nach eemol e ganze Batz méi. Bon, loosse mir eis iwwerraschen, mä wéi scho gesot, et muss sinn. Um Zäitplang steet an och deen ass an Etappe gerechent, woubäi e muss mat de Schoulvakanz-en iwwerenee stëmmen, dat wäert net evident ginn a mir froen eis dann awer: Wat ass wann et bei enger Etapp net opgeet? Wann déi Aarbechten, déi sollte fäerdeg si fir d'Vakanz, net fäerdeg sinn, gëtt da wärend der Schoulzäit geplënnert oder muss dann op déi nächst Vakanz gewaart ginn?

Dat ass eng pertinent Fro, et wäert op alle Fall sport-lech gi fir d'Organisatioun vum Chantier an de Aarbechten an dat ass nach méi wichteg wéi soss op anere Chantieren, well vill Kanner am Gebai sinn. Dat selwecht zielt fir d'Sécherheet well jo während engem groussen Deel vun der Zäit d'Kanner do sinn, net nëmmen am Gebai, mä um ganze Site. E ganz wichtige Rôle wäert dofir déi Persoun, déi fir d'Koordinatioun vun der Sécherheet vum Chantier zoustänneg ass, an e gudde Sécherheetsplang muss ausgeschafft ginn. Et wäert net evident fir d'Kanner ginn an och net fir d'Léierpersonal zu där Zäit, och wann déi Saachen, déi dee gréisste Kaméidi maachen, sollen ausserhalb vun der Schoulzäit gemaach ginn, sou wäert awer mat Sécherheet Kaméidi ufalen an dat ass ni evident fir ze léieren, mä bon, et ass net ze vermeiden.

Schuet ass et awer schonn, dass duerch d'Container vill Plaz am Schoulhaff verluer geet fir d'Kanner. Et ass gewosst, dass et scho kee schéinen a flotte Schoulhaff ass an dann iwwer sou eng laang Zäit och nach manner Plaz do ass, mä bon, et gëtt keng aner Méiglechkeet an da muss et esou sinn. D'Container bleiwe jo dann och nach no dësen Aarbechten nach stoe fir Klasse vu Balzeng - ass gesot ginn - dat heescht, et gëtt herno warscheinlech e Joergang Kanner, déi de Briller Schoulhaff net anescht kenne wéi mat deene Container do. Et bleift ze hoffen, dass duerno de Schoulhaff da schéin a kandgerecht gemaach gëtt an net méi muss fir Autoen zur Verfügung stoen. Mir stëmmen dee Projet hei mat, well en absolut néideg ass an och well e wichteg ass fir al Gebaier ze erhalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Thessy Erpelding. Weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hat just eppes vergiess, Pardon, ech hat nämlech elo nach eng Kéier gekuckt am Timetable vum Desamiantage, do steet net ganz kloer, dee maacht Dir an der Vakanz, huelen ech un, well dat jo awer eppes à risque ass, dass dat mam Stébs a mat allem drun und dran, dass do op alle Fall keng Kanner am Gebai sinn, wann deen Desamiantage gemaach gëtt. Wéini dat gemaach gëtt? Vlät dat just nach als Präzisounsfro. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, da géif ech d'Ronn vun de Froen ofschléissen, et

waren der eng ganz Rei an da ginn ech d'Wuert un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, respektiv un den Här Weiland an den Här Freitas fir déi technesch Explikatiounen.

STEVE WEYLAND (TEAM 31): Gutt, villmools Merci fir déi vill Froen, wat ëmmer flott ass, wann ee vill Froe kritt. Ech probéieren se alleguerten duerchzegoen, wann eppes felt, da sot mir roueg Bescheed. Ech wéilt direkt ufänke mam Budget vun 80 000 Euro, wou investéiert ginn ass fir. Neen, Neen, de Budget ass schonn investéiert ginn am Hibleck op déi Aarbechten, dat heescht, do ass un sech eng Centrale de détection d'incendie ageplangt ginn, dat heescht, den Här Freitas kann lech do méi genau nach Donnéeën ginn, mä dat war schonn an Hisiicht vun den Aarbechten, déi mir elo maachen, fir dass mir während den Embaumarbechten och konform sinn. Dat war den Hannergrond eigentlech vun dem Invest, dat ware keng ewechgeheite Suen, mä scho Suen am Virfeld fir d'Aarbecht.

Da kommen ech op dee Volet vun der Sécuritéit an der Fonction publique zeréck, do ass just ee Punkt. Dir hutt mir geschwat vun den Handleef an Héicht vu 70-90cm, dat ass fir all Stack a fir all Kand, dat heescht, an der Gesetzgebung steet ganz kloer, en duebelen Handlaf muss fir all Kand do sinn. Dat heescht, dee muss op zwou Säite sinn an den Trapenhaiser, dat steet esou an der Gesetzgebung. Dat heescht, et kann een net soen, dass just Spillschoulskanner um Rez-de-chaussée sinn an ech brauch keen zweeten Handlaf uwen, dat ass net esou, dat ass fir all Kand an all Alter, wou muss deen Handlaf an Héicht vu 70 cm an 90 cm virgesi ginn.

An der Zäit waren et dräi Héichten, dat ass richtig, dat war wéi mir nach an der Gesetzgebung vun der Maison relais mat dra waren, do war eng kuerz Period do, et muss een och wëssen, wann ech elo eng Maison relais hunn, da gräift och nach ITM zousätzlech. Hei si mir am rengen Schoulbau, do gräift haut nach just d'Sécurité dans la fonction publique an. Et ass ee Moment ginn, do war e Feeler bei der ITM, dat hunn se awer korrigéiert, déi haten nach eng drëtt Héicht Handlaf, dat gëtt et haut net méi, dat ass elo eriwwer.

Déi lescht 15 Joer bauen ech praktesch nëmme Schoulen an ech muss soen, wat haut d'Problematik ass, dat ass effektiv déi Gesetzgebung vun der Sécurité dans la fonction publique, déi ass et nach ëmmer ginn, mä et ass e Wiessel ginn an der Direktioun vun der Sécurité dans la fonction publique. Dir nickt mam Kapp an Dir wësst, wou ech wëll drop kommen: Et gëtt haut ganz kloer keng Derogatioun méi. D'Gesetzgebung ass do relativ knapp, mir hunn hei eng kritt well mir fir déi zwee ënnescht Klassenall an enger Situatioun sinn, wou et wierklech absolut net gaangen ass, mä d'Stellungnahm vun der Sécurité dans la fonction publique ass do vill méi streng ginn, wéi si et virdrun nach war, ënnert där aler Leedung an do ass et elo esou, et gëtt keng Derogatioun méi. Ech kann lech soen, mir leide genau esou wéi Dir dorënner a mir si genau esou onfrou iwwer déi Situatioun wéi Dir, aner Gemenge leiden dorënner an de Stat och, an ech hunn dee Problem do op e puer vu menge Schoulprojeten, also ech hu Problemer mat Schoulen, déi virun deem Gesetz ugefaangen hunn an elo am am Parachèvement oder am Bau sinn an all déi,

wou elo an der Planung sinn oder an der Emännierung sinn, do kréien ech ëmmer erëm gefrot wou ech d'Derogatioun kritt hunn. Wat mech och net arrangéiert.

Dat ass schwiereng an ech muss soen, hei hu mir eigentlech duerch déi Dieren, déi mir jo geschaf hunn zwëschent zum Beispill dem Appuissall an dem Léiersall, do sinn ech eigentlech och mat op de Wee gaangen, well ech fonnt hunn, da kann een och direkt e Lien zwëschent deenen zwee Säll schafen, wat u sech haut engem méi moderne Léierkonzept entsprécht wéi dat wat mir haut an deem ale Sall do kéinte maachen. Dofir war dat fir mech net onbedéngt en negative Punkt, och wann ech mech heiansdo froen ob dat doten elo ... – mir sinn eis all eens, et wäert kee Kand duerch en anere Klassenall lafen, dat wäert schonn dat Haapttrapehaus huelen - mä et ass esou gefuerdert vun der Gesetzgebung.

Et ass richtig, dass mir hei déi Handleef, déi mir musse méi héich maachen, dat ass am Fong déi dote Foto a mir sinn do am ganz enke Kontakt mat Sites et Monuments an dat doten ass ee kleng Punkt, där ginn et der e ganze Koup. Ech fannen, bei deem Handlaf do hu mir iergendwéi nach e Moyen fonnt fir dee besteende Garde-corps ze verschampeléiere mat iergendenger Tôle métallique, dat heescht, mir sinn do mat hinnen am permanente Kontakt, mir hunn en enken Echange fir do eng Solutioun ze fannen.

Ganz éierlech, ech kéint mir et einfach maachen an do einfach dee Garde-corps ewechhuelen an einfach eppes Modernes dohinner maachen an domadder hätte mir awer och kengem guttgedoen. Dat heescht, mir sinn do wierklech am Kontakt mat hinnen a wann Dir mech frot, wéi eng Repercussioun huet dat, dann ass et just, dass mir dat maache fir dass mir eigentlech déi Saachen och subventionéiert kréie vun hinnen. Doréms geet et. Dat heescht, andeems mir hir lwwerleeunge matdroen, kréie mir do och Subventiounen fir déi Elementer, wou mir embauen a wou mir mat hinnen a Kontakt sinn. Ech mengen, dee Punkt vum Logement Concierge, do loosse ech herno den Här Freitas driwwer schwätzen, do sinn ech net direkt concernéiert an déi Saach mam Lift a mat der Accessibilitéit fir Personnes à mobilité réduite, Jo, richtig, dat ass méiglech, ech fannen awer, wann ech elo Léierpersonal wier, wann ech elo misst während dem Joer e Kand an eng aner Klass ginn, während 2 oder 3 Méint, well et mécht och fir d'Léierpersonal zimmlech vill Emstrukturéierung an hirem Plang.

Mir hunn hei eigentlech eng Méiglechkeet, wou mir awer kënnen all Stack desservéieren, dat ass e Confort fir d'Kanner. Ech gesinn et haut als Confort, dee mir hinne kéinte ginn an ech géif et ongutt fannen, wa mir just op ee Stack dee géife ginn, dofir, mir hunn elo d'Méiglechkeet, mir maachen eppes, mir maachen eppes fir d'Zukunft, et ass gefrot, also an deem Sënn ass et fir mech normal, dass mir all Stack desservéieren an ech weess elo net, wa mir elo ee Stack ewechloossen, da mécht dat dee Projet net vill vill méi bëlle a mir hunn en zousätzleche Confort.

Dann den Timing, et ass d'Fro gefall, wat ass mam Timing? Mir hunn eis méi Zäit gelooss, wéi mir bräichte

fir déi eenzel Phasen, dat heescht, mir hu schonn do e gewëssene Puffer mat agebaut fir dass mir net an déi Situatioun do erafalen. Dat hält eis awer net dovunner of, dass mir wierklech permanent de Planning do am Kapp behale mussen an dass mir d'Penaliteiten, déi wann d'Aarbechten net gemaach ginn an der Zäit, och relativ héichhalen, wat net onbedéngt ëmmer eng Entreprise och dovunner ofhält fir d'Aarbechten ze maachen, mä et ass kloer, dass mir zimmlech enk do musen iwwer de Planning kucken an hinnen eigentlech och vun der éischter Reunioun u ganz kloer soen, wat d'Ziler waren an dass mir och tëschent den Etappen an deem Ziel do festleeën.

Dat heescht, mir soen net nëmmen, Du muss fäerdeg sinn do an do, mä mir mussen hinnen och Tëschenziler ginn, wou mir gärén hätten, dass se och do an do fäerdeg sinn. A wa mir gesinn, dass se en Tëschenzil an esou enger Phas net erfëllen, da wäerte mir do direkt agräifen a soen, elo musst Dir déi néideg Mesuren ergäife fir dat Tëschenzil opzegräifen. Dat ass dat eenzeg, wat mir kënne maache fir dat am A ze behalen. Et ass sportlech, Jo, et ass e bësse méi Zäit gerechent ginn an et ass en enke Suivi, dee mir musse maachen. En permanence.

Energetesch Sanéierung, Neen, et ass awer esou, dass effektiv bei deem Deel, wou den Daach ass, do ass et esou, dass mir do direkt och déi néideg Déckte vun der Isolatioun wäerte virgesi fir och - well d'Gesetzgebung huet do och geännert e bësse mat de Subside elo viru kuerzem - dat heescht, och do ass et esou, dass mir do konform si mat deem wat eigentlech am Moment ugeduecht ass vun der Gesetzgebung fir deem Deel wou mir direkt dru ginn.

Dann, de Point de fuite. Duerch déi ganz Mise en conformité hu mir elo d'Méiglechkeet fir déi Situatioun, wou mir en Deel vun de Kanner no vir hunn an en Deel vun de Kanner no hannen hunn, ewechzekréien an dass all-egueren d'Kanner no hanne beieneen an engem Stéck lafen, dass een dann net méi brauch mat de Kanner ronderëm ze goen, dat heescht, u sech ass dat fir mech och erëm eng Verbesserung vun der Qualitéit eigentlech. Dat heescht, et ass e gewëssene Confort, deem dobäi kënnt, dat heescht, d'Kanner bleiwen allegueren do. Et ass och esou, dass wa Container do stinn, dat ass nach ëmmer iwwersichtlech an et ass ëmmer nach Plaz genuch. De Schoulhaff ass och grouss genuch, och do si mir konform, dat heescht, dat ass och keng Entrave, mä elo kënne mir zousätzlech dobäi kommen, dass mir eigentlech allegueren d'Kanner beieneen op eng Plaz kréien. Ech mengen, ech sinn elo op all déi Froen agaangen, déi mech uginn, also den Artikel vun der Salle de gymnastique an dee vum Logement Concierge, do loossen ech den Här Freitas drop äntweren. Dat war - mengen ech - alles fir mech. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir dës Erklärungen, d'Wuert geet un de Joël Freitas.

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGBAIER): Fir op déi Punkten zeréckzekommen, wat de Logement Concierge an de Gymnase betrëfft,

et ass esou, dass mir am Kader vun deem Avis och e Rendez-vous hate mat der Sécurité dans la fonction publique an den Turnsall u sech, do hu mir gesot, dass mir ënner 50 Kanner bleiwen, esou dass mir do keng zweet Fluchtméiglechkeet brauchen a mir hunn och verschidde Mesuren iwwer déi lescht Joren um Confort vun deem Turnsall geschafft hunn, doranner ass investéiert ginn, sou dass mir de Prallschutz schonn am Viraus gemaach hunn, d'Beliichtung ass eng nei, déi ass d'lescht Joer ersat ginn, d'Brandmeldeanlag ass matgemaach ginn, sou dass do schonn am Viraus déi Saache gemaach goufen an dofir haut manner Aarbechten am Turnsall sinn. Et sinn zwar dëst Joer och verschidden eenzel Demandé mat Mobilier, Schief, Depoten, dat pake mir elo mat an am Entretiensberäich, wou dat gemaach gëtt.

Fir de Logement Concierge, do ass et esou, dass d'Portierswunneng eng Dier verbënnt zwëschent d'Schoul an der Conciergerie, mä en huet säin eegent Trapenhaus a wéi deemools den Dag gemaach ginn ass, dat sinn 20 Joer hir, do ass och déi Wunneng frësch gemaach ginn, mir hunn also och do dra gewësse Sécherheete mat dran, wéi déi Brandmeldeanlag, déi geet och an d'Wunneng eran. Do ass och en Deel Noutbeliichtung wat scho gemaach ass mir hunn do och u sech méi Sécherheet wéi eigentlech an engem Appartement esou üblech wier.

Wat elo de Chemin de fuite betrëfft, do ass et esou, dass en Deel vun de Kanner ass hannen eraus gaangen an een deel fir, dat war och eng Diskussioun mat der Fonction publique well eigentlech, wann d'Kanner vir erauskommen an si mussen herno ronderëm an de Schoulhaff hannenhi kommen, da misste mir an der Voie publique en Handlaf hunn, also dee ganze Wee ofsécheren an dat war u sech déi Diskussiounen, déi mir haten, wou mir gesot hunn, dat ass jo guer net realisabel an dofir d'Kanner dann an Zukunft no hannen ze evakuéieren, dat bréngt mat sech, dass mir um Enn vum Fluchtweg méi Branddiere musse installéieren an dann d'Kanner am selwechte Flux hannen erauskréien.

Wat de Lift betrëfft fir dass mir déi sämtlech Stäck alimentéieren, mir haten och an der Vergaangenheet schonn de Fall gehat, wou mir gesot hunn, OK, mir kënne jo och e Kand wat an engem Cycle 3 oder 4 ass, vum 2. Stack op de Rez-de-chaussée huelen, dat bréngt dann awer och Schwieregkeete mat sech, wat den Aménagement vun der Tafel ass. Dat heescht, da passt d'Tafel net, da muss déi erëm ugepasst ginn. Mir hunn dann och de Fall, dass et virun allem fir d'Spillschoul net ideal ass wann déi net ënnertene beienee sinn.

Dann hu mir do och de Problem mat den Héichte vun den Toiletten, dat heescht, wa mir elo géifen e Kand erofhuelen, respektiv erophuelen, da sinn d'Toilettenhéichten net méi gutt. Dat ass och e Problem mat de Container, wou mir déi Diskussioun elo hunn, wou mir soen, wat fir Héicht vun Toiletten, dat ass gesetzlech virgeschriwwen a wa mir dann d'Kanner eriwuerhuelen, da muss een eben esouvill Toiletté méi hunn, fir kënne konform ze sinn. Dat heescht, dat bréngt och do e bësse Schwieregkeete mat sech a wa mir e Schacht hunn, et ass och net esou wéi wann de Lift géif - och wa mir elo just deem 1. Stack alimentéieren, et ass net

esou, dass de Präis da just d'Hallschent wier well reng vun der Sécherheet hir musse mir dann eng Dier am Schacht abauen.

Zu der energieetescher Sanéierung ass et am Brill esou, dass mir och an der Vergaangenheet schonn Aarbechte gemaach hunn. Mir hunn d'Fënsteren duerch dat ganz Gebai ersat, wann ech mech net ieren, war dat 2016, a mir hunn och am Kader, wa mir de Brandschutzplaf-fong maachen ënnert deene 4 Kllassesäll, déi frësch gemaach ginn, do kënnt och eng zousätzlech Isolatioun zwëschent dem Daachgespär an dem Kllassesall a mir ersetzen déi Velux-Fënsteren duerch neier, déi dann och motoriséiert ginn, an d'Storen och. Do hu mir probéiert Sonneschutz mat eranzebréngen, deen haut nach net do ass.

Zu de Funktiounssäll, dat sinn déi, déi haut do sinn, et sinn an de leschte Jore verschidde Säll bäikomm, um éischte Stack, an den Extremitéiten, do sinn 2 Säll bäikomm a mir hunn dee ganze Volet elo am Sous-sol, dee mir haut do hunn, eng pedagogesch Kichen, e Bastel-sall, et si Sanitären do, et sinn Toiletten do, also mir hunn do am ganzen dräi Säll kreéiert, wéi de CAD Power erëm zeréck an de Centre René Hartmann geplënnert ass. Villäicht nach e kuerzt Wuert zu deenen anere Schoulgebaier, do ass et esou, dass mir an de leschte Joren, vun 2012 un an de Maison relaisen, wéi dee ganze Wiessel komm ass mat der ITM, déi Gebaier konform gesat gi si fir d'Maison relais. Dat heescht, do si mir säit 2012 amgaangen.

Haut sinn eis Maison relaisen all konform, dat bedeit dann och an de Gebaier, wou eng Mixitéit ass tëschent Schoul a Maison relais, dass déi Gebaier iwwer déi lescht Jore mat konform gesat gi sinn. Si si villäicht nach net zu 100% konform, wat d'Accessibilitéit betrëfft, mä si sinn awer vill besser wéi de Brill. De Brill ass eng Schoul ouni Maison relais, dat heescht, do sinn déi Sécherheetsmesuren, déi iwwer d'Pompjeeë gemaach gi sinn, dat geet einfach net duer. Wa mir elo den Deich kucken, do hu mir eng Maison relais dran, dat heescht, do sinn déi Fluchtweeër an déi Fluchtdieren, déi sinn agebaut ginn, déi sinn do, do ass och d'Brandmeldeanlag, déi si konform, do hu mir Receptiounen, dat ass... do sinn nach verschidde kleng Detailer, déi een effektiv misst analyséieren, awer et ass elo net wéi de Brill, wou wierklech dat ganz Gebai net konform ass.

De Strutzbierg A, deen hu mir, wéi mir den Daach frësch gemaach hunn an déi zwee Kllassesäll amenagéiert hunn, do sinn och elo Receptiounen gemaach ginn, dat heescht, de Strutzbierg, deen hu mir reng am Laf vum Entretien konform gemaach, do sinn elo nach zwou bis dräi Ofnamen, dann ass dat Gebai och konform. D'Schoul Italien ass konform gesat ginn. Virun zwee Joer gouf d'Elektresch frëschgemaach, et koume Branddieren dran, dat heescht, dat ass ganz ofgeschloss, do si mir wéi de Brill, wann en ofgeschloss ass. D'Gaffelt, do ass u sech nach den Albau, dee muss konform gesat ginn, do ass an deem selwechte Kader, wa mir elo d'Fassad maachen an de Lift maachen, ass eng Positioun dran, fir d'Gebai erofzehuelen, do war elo gëschter nach eng Ofnam, dat heescht, wann d'Fassad fäerdeg ass, dann ass dat Gebai och ofgeschloss, do sinn einfach verschidde Gebaier,

wou mir am Kader vum Entretien, am Kader vun aneren Aarbechten, déi Mise en conformité einfach mat eranhuelen a kucken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES(LSAP): Merci, ech mengen d'Äntwerte vun där anerer Säit vum Architekt an dem Joël Freitas waren esou komplett wéi meng Introduction. Ech muss do e grouse Merci soen, Dir hutt ganz vill gesot, wou ech elo net méi muss soen. Dat eenzezt, zu de Kllassesäll, wann e Kand net an engem Rollstull sëtzt, do war d'Proposition fir do ëmmer ee Sall virzegesinn, et geet net nëmmen drëms, dass e Kand wat permanent am Rollstull sëtzt, mä och heiansdo wann een e Bee gebrach huet, da kann een net soen, elo plënnere mir alleguerten erof. Dat, wéi gesot, dat ass eng gutt Iwwerleeung mä hei de Lift gëtt net méi deier wa mir bis erop- oder eroffueren an dofir ass dat eng propper Léisung.

De Joël Freitas huet lech och gesot, wéi et mat der Mise en conformité vun anere Gebaier ass. Do ass et esou, jo mir sinn iwwerall relativ gutt, mir hu vill Aarbechte gemaach, dat eenzezt wou mir elo afält, ass den Deich. Den Deich, ass voll ausgelaascht, mir hu keng Appuissäll, déi Iwwerleeungen hu mir och gemaach, mir hunn do och Doleancen, wou mir eis mam President vun der Schoul ausgetosch hunn a mir hunn eng Etüd dra stoe fir den Deich, fir den Daach, d'nächst Joer sollt frësch gemaach ginn, mä do si mir eis elo eens, kommt mir kucken dat ganz Gebai. Mir wësse schonn, wa mir dann esou Etüde maachen oder Renovatiounen, da kann ee jo och soen, voilà, kommt mir investéieren e bësse méi, mä ech mengen, dass mir relativ gutt sinn an all Gebai an all eise Schoulgebaier.

Da war d'Fro och komm, mir haten lech déi Presentatioun gemaach Schoul a Sport 2025, Jo, mir hunn lech déi Presentatioun gemaach an do stoung och alles dran. Elo schonn eng Presentatioun fir Balzeng ze maachen, dat wier e bësse verfréit. Mir sinn amgaangen, mir ginn elo mol aner Gebaier kucken, mir maachen eng Bestandsopnam och vun der Lenkeschléi, wat ass gutt, wat ass net gutt, wat misste mir maache bei engem anere Gebai? Mä elo schonn erauszegoen an ze soen, voilà, mir bannen lech an, kommt mir schwätzen elo hei zu 19, wéi soll dat Gebai ausgesinn, dat ass relativ verfréit. Also, mir wäerten lech do zu der richteger Zäit dat presentéieren. Ech schwätzen do vun Neischmelz, och do wësse mir, dass eng nei Schoul soll kommen. Ech wëll awer och do soen, dass et net esou laang ass, wou mir wëssen, dass do méi Wunnenge komme wéi geplangt och do musse mir méi grouss denke fir déi Kanner, wou do an dat Gebai kommen.

Nonformal Bildung, de Joël Freitas huet dat gutt beäntwert, do sinn e ganze Koup Säll, déi der Schoul zur Verfügung stinn. An dann, Madame Erpelding, fir de Schoulhaff, déi Containeren, déi dohinner kommen, déi huelen eigentlech näischt vun deem Deel do ewech an deen aneren ass awer relativ gutt. En plus, fir d'Spillschoul op där anerer Säit hunn si e kleng Schoulhaff,

wou si sech kënnen ophalen. Selbstverständlech, ech mengen Dir wësst, dass mir ëmmer erëm Schoulhaff neimaachen a wann dat hei néideg wier, géife mir dat och nach duerno an Ugrëff huelen awer fir d'éischt ass et wichteg, dass mir d'Gebai an d'Rei kréien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Madame Heinen, eng Fro?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, ech hat gefrot no Fotovoltaik, ob dat geet an ech wollt froen, wéi héich de Montant vun de Subside gëtt?

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGBAIER): Zum Deel vun der Fotovoltaik, do ass et esou, dass sou wéi den Daach exposéiert ass, deen Deel vum Schoulhaff ass Süd-exposéiert, dat géif u sech Sënn maachen, mä vu dass mir bei engem geschützten Gebai sinn, ass dat net realisabel fir Sites et Monuments. Wat den Undeel u Subside betrëfft, sinn duerch déi Diskussiounen, wou mir féiere mat de Gelänneren, mat deem ganze Volet Ustrach, Parquet frësch maachen, Plättercher, do si mir a Kontakt mat Sites et Monuments fir dat ganzt kënnen ze preparéieren unhand vu Pläng, an da muss een do e Präis hannendru setzen an dee Moment eng Demande u Sites et Monuments stellen, wou mir dann en Avis zeréckkréie mat dem Montant, wou mir als Subsid kënne kréien. Dat heescht, haut wësse mir, wéi eng Positioun mir kënne kréien awer mir hu kee Montant.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, ech hat eng kleng Fro gestallt weinst dem Desamiantage, ob dat garantéiert ass, dass dat an der Vakanz ass an ech wollt soen, mir si danz frou, dass de Lift op den zweete Stack an an de Sous-sol soll fueren. An dat anert war, ob mir net e Sall amenagéieren, also absolut fanne mir dat richteg, mir hu jo och Kanner déi e Bee gebrach hunn, net dass Dir mengt, d'CSV wëllt kee Lift op den zweete Stack. An ech muss soen, wann dat mat den Derogatiounen esou schwierig ass, wier dat dann net eppes fir eng Question parlementaire ze stellen oder am Syvicol eppes do ze maachen, well dat ka jo net sinn, mir si jo nach eng Gemeng mat Suen, mä wat maachen dann déi aner Gemengen? Dat gëtt net witzeg. Also, dat als Remarque. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech kann lech berouegen, de Syvicol ass méi wéi eemol intervenéiert an huet sech och d'Zänn ausgebass. Effektiv. Voilà, da si mir op déi verschidde Punkten agaan.

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGBAIER): Beim Desamiantage, do ass et esou, dass dat fir d'éischt gemaach gëtt an do gëtt e komplett Zelt ronderëm gebaut mat Entlüftung, dat ass déi éischt Phas éier d'Aarbechter erakommen a wann déi Phas fäerdeg ass, dann ass et esou, dass d'Aarbechte kënnen ufänken. Mir hu mam Bureau technique a mam Bureau de sécurité gekuckt, och déi Zäit evaluéiert, wou dat muss sinn, dat ass mat an déi Phas era gerechent ginn a vu dass den Asbest gebonnen ass, stellt e keng Gefor duer.



Merci nach fir déi dote Prezisioun, da komme mir zum Vote no der Diskussioun: Wien ass mam Devis fir d'Mise en conformité averstanen? **Dat ass unanime.** A wien ass mam Crédit spécial averstanen? **Dat ass och unanime.** Merci villmools och den Här Weyland a Freitas.

4. CREATION AN NOMINATION VUN DE MEMBERE VUM “NATURPAKT-TEAM”

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Creatioun an Nominatioun vun de Membere vum Team Naturpakt an do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, léif Membere vum Gemengerot, Dir wësst jo, dass de Ministère d'lescht Joer zäitgläich mam Klimapakt 2.0 och den Naturpakt nei geschaf huet a well Diddeleng vun Ufank u wëlles hat, dat matzedoen, hu mir eng Déclaration d'intention de participatioun am August 2020 ënnerschriwwen. Doropshi sinn all déi Gemengen, déi dat ënnerschriwwen hunn, am November 2021 op Monnerech invitéiert ginn, an der Presenz vun der Ëmweltministesch hu mir do och eise Bäitrëtt definitiv ënnerschriwwen an et ass elo esou, fir dass mir kënnen ufänken, musse mir awer nach en Naturpakt-Team grënnen a mir als Schafferot proposéieren lech, dass mir géifen d'Ëmweltkommissioun huelen als Naturpakt-Team, respektiv, dass mir an deem Gremium eisen externe Conseiller vum SICONA dobäi wäerten hunn a mir proposéieren och, dass mir ee Responsabele vun eise Service Jardinage dobäi wäerten hunn an och ee Responsabele vun eise Service Architecture et domaines, dat wier dann eisen Naturpakt-Team fir dass mir endlech kënnen déi Aarbechten ufänken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci René Manderscheid.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Bierger hu mir jo scho souwisou an der Ëmweltkommissioun, sou dass deen automatesch do dra kënnt. Ech wollt just froen: Mengt Dir, dass doduerch, dass mir hei elo deen Naturpakt-Team starten, et nach zu zousätzleche Sitzunge kënnt oder kënne mir dovunner ausgoen, dass de Rhythmus vun den Ëmweltkommissiounssitzunge bäibehale gëtt an datt dee ganze Pensum vun deem Team do ofgeschafft gëtt? Ech

froen dat just perséinlech, well et fänkt een un, sech Froen ze stellen, wou dat alles higeet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler, Madame Erpelding.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter, jo eben, ech hunn och eng Fro dozou, ech hunn dat net richtig verstanen: Ass elo d'Ëmweltkommissioun fusionéiert mam Naturpakt-Team oder ginn et zwee verschidde Gruppen, déi just einfach mat der selwechter Besetzung sinn? Dat gouf et jo scho mam Klimateam, do gouf och gesot, do war och gesot ginn, déi Membere vun der Ëmweltkommissioun sinn do dran, do ass dat dann awer och erëm anescht gemaach ginn. Et ass schonn iergendwéi e bësse komesch oder ech verstinn et net richtig, wéi et leeft. Also, ech wëll dat ganz net onbedéngt kritiséieren awer ech wëll et verstoen. Deemools gouf gesot, d'Ëmweltkommissioun ass och Klimateam. Duerno ass awer d'Klimateam nei geschaf ginn an d'Ëmweltkommissioun war dann iergendwéi net méi dran, do waren nei Memberen do an do stellen ech mir einfach d'Fro ob dat dann elo mam Pacte Nature och esou geet? An dann hunn ech einfach nach eng Fro ob et do och Jetone ginn oder net well am Klimateam ginn et keng, dat ass just eng Verständnesfro, wéi dat soll lafen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, dat heiten ass elo e bëssen Neiland, dat ass jo alles ganz nei, den Naturpakt fonctionéiert awer sou änlech wéi de Klimapakt. Mir hunn eis och e puer Froe gestallt, notament fanne mir dass, ech hat och nogelies wien do alles soll dra sinn, do steet dann och de Fieschter, ech hunn nogefrot well ech selwer net an der Ëmweltkommissioun sinn, de Fieschter ass awer do dran, krut ech gesot. Voilà. Ech wollt och mol nach wëssen, déi Membere vun der Ëmweltkommissioun, sinn si dann och informéiert ginn, dass si elo Naturpakt-Team sinn? Well et misst ee jo awer och domadder averstane sinn? Wéi gesäit den Of-laf aus? Ginn do extra Versammlunge gemaach? Well do komme jo nach zousätzlech Leit vum Jardinage a vum Urbanisme dobäi. Oder gëtt dat als Punkt op den Ordre du jour vun der Ëmweltkommissioun gesat? A mir fanne et schuet, beim Klimapakt-Team, do ass en Opruff gemaach gi fir d'Bierger an d'Biergerinnen an dat ass elo hei net gemaach ginn, quitt dass an eise Kommissiounen jo och Bierger vertruede sinn an dat wier jo awer vläit och eng Méiglechkeet gewiescht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Froen? Neen, da ginn ech d'Wuert un den René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, de Klimapakt 1.0, do hätte mir och sollen e Klimapakt-Team an d'Liewe ruffen an do hu mir awer eis et einfach gemaach a mir hunn d'Ëmweltkommissioun integral geholl als Klimapakt-Team. Klimapakt 2.0, do hu mir missen e Klimapakt-Team schafen, awer dat huet net dierfen d'Ëmweltkommissioun sinn, dat war ganz kloer prezisiert, dat huet missen eppes Neies sinn, en neie Gre-

mium, an doropshin hu mir dat ausgeschriwwen, sou wéi déi Prozedur et virgesäit.

Hei am Naturpakt ass et definéiert mä net prezis gesot, Dir musst en neie Gremium schafen. An ech sinn och kee Frënd dovunner, permanent en neie Gremium ze schafen, dat gëtt e Waasserkapp ouni Enn, sou dass mir als Schäfferot proposéieren, dass mir d'Ëmweltkommissioun huelen als Naturpakt-Team. Neen, si sinn net gefrot ginn, well ech och net wëlles hunn, duerch dat Naturpakt-Team nei Sitzungen ze kreéieren. Mir huelen dat mat an d'Ëmweltkommissioun a maachen dat als Ordre du jour, sou wéi mir dat musse maachen.

Dann, an der Ëmweltkommissioun, do ass all Partei vertrueden, plus et ass e Bierger do plus et ass de Fieschter do an et gëtt verstärkt duerch eise Service Jardinage, sou dass mir do an där Ekip gutt opgestallt sinn, fir dass mir fir den Naturpakt kënnen an Ugrëff huelen. Et ass vun de Jetone geschwat ginn, d'Klimapakt-Team kritt kee Jeton, well et fir mech awer eng Kommissioun à part ass. Mir hunn awer gesot, dass si um Enn dës Joers awer op eng aner Aart a Weis, déi nach ze definéieren ass, belount gi fir den Engagement an den Asaz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci René Manderscheid fir déi Prezisioun.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Et wäert eng Versammlung kommen, wou mir dat Naturpakt-Team offiziell kreéieren, wou mir och de Beroder vum SICONA, deen eis jo da beréit, virstelle wäerten an d'Ëmweltkommissioun kritt dee ganzen Naturpakt virgestallt vun A bis Z fir dass se wëssen, ëm wat et geet an da gëtt dat agebonnen an de Programm vun der Kommissioun.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Madame Erpelding.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci Här Buergermeeschter, Pardon, ech hunn net verstanen. Dat heescht d'Ëmweltkommissioun behält den Numm Ëmweltkommissioun an d'Saachen, déi traitéiert gi vum Klimapakt, ass do dran?

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Richtig.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, kënnen mir dann iwwer d'Kompositioun, esou wéi se hei proposéiert ass, ofstëmme? Ass de Gemengerot averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

5. DESIGNATIOUN VUN ENGEM MEMBRE EFFECTIF FIR DEN OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME DU SUD A.S.B.L.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Ech ginn hefir dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, dat ass hoffentlech e bësse manner komplizéiert wéi dem René Manderscheid säin Team Pacte Nature, hei geet et drëms, dass d'Emilia Oliveira och als Delegéiert am ORT Sud muss ersat ginn. De Walter Berettini huet jo d'Presidence scho vun him an enger vun eise leschte Gemengeréit vun der Kommissiounen iwwerholl an dofir proposéiere mir och, dass de Walter Berettini d'Emilia Oliveira ersetzt als Membre effectif an als Membre supplément ännert sech näischt, do bleift weider de Vic Haas et an esou wäit ech informéiert sinn, ginn et och keng Jetone fir déi Kommissiounen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci, ass de Gemengerot averstanen?
Dat ass unanime. Merci.

6. MODIFIKATIOUNEN AN DER ZESUMMESETZUNG VUN DE KOMMISSIOUNEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
An der Kommissioun vum Drëtten Alter ass et de Steve Humbert, deem de Jean Lorang ersetzt. An der Commission de l'hygiène publique ass et den Thierry Pott, deem de Jean Lorang ersetzt. An an der Kulturkommissioun ass et d'Nancy Back-Kelsen, dat d'Michèle Kayser-Wengler ersetzt. Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

Dann ass hei d'Propos, dass an eiser Loyerskommissioun d'Andrée Reuter Consdorf ersat gëtt duerch den Här Laurent Giacomini als Membre assesseur-bailleur effectif, also als Propriétaire. Ass de Gemengerot och domadder averstanen? **Dat ass unanime.**

Dat wier alles, da kënnen mir elo an de Huis Clos iwwergoen.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 03.06.2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech begréissen Iech elo hei am Gemengerot nodeems mer lo d'Veereedegung virgeholl hu vum Françoise Kemp als nei Gemeindeconseillère, wollt ech hei nach matdeelen, dass d'Thessy Erpelding sech entschëllegt huet fir dësse Gemengerot an och de Walter Berettini an och dem Bob Claude Procuratioun ginn huet. Dat am Fong wat d'Kompositioun vun dësem Gemengerot ugeet. A well et jo och eng Traditioun ass, wann en neie Gemeindeconseiller oder eng nei Gemeindeconseillère, sou wéi et haut de Fall ass, kënnt, géif ech dann dem Françoise Kemp och direkt d'Wuert gi fir hir Untrëttsried ze halen.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci villmools. Gudde Moie léiwen Här Buergermeeschter, léiwe Schännerot, a léif Conseillere. Et ass mir haut eng grouss Freed an Eier, fir Member vum Gemengerot vun der Stad Diddeleng ze ginn. Als éischt wëll ech meng Wieler Merci soen, déi mir hiert Vertrauen 2017 ausgeschwat hu bei menger éischter Participatioun bei de Gemengewahlen. Dëst Vertrauen erméiglecht et mir haut, an de Gemengerot nozeréckelen. Aus deem Grond wëll ech haut och e besonnesche Merci u meng Virgängerin, Sylvie Andrich-Duval ausschwatzen an hir Merci soe fir hiert Engagement fir d'CSV a fir Diddeleng. Meng Virgängerin Sylvie Andrich-Duval huet sech ëmmer fir Diddeleng agesat a senge verschiddene politesche Mandater, als Deputéiert a Conseillère iwwert déi lescht Joerzénge, dovun 21 Joer laang am Gemengerot, wou si och 16 Joer laang CSV-Fraktiounssprecherin an der Gemeng Diddeleng war.

Fir datt Dir Iech e Bild vu mir maache kënnt, wollt ech mech kuerz virstellen: An d'Primärschoul sinn ech zu Butschebuerg gaangen, éier ech an de Fieldgen gaange sinn. No menger Première hunn ech zu Kaiserslautern, Tréier an Heidelberg Mathe studéiert. D'Chance um Projet ERASMUS deelzehuelen hunn ech mer net entgoe gelooss a sinn an den héijen Norden op Tromsø an Norwege gaangen. No mengem Master hunn ech mech decidéiert, an biomedizinesch Fuerschung ze goen. En ausschlaggebende Punkt dofir war mäi Bopa, dem Rudi Kleemann seng Parkinson-Erkrankung. Ech hu mech doduerch op e Projet gemellt, dee sech op der Erfuerschung vu Parkinson baséiert. Wéi dunn d'Pandemie komm ass, ass mäin Know-How als Mathematiker gefrot gewiescht, fir Simulatiounen iwwert de Verlaf vu

Covid19 zu Lëtzebuerg ze maachen. Ech sinn elo säit zwee Joer Deel vun der Covid19-Taskforce zu Lëtzebuerg. Ech wäert an deenen nächsten Deeg meng Dokteraarbecht iwwert déi mathematesch Modelléierung vun der Covid19-Situatioun zu Lëtzebuerg areeche. Zu mengem sozialen Engagement an der Gemeng gehéieren d'Scouten, wou ech mat vill Häerzblutt Chef bei de Biber sinn, dat sinn d'Kanner vu 6 bis 8 Joer. Mat den Diddelenger Theaterfrënn hunn ech an de leschte Jore vill schéin Erënnerunge fir eis an d'Leit konne schafen. An der Por sinn ech och a verschiddene Gremien aktiv, ënnert anerem bei der Dafbegleedung, an am Conseil paroissial. Ech sinn doriwwer eraus och Member bei „Diddeleng hëlleft“. Entwécklungshëllef ass mir e grousst Uleies, an d'Hëllefsbereitschaft fir de Mënschen hir prekär Situatiounen kënnen ze verbesseren.

Ech sinn haut hei virun Iech als nei Conseillère vun der CSV. Duerch meng Eltere sinn ech fir d'éischt mat der CSV an deene chrëschtlech-soziale Wäerter a Kontakt komm. Ech konnt mech séier mat deenen identifizéieren an engagéiere mech säitdeem op verschiddene Plazen an der Partei. Ech si Presidentin vun der CSJ Süden a Presidentin vun der Sektoun Diddeleng an am Nationalcomité vun der CSJ, wou e flotten an dynameschen Austausch herrscht. Als jéngste Member vum Gemengerot wëll ech mech ganz besonnesch fir d'Uleies vun deene Jonken, mee net nëmme, asetzen an e Sproochrouer ginn.

Wie kennt de Problem vum Logement net zur Zäit? Als Jonken ass et besonnesch schwéier, eppes ze fannen, wat ee ka lounen, well de Kaf vun engem eegenen Doheem gëtt fir vill Jonker ëmmer méi schwéier. Ech kann hei ganz konkret aus Erfahrung schwätzen als Persoun, déi en CDD huet. Aus dësem Grond wunnen ech zur Zäit nach ëmmer bei mengem Elteren. A sou geet et net nëmme mir, mee ville Jonken. Op Gemengenniveau ass sécherlech scho Villes ënnerholl ginn, mee et ass nach Loft no uewen. Dofir wëll ech mech asetze fir d'Iddi vun eiser CSV-Fraktioun vu Start-up Wunneng fir jonk Diddelenger ëmzesetzen. Sou e Projet ass iwwerregens schonn zu Stroossen realiséiert ginn. Fir deene Jonken no hirer Ausbildung eng Chance um Logementsmarché ze ginn. Fir datt Diddeleng kënnen zu Diddeleng wunne bleiwe si meng Fraktioun an ech der Meenung, dass dëst och e Projet soll sinn, deen zu Diddeleng soll Realitéit ginn. Zousätzlech mussen alternativ Wunnformen ënnerstëtzt gi sou wéi Wunnengemeinschaften a Méi-Generatiounen-Haiser.

E weidert Uleies fir mech ass d'Mobilitéit. D'Verkéierspolitik muss d'Suergen an d'Ängste vun de Mënschen eescht huelen, wat de Schutz vun der Ëmwelt an d'Oprechterhale vun der Liewensqualitéit ugeet. Eng méi wäitsiichteg Verkéierspolitik ass dofir och ëmmer Ëmweltpolitik. Et ginn dofir méi direkt Verbindungen tëschent der Stad Lëtzebuerg an Diddeleng oder den Train-Tram gebraucht. Et ginn och vill Jonker, déi bereet sinn, op de Vélo ëmzeklappen a mam Vélo op d'Schaff ze fueren. Dofir brauch een awer méi sécher Vélosweeër a méi Parkméiglechkeete fir de Vélo. Zousätzlech muss de Vélo méi an d'Stadplanung agebaut ginn. Niewent dem Vélo mussen och d'Foussgänger nees eng Kéier méi valoriséiert ginn.



Zu enger gesonder an nohalteger Stadplanung gehéieren, ëmmer méi Gréngflächen an d'Stied ze bréngen. Et sinn net nëmme wäertvoll Liewensraum fir d'Biodiversitéit an Aarteräichtum, mee droen zu Zäite vum Klimawandel och dozou bäi, eis Stied am Summer ofzekillen. Dëst geléngt net nëmmen duerch Parken, mee och duerch gréng Diecher, oder z.B. nom Virbild vum Utrecht, begréngte Bushaisercher. Ausserdeem si Gréngfläche Plaze vum Begéinung a vu sozialem Zesammenhalt. Si déngen der Erhaltung a Beweegung an ënnerstëtzen Loftberengung. Domat leeschten se e positive Bäitrag fir d'Gesondheet vun der Bevëlkerung an d'Wuelbefannen an droen zu der Liewensqualitét bäi. Wann et der Natur gutt geet, da geet et och de Mënsche gutt. Um Häerz läit mir och d'sozial Kohesioun. Fir mech gehéiert e liewegt Veräinsliewen onbedéngt dozou. Als iwwerzeegte Scout weess ech ganz gutt, wéi et ass, wann d'Kanner sech freeën, well se flott Momenter an der Natur erliewe konnten, ouni op dee sozial-ökonomesche Background opzepassen. Eng gezielte Fërderung vun eise lokale Veräiner kann a muss dozou bäidroen, dass Leit mat verschiddenen Interessen zesummekommen.

E weidere wichtege Aspekt ass eng geliefte Integratioun vu jonken an eelere Leit. An net nëmmen tëschent Jonk an Al, mee och tëschent Bäigezunnenen an auslännesche Bierger. Et fërdert e gutt Zesummeliewen an der Gemeng Diddeleng. Eis Diddelenger kënnen a solle stolz drop sinn, wat mir bis elo an deem Beräich erreecht hunn. Mir sollten eis awer net dorop ausrouen an déi verschidde Veräiner a Gemeinschaften aktiv ënnerstëtzen, fir sou dëser Integratioun an Zesummewuesse vun eiser Gemeng an hire Leit gerecht ze ginn. Ech kéint elo nach weiderfueren, mee ech mengen, Dir gesitt, ech si motivéiert, mech fir Diddeleng an hir Bierger anzesetzen. Ech freeë mech, aktiv mat lech 18 mat ze gestalten, an zesummen no vir ze bréngen: eis Stad Diddeleng.

Loosst eis dofir net weider Zäit verléieren an zesummen eis Gemeng no vir bréngen am Interesse vun eise Matmënschen. Iech, léiwen Här Buergermeeschter, léiwe Schäfferot a léif Conseillere, e ganz grouse Merci am viraus, well et ass fir mech eng riseg Freed an e Ple-séier, an Zukunft kënne mat lech zesummenzeschaffen. Merci am viraus.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools merci dem Françoise Kemp fir de Message de se ginn huet am Kader vun hirer Untrëttsried an och am Numm vun eis alleguerten op eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht an deenen Dossier, déi eis hei am Gemengerot wäerte beschäftegen.

I. KORRESPONDEZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, da géife mer op den éischte Punkt iwwergoen, punkto Korrespondenz, an da géif ech dem Josiane Di-Bartholomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTHOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo villmools Merci Här Buergermeeschter, ech wollt dem Gemengerot soen, datt virun e puer Méint de Ministère de la Digitalisation en Appel à projets gemaach huet fir d'Inclusion numérique. Mir hunn dann als Gemeng Diddeleng decidéiert, e Projet eranzeginn, de Laurent Krantz huet eis e ganz flotte Projet geschriwwen. Do geet et ëm eeler Leit. Well während der ganzer Covid-Kris hu mer jo gemierkt, dass et ganz schwéier ass, op d'Bank ze goen, fir guichet.lu an sou virun... An hei geet et drëm, fir eeler Leit ze forméieren, fir mat den neien Utensilien eens ze ginn. Dat gëtt mat Jonker gemaach, dat soll am Hierscht ugoen an dat sinn 12 Coursen, wou da mam Club Senior zesummen d'Leit en iPad zur Verfügung gestallt kréien, eng Basis-Formatioun kréien an dann den iPad mat heem huelen, an den iPad och kënnen testen. Mir sinn do erausgesicht ginn. Mir sinn ee vun de Laureaten, a mir kruten dann och virun zwou Wochen e Präis iwwerreecht. Mir sinn natierlech ganz stolz dorobber, datt mer dee Präis kruten. An de Ministère iwwerhëlt integral d'Fraise fir dee Projet. Dat war just dat, wat ech lech wollt soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Josiane fir déi doten Informatiounen. Dat ass jo effektiv och ganz positiv fir d'Stad Diddeleng. An da ginn ech weider un d'Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dat nächst ass och ganz positiv. Dir wësst, dass mer den 22. Abrëll hei Tempo 30 an der Rue du Parc tëschent der Rue Dominique Lang an der Pasteur gestëmmt hunn. An de 4. Mee schonn huet déi staatlech Verkéierskommissioun, de Minister, dann elo op eng Kéier e positiven Avis ginn. A mir haten et net méi spéit wéi den 18. Mee dann hei an der Gemeng, sou datt mer lo kënne mam Projet weiderfueren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass dann déi zweet positiv Nouvelle ënnert Korrespondenz. Mee soss gëtt et keng weider drëtt Korrespondenz. Wann ech d'Kollegen hei kucken, dat ass net de Fall.



2. APPROBATION VUM TABLEAU DE PRÉSENCE VUN DE MEMBRE VUM GEMENGE- ROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerגי vun eisem Ordre du jour. An dat ass jo e Klassiker: all Kéiers wann eng nei Vereedegung hei stattfënnt am Gemengerot, dann ass natierlech och den Tableau de présence vum Gemengerot, deen dréint. Och en fonction vun deem Moment, wou een an de Gemengerot komm ass. Dat ass en Abléck op déi 19 Leit am Gemengerot. Dat ass eng klassesch Prozedur.

Ass de Gemengerot mam Tableau de présence, sou wéi en hei virgestallt ass, averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci.

3. GEMENGEFINANZEN – ACQUISITION VUN EMPRISEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da gi mer weider op Gemegefinanzen. Do hu mer véier Akten. Ech géif lech proposéieren, dass mer déi zesummen huelen, well et all Kéier ëm d'Utilité publique geet.

3.1. APPROBATION VUN ENGEM ACTE DE VENTE MAT DER BESTUETER KOPPEL JEAN PAUL LEY A MARIANNE KOLMESCH, TERRAINSPARZELL AN DER RUE DES FLEURS

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Den éischten Akt ass tëschent dem Här Ley an der Madamm Kolmesch an der Stad Diddeleng. Et geet hei ëm en Deel Voirie an der Rue des Fleurs, 0,11 Ar. An dat kafe mer fir 77 Euro. Dir wësst, dass mer der de Präis zu 700 Euro den Ar hu fir Acquisitiounen, déi an d'Voirie publique eraginn an déi och d'Utilité publique sinn, an dat ass jo och hei de Fall. Dat ass fir den éischten Akt. Dir hutt jo och hei Pläng dobäi, fir ze gesinn, wou deen Deel vun der Voirie sech befënnt.

3.2. APPROBATION VUN ENGEM ACTE DE VENTE MAT DER SOCIÉTÉ „SCHUMACHER IMMOBILIEN S.À.R.L.“, TERRAINSPARZELL AN DER RUE DE LA CHAPELLE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann ass deen zweeten Akt tëschent der Sociétéit Schumacher Immobilière S.à.r.l., hei vertrieeden duerch de Bob Schumacher an d'Madamm De Jesus Lopes vis-à-vis vun der Stad Diddeleng. Dat hei ass an der Rue de la Chapelle, et ass och en Deel Voirie 0,11 Ar, an déi sinn dann och fir 77 Euro. Och dat ass fir d'Utilité publique an d'Integratioun an d'Voirie publique. Et ass e klengen Dräieck.

3.3. APPROBATION VUN ENGEM ACTE DE VENTE MAT DER BESTUETER KOPPEL JEAN-YVES LORENZI AN IRENE LORENZI GEBUERE SCHOLZ, TERRAINSPARZELL AN DER ROUTE DE BURANGE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann den drëtten Akt ass tëschent dem Här Lorenzi an der Madamm Lorenzi an och der Stad Diddeleng. Dat ass an der Route de Burange, dat ass och en Deel Voirie, dat sinn 0,20 Ar an déi Acquisitioun maache mer fir 140 Euro. Och do ass d'Utilité publique invoquéiert ginn.

3.4. APPROBATION VUN ENGEM ACTE DE VENTE MAT DER SOCIÉTÉ „DUE S.À.R.L.“, TERRAINSPARZELL AN DER RUE TATTENBERG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An dann hu mer de véierten a leschten Akt. Dat ass tëschent der Sociétéit Due S.à.r.l. hei vertrueden duerch den Här Tallarico an der Stad Diddeleng. Dat ass an der Rue Tattenberg. Dat ass 0,20 Ar. Och do fir 140 Euro, déi Acquisitioun. An och do d'Integratioun an d'Voirie publique, also och hei d'Utilité publique, déi spillt. Dat zu deene véier Akten an deene véier Acquisitiounen. Froen dozou, Remarken? Neen. Kënne mer en Bloc iwwer déi véier ofstëmme?

Wien ass mat deene véier Akten averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci.

4. APPROBATION VUN DER PROVISOIRESCHER SCHOULORGANISATION 2022/2023 FIR DE FONDAMENTAL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da géife mer op de Punkt 4 iwwergoen, dat ass de Plat de résistance vum Gemengerot vun haut, dat ass déi provisoiresch Schoulorganisatioun vum Joer 2022/2023, an do ginn ech dann dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTHOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo villmools merci. Den Här Ferrari an den Här Joël Michaux, déi sinn an der Trap, déi sinn an enger Minutt hei. Ech géif awer trotzdeem schonn ufänken. Bei eis begrëssen ech schonn den Erni Hoffmann vun der Direktioun. Et wäert e bëssen daueren, dofir ass et elo kee Problem, wa si lo eng Minutt ze spët kommen. Ech kommen dann zur provisoiresch Schoulorganisatioun. Dat ass ëmmer e ganz wichtege Punkt am Gemengerot. Wéi gewinnt hutt Dir all d'Dokumenter virleien, wéi all Joer. Dat sinn éischtens déi eenzel Schouklasse, déi eenzel Schoulen. D'Ressorts scolaires, d'Surveillance-Pläng, de PEP an awer och d'Circulaire vum Ministère. De Rapport vun der Schoulkommissioun, déi Schoulkommissioun war relativ fréi, den 31. Mäerz, och deen hutt Der natierlech virleien. De PEP, dee krute mer e bësse méi spët virgestallt, de 17. Mee hat den Här Hoffmann eis dat an der Schoulkommissioun virgestallt. Ech wëll dann e bësse op d'Zuelen agoen. Dat ass jo ëmmer eppes, wat jo awer eng Erausforderung ass fir eis all-egueren. De Contingent vu Leçon, déi mer attribuëiert krute fir 2022/2023, dat sinn 3729 Leçon. Fir déi dann opzedeelen, dat ass ëmmer ganz spannend fir d'Presidenten an och fir d'Komiteeën.

D'Schülerzuel, an dat heut een am Mäerz gesinn, déi ass nach ëmmer liicht réckleefeg. Ech mengen awer, datt déi elo am Juni schonn an d'Luucht gaangen ass, an datt mir dann awer nach Contingente wäerten zougestane kréien am Juni oder ufanks Juli. De Moment bedeit dat fir eis Schoulen, datt dat e Minus ass vu 17 Leçon, wat dann och net einfach ass, fir déi Stonnen opzedeelen. De Coefficient d'encadrement ass awer an d'Luucht gaangen. An dat wësst Dir, de LISER mécht all dräi Joer eng nei Berechnung, an do ass den Indice social liicht gehuewe ginn, sou datt mer fir déi nächst 3 Joer e bësse méi Contingent doriwwer kréien. Hors Contingent hu mer 6 Poste Remplaçants permanents kritt. 4 Poste fir de Cours d'accueil an 111,5 Leçon fir den Instituteur spécialisé fir d'Prise en charge vu Kanner mat spezifesch Bedierfnesser.

Bon, dann zu der Opdeelung. Dat war och dëst Joer erëm net ganz einfach fir d'Presidenten an och d'Komiteeën. Virun allem, well dat ëmmer ganz fréi am Joer muss geschéien, déi Opdeelung vun deem Contingent, a mir do awer ëmmer nach ganz vill Inconnuen hunn. Dat heescht, d'Allongement, déi sinn dann nach net kloer, déi ginn elo réischt decidéiert. An, ech hunn et schonn am Ufank gesot, d'Schülerzuel, déi wiesselt och nach ëmmer. Et ginn nach Kanner fort, mee et wäerten och



nach eng ganz Partie Kanner bäikommen. Zu den eenzele Cyclen: Ech mengen de Precocé, dat war jo jorelaang ëmmer e bëssen eng Diskussioun. Do waren am Mäerz 143 Kanner ageschriwwen vun 227 méigleche Kanner. Dat ass e kleng Minus gewiescht par rapport zu deem Joer virdrun. Dës Zuelen sinn awer elo am Juni schonn erëm an d'Luucht gaangen an do si mer bei 149 Kanner, déi elo ageschriwwen sinn. Dovu sinn der 95 an der Maison Relais ageschriwwen. Dat ass e Plus vun 20 Kanner.

Dir wësst, datt mer de Moment 8 Précocé-Klassen hunn, dat ass a 6 verschidde Gebaier. Am Ribeschpont bleiwe mer bei deenen 2 Précocé-Klassen, well mer weiderhin nach ëmmer Butschebuerger Kanner an de Ribeschpont schécken. An Dir wësst jo, dass mer säit d'lescht Joer zu Butschebuerg keng Précocé-Klass méi hunn. Cycle 1: Ech mengen do ass d'Schülerzuel relativ konstant. Do behale mer 27 Klassen. D'Moyenne vun deene Klassen, déi läit bei 15,5 Leçon. Dat mécht e Contingent fir de Cycle 1 vu 702 Leçon. Leider, an ech soen dat bewosst – leider – geet awer och do den Appui erof ëm 9 Leçon, well ëmmer wann den Appui erofgeet, dann ass dat e Verloscht, mee ech mengen et ass awer nach eng gerecht Opdeelung. Cycle 2 bis 4: Och do geet de Contingent liicht erof. D'Schoule verléieren och do allegueren Appui ausser de Strutzbiërg, well um Strutzbiërg d'Situatioun jo awer relativ schwieereg ass wéinst der Mixitéit.

Zu den eenzele Gebaier: Butschebuerg, do maache se am 3.2 eng Klass manner, wuel wëssend dass mer dann herno wäerten 22 Schüler an där Klass hunn. Dat heescht, do maache se keng Opdeelung. Dat ass schonn eng Klass mat ganz héijen Effektiver. Par konter maache mer am 3.1 eng Klass méi zu Butschebuerg. Den Appui gëtt zu Butschebuerg haaptsächlech agesat am 3.2 an am 4.2. An da wëll ech awer och nach der Presidentin Merci soen. Dir wësst, dass d'Presidentin vu Butschebuerg sech aus gesondheetleche Grënn zrëckzitt, an ech wëll hir hei vun dëser Plaz aus awer Merci soe fir déi flott Zesummenaarbecht.

Lenkeschléi: do ass et sou, dass mer d'selwecht si wéi d'lescht Joer. Dat Eenzege, wou mer an der Lenkeschléi ganz gutt mussen drop oppassen: Mir hunn elo schonn Effektiver am C1 tëschent 18 an 19 Kanner.

Ribeschpont: Onverännert. Dat, wat ech virdru scho gesot hunn, 2 Klasse Précocé, déi behale mer bäi. An der Gaffelt, do mierke mer eng Tendenz no ënnen. Dat heescht, do kommen ëmmer manner Kanner. Dofir ass och elo dëst Joer an der Gaffelt eng Klass manner am 2. 1.

Strutzbierg: do bleift et bei 19 Klassen, awer de Strutzbierg behält den Appui. Den Appui fir den C2 bis C4, den Appui am C1 geet och do llicht zeréck.

Strutzbierg, wat d'Turnen ubelaangt, do ass et sou, dass mir jo wëssen, dass si keng Turnhal méi hu bis de Bau fäerdeg ass. Si ginn esou laang an d'Lenkeschléi turnen, wéi mer d'Turnhal nach net do stoen hunn.

Dann hate mer éischt Gespréicher mat Pro Familia. Do wësse mer alleguerten, dass am Laf vun dësem Joer nach Kanner wäerte bäikommen. Dat éischt ass e Grupp vun 9 Kanner, deem am September wäert bäikommen. An am Oktober/November, do kënnt och nach e Grupp vun 9 Kanner bäi. Bei der Entrevue, déi mer hate mat hinnen, do ass et ganz schwierig de Moment ze soen. Si wësse selwer nach net sou richtig, si hunn den Agreement nach net, si wëssen net, wat fir eng Kanner bäikommen a si wëssen en plus net, wat fir en Alter bäikënnt. Dat mécht eis et natierlech och net ganz llicht fir d'Organisation. Mir waren eis awer trotzdem eens, datt de Strutzbierg eigentlech scho ganz vill Kanner hätt vun der Pro Familia, an datt et dann awer gutt wär, vläicht och op eng aner Schoul Kanner ze schécken, déi dobäikommen. Mee dat ass à voir, dat wësse mer elo de Moment nach net.

Brill: dat ass eigentlech och konstant. Do ass awer eng Klass méi am C2.1, eng manner am 3.2, awer de C4, dee wäert vun 2 op 4 Klassen eropgoen. Sou dass de Brill d'nächst Joer 22 Klassen huet.

Dann zum Däich. Dee bleift d'selwecht. 17 Klassen. Mir maachen eng manner am 3.1 awer mir maachen eng méi am 3.2. Wat flott ass um Däich: d'Projete CASE a Förderzentrum ginn natierlech virugefouert. Dat ass ganz wichteg, well mer awer nach ganz vill Primo-Arrivanten hunn. Och hu si en Enseignant supplémentaire zur Verfügung gestallt kritt, fir kënnen d'Ekip vum Corps d'accueil kënnen ze ënnerstëtzen.

Da kënnt awer eppes, wat ech perséinlech ganz gutt fannen, dat ass de Projet-pilote, deem de Ministère gemaach huet, d'Alphabetiséierung op Franséisch um Däich. Dir wësst, mir haten dat jo och schonn ugekënnegt, dass um Däich am September de Projet-pilote Alphabetiséierung wäert ugoen. Den Däich ass eng vu 4 Schoulen am Land, déi dat wäerte maachen, déi de Ministère erausgesicht huet. Ech mengen dat ass awer fir d'Gemeng Diddeleng e grouse Fortschrëtt, iwwerhaupt eng grouss Eier, fir do dierfe matzemaachen. Dee Projet, dee geet am C1 un, an ech fannen de Projet selwer enorm wichteg. Wat awer och wichteg ass, an dat dierf een net vergiessen: hei ginn d'Eltere mat agebonnen. Also et ass elo net esou, wéi wann hei iergendeen iwwert d'Eltere géif ewech bestëmmen. Wichteg ass dann awer och, mol eng Bestandsopnam ze maachen, wat fir eng Sprooch d'Kanner doheem schwätzen. Dofir fänke mer am C1 un.

Wat fir eng Sprooch schwätzen d'Kanner doheem? Wat fir eng vläicht an der Crèche? A fir dat erauszefannen, dat dauert e bëssen, an da gëtt gekuckt, ob d'Kand am zweete Joer alphabetiséiert gëtt op Franséisch oder op Däitsch. Op kee Fall kréien d'Elteren dee Choix impo-

séiert. Et ass ëmmer an Zesummenaarbecht mat den Elteren, ëmmer an Zesummenaarbecht mat Concertationen, a si kënnen duerno ëmmer nach fräi wien.

Froen, déi opkomm sinn, dat ass natierlech wa sou e Kand plënnert, dat a sou enger Projetschoul ass an eng aner Gemeng, dann ass et sou, datt och do d'Elteren awer garantéiert kréien, datt se do entweder an eng International School wiesselen oder awer an eng Projektklass, wou an deenen aneren 3 Gemengen nach leeft. De Projet deem dauert 8 Joer. Dat ass eng laang Zäit, dat ass de ganze Fundamental. Mee ech wëll awer soen, de Projet ass eng grouss Chance.

D'Elteren an d'Kanner kréien net wéi bis elo eng Alphabetiséierung einfach imposéiert, si kréien elo en zweete Choix. An ech mengen och, datt et wichteg ass. Well net all Kand, wat elo net perfekt Däitsch schwätzt, ass automatesch schlecht an der Schoul. Warscheinlech ass dat do eppes, wat hinne ganz vill entgéint kënnt, virun allem den net Lëtzebuerger. Mee och Lëtzebuerger Schüler, déi mer hei an de Schoulen hunn, och déi kréien de Choix. Wann do een dobäi ass, wou doheem vläicht een Elterendeel franséisch ass, och déi kréien d'Chance fir hei ze wien.

Dann hu mer natierlech e Gemengereglement wat seet, wann op enger Schoul e Projet ass, da kënnen d'Enseignante 4 Joer do bleiwen. Dat leeft iwwer Lettres de motivation, fir an där Schoul kënnen ze enseignieren. Mir hunn dëst gemaach. Mir haten an der Schoulkommissioun éischter eng Diskussioun op 8 Joer. Mir hunn awer duerno, well ganz vill Kandidature vu ville Leit, vu ganz villen Enseignante rakomme sinn, fir am C1 Schoul ze halen, well dee Projet awer och bei den Enseignante ganz gutt ukënnt, hu mer decidéiert, d'Reglement ze applizéieren. Dat heescht, déi Leit, déi sech elo gemellt hunn iwwer Lettre de motivation, déi si rausgesicht ginn, déi bleiwe 4 Joer en place. Mir hunn herno da missten no der Anciennetéit kucken, well méi Leit sech gemellt haten, wéi mer Posten haten. Ech hat jo gesot, dass mer dee Projet eng Kéier géifen detailléiert an der Schoulkommissioun virstellen, fir datt och jiddweree weess, wat do an deem Projet geschitt. Nach eng Kéier villmools Merci un de Ministère, datt mir dierfen do matmaachen.

Dann de Projet Waldschoul. Dat ass eppes, wat eis jo och alleguerten ëmmer erëm interesséiert. Zu deem Projet ginn et e puer Saachen ze soen: Dir wësst, dass mer eng Taskforce haten, während engem Joer, wou 2 Enseignanten an 2 Educateurs scho Schouklasse begleet hunn iwwert dat ganz Joer. Ech nennen et mol "Team Waldschoul". Si hu ganz vill Erfarunge gesammelt. Si hunn eis en exzellent Konzept geschriwwen mat allen Detailer, déi een nëmme kann draschreiwen. An ech wëll hinnen awer do Merci soe fir dat grousst Engagement, wat si do iwwert dat ganz Joer gemaach hunn. Bei deem Projet do huet ee gemierkt, all Kanner, déi dohinner gaange sinn, datt dat wierklech eppes Exceptionelles fir si ass. Si komme raus aus dem Alldag, aus dem Klassenall a léieren an der fräier Natur. Dat huet net all Gemeng, datt se dat kann zur Verfügung stellen. Dat hei ass wierklech eppes Exceptionelles. D'Gemeng stellt natierlech d'Gebai zur Verfügung. Mir hunn och schonn d'ganz Joer ee vun eisem Personal, deem um Projet schafft, deem de ganze Projet begleet. An elo

ass et sou, den Här Michaux kann eis vläicht herno méi soen, datt mer natierlech nach op de Ministère waarden, ob mer do e Contingent kréie fir dee Projet oder net.

Mir hunn eng Demande gemaach fir 2 Posten. Dat ass ganz vill an dat wësse mer och. Mee trotzdeem hofe mer natierlech, do awer een drop ze kréien. Eppes wat ech awer wëll soen, an do soen ech deenen anere Schoule Merci: si hunn 10 Stonne vun hirem Contingent op der Säit gehalen, fir wann dee Projet keen Enseignant géif accordéiert kréien, fir datt se awer Stonnen hunn, fir datt de Projet ka weiderlafen.

Kuerz nach d'Schoulschwammen. Dir wësst, mir hunn eng Schwämm manner. Trotzdeem mengen ech awer, datt et d'selwecht ass wéi d'lescht Joer. Den C2 geet weider all zweet Woch schwammen, dat heescht 18 Mol am Joer. Den C1 geet e bësse manner schwammen, well et och vill méi komplizéiert ass mat Spillschoulskanner schwammen ze goen, mee si ginn awer nach 10 bis 12 Mol d'Joer schwammen.

Dann ukrainesch Kanner. Dat ass och en Thema, do kann herno den Här Michaux eis herno méi soen, well déi Kanner jo net hei scalariséiert sinn. Wat mir awer hunn, mir hu 5 Kanner um Däich scalariséiert, déi elo hei sinn. An d'Kanner vum C1, déi solle jo direkt an eise Fondamental scalariséiert ginn, an déi vum C2 bis C4, déi ginn nach zu Keel lo momentan scalariséiert. Wéi gesot, do kann d'Direktioun herno drop agoen. Et wäerten och nach 2 Kanner um Strutzbierg bäikommen. Dat sinn emol d'Chiffere fir d'Kanner, déi mir hei fir Dideleng hunn, mee dat kann och all Dag änneren.

Bon, an dann nach e leschte Punkt, wou ech mengen, datt dat awer e ganz wichtege Punkt ginn ass, dat ass de PEP. Dir wësst, d'lescht Joer, de PEP hu mer réischt bei der definitiver Schoulorganisatioun presentéiert. Dëst Joer ass et awer sou, datt mer erëm an der Normalitéit sinn an datt mer och ganz vill wëlles hunn an deem nächste Joer. Dofir kréie mer dann och de PEP elo hei bei der provisoirescher presentéiert. Den Här Hoffmann huet eis dat jo an der Schoulkommissioun presentéiert, ech hat lech dat gesot. Hei leien lech och déi verschidden Dokumenter iwwert d'Gebaier, d'Ouvertures-Zäiten an natierlech och iwwert d'Personal vir. Ech wëll awer soen, an deene leschten zwee Joer huet sech ganz vill gedoen am Beräich vun der non-formaler Bildung. Mir hunn ëmmer ganz vill drop gehalen, dass d'Schoul an de SEA sollen zesummeschaffen. Déi Zesummenaarbecht tëscht Schoul a virun allem SEA ass ganz vill méi intensiv ginn, wéi et bis elo war. An ech géif och mengen, datt Diddeleng einfach e Virzeigbeispiel war, ass a wäert bleiwen, fir „Wéi kann déi Zesummenaarbecht fonctionéieren?“ Et ass natierlech net ëmmer sou einfach. Et hänkt och vun deene verschiddenen Intervenanten of. Mee ech mengen, dass mir hei keng Schoul méi hunn, wou dat net geschitt. Dofir, mir si ganz hofreg dorobber, datt dat Personal sech elo fonnt huet an datt dat eng gutt Zesummenaarbecht ass. Wat wichteg ass, ass natierlech déi gemeinsam Richtlinnen, wou net an der Schoul aner Reegele gëlle wéi se da mëttes an der Maison Relais gëllen. Dat

heescht, wann s de moies an der Schoul däi Knätsch net dierfs ënnert d'Bänk pechen, dann ass et net fir et mëttes an der Maison Relais ze maachen.

Wat bedeit déi Zesummenaarbecht? Et sinn natierlech ganz vill Echangingen, déi do musse gemaach ginn, d'Léierpersonal zesumme mam edukative Personal. Gemeinsam Reuniounen, gemeinsam Projeten. A mëttlerweil sinn och a Schoule Participatioun vum edukative Personal bei Bilansgesprécher. Och dat ass eppes, wat ganz wichteg ass. Si maache mat bei Eltereversammlungen. Eleng déi gemeinsam Notzung vu Säll, dat war e bësselchen en Challenge. Mee do si mer och ganz gutt ënnerwee. Et ass natierlech méi schwéier, wann eng Schoul net bei enger Maison Relais ass. Dann ass déi gemeinsam Notzung souwisou net ginn. Mee ech mengen iwwerall do, wou d'Maison Relais dobäi ass, hu se mëttlerweil gemierkt, dass an der d'Maison Relais, wa se eidel ass, och do kann Appui gehale ginn. Dofir sinn ech och doriwwer ganz frou. Bon, Projete wéi Schoulgäert, Porte ouvertes an och Ofschlossfeieren, dat maache se mëttlerweil souwisou gemeinsam.

An dann ass e Projet, dee fannen ech och ganz wichteg, deen ass um Strutzbierg ugaangen, dat ass de Projet „Léisungsteam“. An dee wäert an Zukunft och an der Gaffelt ulafen. An do waren och ganz vill Reuniounen. An och do ass et wichteg, dass déi selwecht Reegele moies an der Schoul a mëttes an der Maison Relais lafen. An da Projeten, déi gemaach ginn. Do gesäit een, dass ganz vill Saachen erëm lafen. Dat ass de Maker Space. Mir haten de Maker Space jorelaang iwwert eng Persoun lafen. Lo ass et sou, dass mer ganz vill vun eise Personal forméiert hunn. An an Zukunft wäert dee Projet Maker Space virun allem mol um Däich lafen. A flott ass do, dass d'Schoul och participéiere kann. Dat heescht, am Fong eng Aktivitéit vun der Maison Relais, mee et gëtt integréiert an d'Schoul. An och dat ass dann erëm eng flott Initiativ. Bon, ech war elo net op d'Lëscht vun deene ganze Projeten agaangen. Ech mengen der Här Hoffmann, deen huet der vill erkläert an der Schoulkommissioun. Hie kann herno och nach Saache soen, op déi ech elo net besonnesch agaange sinn.

Wat soen ech zum SEA? Mir si ganz gutt opgestallt. Dir wësst zwar, datt mer ëmmer erëm e Va-et-vient hunn, well d'Personal ëmmer ganz vill wiesselt. Dat läit awer net un eis, ech mengen datt dat iwwerall sou ass. Wann der Samschdes d'Zeitung opschlot, da gesitt der, wéi vill Leit ëmmer iwwerall gesicht ginn. Wat awer och flott ass, mir hunn elo neierdénge e Plan de formation, sou dass d'Personal net einfach seet „Ech maachen elo déi Formatioun“, mee dass gekuckt gëtt, wat fir eng Formatioun wichteg sinn. Et ginn och eng ganz Rei Formatiounen am Beräich Airtramp gemaach. D'Schoulen an d'Maison Relais ginn och mëttlerweil op de Wee fir temporär Airtrampen ze lounen, wat och eng ganz flott Saach ass. Éischt Hëllef-Coursen, dat gehéiert och zum Alldag. Dat ass net ëmmer sou gewiescht, ech fannen dat awer ganz wichteg. Wou ganz vill Wichtigkeet drop geluecht gëtt, dat ass natierlech gesond Ernährung. Och am Beräich Hygiène alimentaire gi ganz vill Formatiounen gemaach.

A wou sech och vill Leit gemellt hunn, dat ass an der Wildnispädagogik-Formatioun. Dat heescht, wann ee vun eisen Educateuren an der Waldschoul ausfällt, dann hu mer eng ganz Rei aner Leit, déi do kënnen asprangen. Dann nach e kuerzt Wuert, eis Kanner vun der Maison Relais, dat maachen mer jo och schonn iwwer Joren, dat ass och net sou aldeeglech, déi participéieren un den Aktivitéite vum Jugendhaus. Natierlech meeschens déi Grouss. Déi ginn do an d'Aktivitéiten, a si wäerten och de Summer iwwer, wann de Ministère eis dat accordéiert, mam Jugendhaus zesummen an den Europapark fueren. Do huet zwar jiddweree säin edukatiivt Personal dobäi, well jo d'Responsabilitéiten do spillen.

Den C4, si sinn ëmmer relativ aktiv. Dat sinn eis Teams, déi hu schonn eng lass. Déi wäerten och den Summer iwwer an d'Waldschoul goen, well dat hinne ganz gutt deet, wa si de ganzen Dag dobaussen an der fräier Natur sinn. Elterenaarbecht: déi gëtt erëm gemaach. Ech sinn doriwwer ganz frou. Ech mengen och den Elterecafé an deene verschiddene Schoule wäert erëm opgoen.

D'Eltereschoul, déi ass och ganz aktiv ënnerwee. Do huet dat jo geännert, de Ministère iwwerhëlt do d'Fraise vun der Eltereschoul. Mir maache ganz vill Publicitéit, mir sinn och schonn um Maart gewiescht an och bei de Schoulen.

Bon, dann ass ee Punkt, an dat ass och mäi leschten: d'Gratuitéit vum Mëttegiessen. Ech muss ganz eierlech soen, ausser mir hunn elo en neie Moment haut hei, ech weess net, wat op eis duerkennt. Mir kënnen et net soen. Ech wëll just soen, datt mer lo de Moment relativ gutt sinn, datt mer keng laang Liste d'attente hunn. Mee dat kann awer alles nach änneren. Do kann ech lech warscheinlech bei der definitiver Schoulorganisatioun soen, wéi et geet.

Voilà, ech mengen ech hu ganz vill geschwat. Ech wëll awer mat engem risege Merci schléissen. Mir kommen zréck an d'Normalitéit, ech wëll awer Merci soe fir déi richtig gutt Zesummenaarbecht mat der Direktioun vum Fondamental, mat der Direktioun vum SEA, mam Erni Ferrari mat sengem Service Enseignement. An dann awer och Merci all den Enseignanten an dem edukative Personal, well ouni si wär déi Schoulorganisatioun net sou, wéi se wär an d'Projete wäeren net sou flott, wéi se sinn. Villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Josiane, fir d'Presentatioun an d'Erklärungen. Mir sinn hei am Kader vun der provisoirescher Schoulorganisatioun, wou awer och scho méi definitiv Zich sech konkretiséieren. Et ass elo un de Kollegeinnen a Kollegen aus dem Gemengerot, fir dozou Stellung ze huelen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Wuert. E grouse Merci un d'Josiane fir déi excellent an ausféierlech Presentatioun. Et si scho vill Froen, déi ech hat, déi's De scho beäntwert hues. Ech wëll Der awer och eng Kéier e grouse Merci ausschwätze fir Deng exzellent Présidence vun der Schoulkommissioun, wou ëmmer an engem flotten Dialog an am Austausch vill Froen schonn am Virfeld beäntwert ginn. Do gëtt et keen

Tabu, do kann een alles froen, et kann een alles duerchdiskutéieren. Dofir Dir mol perséinlech dofir e grouse Merci fir Däin immenst Engagement. Merci natierlech och dem Erni Ferrari an dem Joël Michaux, de Presidente vun de Schoulen, de Komiteeën, dem Staff vun der Direktioun, den Enseignanten, den Intervenanten, jiddwereen, deen un der Schoulorganisatioun bedeelegt ass, all Dag mathëllef. Dat ass einfach flott ze gesinn, och an der Schoulkommissioun, d'Sitzungen, wou d'Présidenten och ëmmer present sinn, a wou och do am Dialog awer ëmmer Léisung fonnt gi fir all méiglech Problemer.

Zur Schoulorganisatioun konkret: Vum Precocé, Dir wësst, dat ass ëmmer e bëssen en Dada vu mir gewiescht. Ech hunn dat ëmmer wichteg fonnt, dass mer vill Kanner an de Precocé kréien. D'Josiane huet et scho gesot gehat. Am Ufank hate mer gemengt, mer hätten net sou vill Kanner, mee lo am Endeffekt sinn awer 65,6% vun de Kanner, déi sech ageschriwwen hunn, an de Precocé ze kommen, wat awer och ganz flott ass. Well de Precocé dat ass jo niewent der Kompetenzverméttlung, niewent der sozialer Integratioun awer och ganz wichteg, dass eng Sproochekompetenz am Lëtzebuergesche sollt erreecht ginn.

Mir wëssen et, et ass virdrun ugeklungen. Ausser an eise kommunale Crèchen, an dat weess ech wierklech ganz konkret, hei zu Diddeleng an och ronderëm, ass an de private Crèchen d'Langue véhiculaire just Franséisch, oft souguer och Portugisesch. An och wa pro forma, wéi de Ministère et virschreift, 1 bis 2 maximal lëtzebuergeschsproocheg Educateuren agestellt ginn, ass dat just eng Makulatur vun der Realitéit. Dat muss een awer och mol eng Kéier konkret soen, well déi 1 oder 2 lëtzebuergeschsproocheg Educateuren, bei engem Grupp vun 10, 11, 12, 13 Educateuren, dat rett d'Welt och net. Dat heescht, d'Verméttlung vun der lëtzebuergescher Sprooch ass ausser an eise kommunale Crèchen hei zu Diddeleng net ginn.

Dofir sinn ech awer ëm sou méi frou, dass d'Leit hei och sou lues matkréien, dass eng Aschreiwung vun hire Kanner am Precocé awer ganz wäertvoll ass. En plus, wat jo och net ze vernoléisseggen ass, de Precocé ass jo och gratis. Dat ass en Argument, wou ech den Elteren och mol soen: „Dat kascht dech manner, wéi wann s de däi Kand an eng Crèche gëss.“ Nieft deenen aneren Avantagen. Mir wësse bekanntermoossen, de Schoulsuccès ass haaptsächlech liiert un d'Sproochekompetenzen. Dat huet och Uni.lu bewisen, dass eng gutt Kenntnis vum Lëtzebuergeschen eng gutt Viraussetzung ass fir d'Alphabetisatioun, wéi se bis elo ëmmer war, op Däitsch. Ech hunn ëmmer mol d'Fro gestallt, ob eventuell vum Ministère ugeduecht ass, vläicht eng Kéier eng Analys ze maachen, ob déi Kanner, déi am Precocé waren, déi dann e Joer vläicht och méi spët mat der lëtzebuergescher Sprooch a Kontakt komm sinn, ob deenen hire Schoulsuccès sech vläicht och do erëmgespigel huet, dass déi och vläicht eng besser Chance haben, fir an e Classique orientéiert ze ginn, wéi vläicht Kanner, déi total unbedarft an d'Spillschoul kommen an nach ni mam Lëtzebuergeschen a Kontakt komm sinn. Ech weess net, ob do eppes ugeduecht ass.

Ech mengen dat wär awer de Sënn, och vum Precoce, dass een dat och eng Kéier, vläicht mat Uni.lu oder sou, begleet, fir dat eng Kéier auszewäerten, ob dee Succès – dee mer eis jo och erhofft hate mat der Aféierung vum Precoce – ob deen sech dann och an den Zuelen nidderschléit.

Mir huelen deel um Projet-pilote vun der Alphabetisatioun am Franséischen. An engem Artikel huet dann de Fernand Fehlen gesot, dass effektiv hei zu Lëtzebuerg zwee Drëttel vun de Kanner doheem eng aner Haaptfamilljesprooch hunn. Dat heescht, zwee Drëttel vun de Kanner schwätzen doheem kee Lëtzebuergesch. An ech mengen, dann ass et och gutt, dass mer eng aner Offer hunn. Et muss een och bedenken, déi staatlech international Schoulen, déi elo agefouert goufen, wou eng Alphabetisatiounsfilière op Däitsch, Franséisch oder Englesch ass, déi huet en immense Succès. 5% vun eise Grondschoulkanner, déi gi mëttlerweil a sou Schoulen. Dat muss een och mol eng Kéier festhalen. Do weess een, dass do eng Demande do ass. Mir fannen dat ganz flott, dass Diddeleng och do matmécht, an ech denken den Däich ass natierlech och ideal fir un deem Projet deelzehuelen, vun der Populatioun hir. Meng Fro ass elo ganz konkret: Et ass gesot ginn, „Mir schaffe mat den Elteren zesummen.“ Wéi war d'Resonanz vun den Elteren? Wéi vill Kanner huele mer am Projet op? An eng grouss Fro ass awer och natierlech grad den Däich, wou et e bëssen enk ass mat de Klassen, wéi gi mer do eens mat der Raimlechkeeten? Mir wëssen, do si mer e bësse vir bäi an hanne widder.

Déi Klass gëtt jo dann awer extra encadréiert. Et ass gesot ginn, mir huele keng zousätzlech Klass, Spillschoulsklass, wou mer elo dee Projet maachen, mee dat gëtt eng Spillschoulsklass, déi gëtt „ëmgewidmet“ souzesoen, an eng franséisch Klass. Mee op länger Sicht muss ee jo och kucken, wéi een dat da mécht. Ob een dann awer vläicht nach zousätzlech Raimlechkeete ka schafen. Mee do si mer e bësse vir bäi an hanne widder. Vlächtt hutt Der jo do schonn eng Iddi, wéi Dir dat dann herno wëllt praktesch weiderféieren. Dat sinn déi praktesch Froen an och déi organisatoresch Froen. An d'Fro ass natierlech och, wéi geet de Projet weider? Wéi gesot, déi international Schoulen hunn e groussen Succès, well eis Schoulpopulatioun zu Lëtzebuerg ebe ganz multikulti ass.

An ech war virun net allze laanger Zäit vun enger Mamm ganz erstaunt gefrot ginn, firwat een dann net einfach allgemeng sou eng Alphabetisatioun op Franséisch ubitt, well et wäere jo souvill Frankophoner, si géif zu Beetebuerg wunnen, an do wär awer eng ganz grouss Populatioun vu Fransousen a Belsch, an déi géifen sech ëmmer wonneren, firwat dat net allgemeng ass. Jo, am Fong, firwat ass dat net sou? An do ass meng Fro och, ech huele jo un, dass dat och sou ugeduecht ass, dass wann dee Projet-pilote elo gutt leeft, dass mer an eng Richtung ginn, wou mer ebe mussen eisen net lëtzebuergeschsproochege Kanner hiren native speaking franséischsproochegen oder portugiseschsproochegen Familljen vlächtt awer och méi eng grouss Offer an anere Gemengen och ubidden. Ech weess elo net, a wéi eng Richtung dat schonn ugeduecht ass, vlächtt kann den Här Michaux eis schonn dozou e bësse méi soen.

Well déi Elteren, grad déi franséisch- oder portugiseschsproochegen Elteren, déi sinn och e bësse frustréiert, well se hire Kanner einfach net kënnen hëllefen am 1. Schouljoer, wann déi op Däitsch scalariséiert ginn. Si kënnen hinnen net hëllefe bei den Hausaufgaben, an dat fanne si dann e bëssen traureg, well et sinn awer vill Elteren, déi sech wierklech gutt engagéieren a gäre mat hire Kanner wëlle schaffen. A fir déi ass dat dann natierlech ganz schwéier, wa si der däitscher Sprooch net mächtig sinn, da musse se schonn Nohëllefsstone vu Studenten hire Kanner ginn am 1. Schouljoer, fir dass déi Kanner optimal begleet ginn. Dofir, ech denken, eng Demande ass op jiddwer Fall do, net nëmmen hei zu Diddeleng. A mir sinn op jiddwer Fall mol frou, dass mir bei deem Projet matmaachen.

Konkret Fro – d'Josiane huet et och scho gesot – wéi maache mer et, wann d'Kanner plënnere? Et ass gesot ginn, wa se an aner Gemenge plënnere, da kréien déi Kanner eng Plaz an den International Schools. Mee wéi ass et zum Beispill, wa se innerhalb vun Diddeleng plënnere? Wéi maache mer dat konkret? Dat ass warscheinlech och eng Fro, déi ee sech muss stellen. Kënnen déi Kanner awer, wa se zum Beispill an d'Géigend vum Ribeschpont plënnere, kënnen se awer an hirer franséischer Alphabetisatiounsklass bleiwen? Dat ass eng Fro, déi mer eis musse stellen, vu que dass mir allguerten heibannen eis ëmmer staark maache fir Quartierschoulen. Mee dat do ass e Pilotprojet, deen e bësselchen eng aner Nues huet, do muss ee sech dann iwwerleeën, wéi mer do virginn. Ganz wichteg ass, dat muss een och vlächtt och no baussen nach eng Kéier soen, dass d'Langue véhiculaire an dëser franséischer Klass awer dat Lëtzebuergesch bleift. Dat ass och vlächtt wichteg, net dass d'Leit elo mengen, dass mer dat elo komplett opginn. Mee et ass awer wichteg, dass d'Langue véhiculaire d'Lëtzebuergesch bleift an och dass dat Däitsch ab dem 2. Schouljoer soll geléiert ginn. Dat ass am Fong just den Inverse vun deem, wéi et bis elo leeft, wou een am Fong am 1. Schouljoer op Däitsch alphabetiséiert gëtt a wou d'Franséisch dobäi kënnt. An hei gëtt dat just ëmgedréit.

D'Fro stellt sech och, mir haten dat och schonn ukëlengelooss an der Schoulkommissioun, wéi geet et am Post-primaire weider? Mir haten déi berüümt ALET-Klassen, „Allemand langue étrangère“. A ville Lycéeën gouf Däitsch enseignéiert fir Kanner, déi aus enger frankophoner Famill kommen. Dat ass plus minus ofgeschaaft ginn. Ech huelen un, dass dat da vlächtt nees opliewe gelooss muss ginn? Ech hunn awer och nach eng aner konkret Fro: Um Däich hu mer jo och en Assistant pédagogique mat der portugisescher Sprooch, deen d'Kanner och op Portugisesch encadréiert. En plus hu mer och en däitschsproochegen Intervenant. Meng Fro ass: Bleiwen déi zwee Intervenanten awer och nach do? An ginn déi zum Beispill och an déi frankophon Klass oder hale mer déi just bäi an där classescher lëtzebuergescher Klass? Jo, an dann ass natierlech och d'Fro, et kann een dat jo e bësse weiderspannen... Et si jo och Kanner, déi an déi englesch Alphabetisatiounsfilière an den International Schools ginn. Ass do och ugeduecht, e Projet landeswäit ze maachen? Och do d'Fro un den Här Michaux. A wäere mir als Diddelenger bereet, fir och do vlächtt op dee Wee ze goen, sech do ze mellen?

D'Josiane huet et gesot gehat, et war e bëssen en Hickhack gi beim Rekrutement vum Personal fir dëse Projet. Dat ass dunn awer ze enger zefriddestellender Léisung komm an d'Leit hu sech kënnen duerch eng Let-tre de motivation fir dee Projet mellen. Meng Fro ass elo: Wéi geet et elo mat de Formationen? Momentan ass et jo just de Cycle 1, dee betraff ass. Dat heescht d'Spillschoul. Kritt do d'Léierpersonal Fräistellungen, fir sech extra ze forméieren? Preparéiere mer lo schonn d'Arrivée am Cycle 2? Gëtt elo och scho Léierpersonal aus dem Cycle 2 bis 4, déi a Formationen geschéckt ginn? Dat ass vläicht interessant ze wëssen, wéi dat da konkret weidergeet.

Da kommen ech zum Thema Contingent. Da kann ech wéi all Joer nëmmen e grouse Merci soen un all eis Presidenten, un all eis Komiteeën, un d'Léierpersonal, un d'Schouldirektioun. Et ass ëmmer impressionant, wéi de Contingent awer zur Zefriddenheet vun de Schoule kann opgedeelt ginn. Wat net ëmmer evident ass. Et ass gesot ginn dass vill Appui fort fält. Mee ënnere-nee kucken d'Schoulen awer, fir dass d'Kanner optimal betreit ginn. Gutt, mir hunn dat all déi Joren e bësse monéiert, dass den Indice social eropgaangen ass. Ech denken dass der Realitéit vun Diddeleng e bësse besser Rechnung gedroe ginn ass. Mir hunn dat ëmmer e bësse monéiert, dass mer eis gewonnert hunn, dass eisen Indice social sou gutt cotéiert war. Mee elo hu mer jo eng nei Evaluatioun kritt, an doduerch kréie mer och méi Stonnen an dat ass och eppes, wat mer hei brauchen. Wéi gesot, mir fannen et immens flott, dass alleguerten d'Schoulen zesammenhalen. Dass alleguerten d'Schoule probéieren, eng optimal Léisung, eng optimal Betreuung, fir all Kand an all Quartiersschoul ze kréien. Dat geet nëmmen duerch Dialogbereedtschaft, Flexibilitéit a Kollegialitéit. An dofir e grouse Merci.

Da kommen ech zum PEP, zu der non-formaler Bildung. Et muss ee soen, vun eisen 1882 Kanner, déi mer an eise Schoulen hunn, huele 64,3% déi eng oder aner Offer vun de Maison Relaisen un. Dat sinn 1112 Kanner. Och do e grouse Merci dem Erni Hoffmann als Responsabel vum SEA, awer och senger Ekip. Awer och de Responsabelen op all Site, den Educateuren och do e grouse Merci. Mir als CSV hunn och ëmmer begréisst, dass mir eis Maison Relaisen a kommunaler Hand halen, dass dat e kommunale Service bleift. Wat sécher och den Avantage huet, dass eben déi Zesummenaarbecht, wéi d'Josiane et och scho gesot huet, tëscht der Schoul an der Maison Relais zesumme gewuess ass, dass dat vun ënnen erop gaangen ass. Ech mengen do ass och dem Zuangs Rom e grouse Merci ze soen als Haaptinitiator vun den éischte Maison Relaisen. Dat war him och en Uleies warscheinlech deemools och, well hien als Schoulpresident déi Zäit oder als Schoulmeeschter och gesinn huet, wéi wichteg et ass, dass een do zesummeschafft. Dass déi Vernetzung, dass déi och optimal zum Wuel vum Kand soll sinn. An dass dat nach ëmmer méi no zesummewiisst, dat gesäit een och an der Dokumentatioun vum PEP. Dass jiddweree sech bewusst ass, dass een d'Kanner muss global betreien an net nëmme Wäerter vermëttelen an der Schoul vun 08:00 bis 12:00. An duerno si komplett aner Wäerter déi zielen.

Mir hu jo och verhalensopfälleg Kanner. An déi Kanner hale jo net op, ëm 12:00 verhalensopfälleg ze sinn, wa se an d'Maison Relais ginn. Dofir ass et och wichteg, dass och sou eng Prise en charge individualisée, souwuel an der Schoul wéi dann och am Dialog mat der Maison Relais geholl gëtt. Déi selwecht Problematik stellt sech jo fir jiddwereen. Dofir ass den Dialog einfach extrem wichteg. An wann een hei kuckt, wat fir eng flott Iddie si hunn: eng Méindes-Mail tëscht der Schoul an der Maison Relais. D'Zesummenaarbecht vun der Maison Relais a Schoul gëtt am Sënn vum Kand ëmmer méi wichteg an ëmmer méi intensivéiert. Eng kleng Remark just. Et mierkt een awer, dass all Site trotzdeem awer e bëssen eng aner Nues huet an der Handhabung vun deem Zesummeschaffen. Bei deenen enge gi Pleniëren zesumme gehalen, bei deenen anere gi Porte ouvertes zesumme gemaach. Bei verschidde Schoulen, do ass de Responsabel, de Référénd vum Personal vum Cycle vun der Maison Relais mat der Schoul zesummen, déi gesi sech zwee- bis dräimol pro Trimester. Bei anere gesi se sech an all Bilansgespräch. Dofir ass vläicht och eng Ureegung, dass een dat och vläicht och uniformiséiert, oder probéiert, ze uniformiséieren. Quitt, dass all Schoul seng Nues dierf behalen, mee dass d'Elteren och wëssen: sou leeft dat hei zu Diddeleng of. Déi enk Vernetzung, Schoul – Maison Relais. Dat gesi mir och am Alldag, dass an all Schoul den Intervenat zum Beispill bei de Bilansgesprächer dobäi ass. Oder an enger Schoul, do gëtt et eng „Soirée parents Précoce“, do ass d'Maison Relais schonn dobäi. Dass een dat vläicht nach méi „uniformiséiert“, fir dass d'Leit och wëssen, wou se dru sinn. Et ass eben och wichteg, dass d'Elteren iwwerall déi selwecht Chance hunn, souwuel d'Léierpersonal wéi och d'Betreiungspersonal vun hire Kanner kennenzeléieren, sech ze begéinen a sech auszetauschen. Jo, de grouse Problem an de Maison Relaisen ass effektiv de Rekrutement. D'Fluktuatioun vun den Educateuren, dat ass net evident. Mee dat läit natierlech och net ëmmer an eiser Hand.

Ech hunn e puer konkret Froen zum PEP: An der Gaf-felt, do steet beim Léisungsteam „Projet sera mis en place“. Do ass meng Fro: Ass dat elo scho konkret fir de September geplangt? A kréie mer do och en zousätzleche Personalschlüssel? Ech hat mer d'Fro och gestalt mam Team Waldschoul-Wildnispädagogik. Do wäer et och flott, wa mir eng Kéier all zesummen an der Schoulkommissioun de Bilan vum 1. Joer kéinten duerchhuelen, well dat wär ganz interessant. Wéi ass et do virgesinn an der Zukunft? Vläicht kënne mer eng Kéier an enger Schoulkommissiounssitzung do den éischte Bilan maachen an awer och no vir kucken. Meng aner Fro: Um Strutzbierg, do steet Maker Space dran. Ass dat schonn operationell? Wéi leeft dat do mam Echange mat anere Schoulen? Dann, wat ech ganz flott fonnt hunn um Strutzbierg, dat ass e Projet, dass d'Schoulpersonal an d'Educateuren sollen zesummen d'Kantin besichen. Dat heescht, dass do vläicht den Iwwergank iwwer Mëtteg an och den Dialog iwwer Mëtteg soll weider gefërdert ginn.

Ech mengen, d'Beispill Lenkeschlei weist, do ass dat jo gang und gäbe, do ass et souguer am Projet verankert. Mee ech fannen et ganz flott, dass och aner Schoulen an aner SEAs an der Wee wëlle goen. An ech denken

dass dat och ganz wichteg ass, dass d'Kanner och de Message kréien: Mäi Schoulmeeschter oder meng Joffer an mäin Educateur de référence, dat ass een Team, déi schaffen zesummen. An e gemeinsaamt Mëttegiesen, et ass jo näischt méi Conviviales, wéi zesummen un engem Dësch ze setzen an zesumme mat de Kanner ze diskutéieren an dat fannen ech e ganz flotte Projet. Hausaufgabenhëllef ass ugeklungen. Och a verschidde Schoulen. Meng Fro ass: ass dat och op all Site ugebueden, well et steet net an all PEP dran?

Dann, de Projet „Sécher Schoul“ um Strutzbiërg. Dat ass e Projet, dee scho leeft. Dat fannen ech och e ganz wäertvolle Projet. A virun allem, wat schoonn ugeklungen ass, dass den Dialog och ëmmer méi gesicht gëtt, z.B. mat der Pro Familia vum Strutzbiërg, dass do lo ganz enk Kontakter geknëppt gi sinn. Well dat an der Vergaangenheet net ëmmer sou gutt gelaf ass, wat awer elo vill méi konkret ginn ass a wat och de Kanner zegutt kënnt. Grad sou och mat deenen anere Kannerfoyeren. Well de Strutzbiërg jo awer och en Anzugsgebit ass vu Kanner, déi schoonn e schwéiere Bagage hunn, éier si mol bei eis an d'Schoule kommen. D'Fro ass och, wéi ass et mam Dialog mat de Kanner aus dem Migrationsfoyer OpderSchmelz. Meng Fro ass do: Hunn d'Kanner do och eng Personne de référence oder siche mer do méi direkt de Kontakt direkt mat den Eltere vun deene Kanner? Elterecafé ass ugeklungen. Ech hoffen, dass dat décke Succès huet an dat ass sécher och eppes, wat d'Eltere begreissen.

Meng Fro ass awer och konkret: Eltereschoul. Wéi ass do de Feedback? Wéi vill Eltere schaffe scho konkret mat deenen Offeren, déi d'Eltereschoul ubitt? Wéi ass de Feedback? Do vläicht eng Kéier e kuerze Bilan an enger Schoulkommissionssitzung ze maachen, wär vläicht ganz interessant. D'Formation vum Personnel éducatif ass ugeklungen. Et steet awer elo just am PEP vum Lenkeschléi eng „Mise en place d'un plan de formation pour le personnel éducatif“. Do war meng Fro: Wéi leeft et op deenen anere Sitten? Maache mer dat sur place mat deene Formationen? Ginn do d'Educateure fräigestallt? Geet dat iwwert de SCRIPT, iwwert den IFEN? Och do vläicht nach just e puer Detailfroen.

Voilà. Maison Relais. Ech hu gesot, 64,3 % vun eise Kanner profitéieren vun den Offeren. D'Fro gratis Kantin ass virun ugeklungen. Wéi vill kommen der dobäi? Mir wëssen et net. Et muss een ëmmer soen, wann eppes gratis ass, dann zitt dat natierlech och d'Leit un, well z.B. d'Crèche ass net gratis, d'Nounou ass net gratis, d'Dagesmamm ass net gratis, d'Kanner iessen net gratis doheem. D'Fro ass elo, wou setze mer déi Kanner, wann der da solle kommen – wéi gesot, mir si scho bei 64,3% - soe mer mol, et kommen nach 15% dobäi oder och nëmmen 10%. Wou setze mer se hin? Wou huele mer d'Personal hir? Wann ee weess, wéi streng d'Krittäre si fir Leit ze rekrutéieren a wéi eidel de Marché ass. Froen iwwer Froen. Affaire à suivre. An dann erlaabt mer awer och, e puer e bësse méi prinzipiell lwwerleungen ze maachen. Jo, d'Maison Relais, d'Kantin-Betreiung ass wichteg fir vill Elteren. Monoparentaux, Leit, déi zu zwee schaffe ginn. Awer d'Fro stellt sech och politesch: Wëlle mir just nach d'Friembetreiung vun eise Kanner promouvieren? Ass dat deen een-

zege richtege Wee? Dass 64% vun eise Kanner moies bis deelweis owes fremdbeträit ginn an engem grouse Grupp, bäi vill Kaméidi, Gedäisch, ouni Rou, ouni sech dierfen ze langweilen, ouni dierfe kee Programm ze hunn. Ass et dat, wat mer wëllen? Solle mer net mol eng Kéier innehalen? Eis iwwerleeën, ob net vläicht mol misste probéieren, aner Liewensformen, aner Kannerbetreiungen ze ënnerstëtzen? Assistants parentaux, Nounou, Dagesmamm, gouf politesch futti gemaach. Dat ass eng Tatsaach. Lo wëll de Ministère probéieren, dat erëm e bësselchen opzebauen. Mee do ass vill futti gemaach ginn. An dat war awer eng ganz gutt Alternativ. Grad fir Kanner, déi verhalensopfälleg sinn, déi an engem grouse Grupp net gutt fonctionéieren. Dat ass schued, dass et sou wäit komm ass. Mee mir hoffen, dass do awer elo en neien Elan kënnt.

Wat fuerderen d'Elteren? Dass se de Choix hunn. Dass se méi kënne méi laang doheem bleiwen. Et gëtt oft verlaangt – an dat gesäit een och un deene Petitiounen, déi erausginn – dass de Congé parental eventuell soll verlängert ginn. Dass ee ka méi laang doheem bleiwen. Dass een den Eltere vläicht och eng Indemnitéit bezilt, fir doheem ze bleiwen. Well gratis Mëttegiessen deenen enge Kanner ubidden, an deenen anere Kanner, wou d'Elteren och oft Opfer bréngen an nëmmen ee schaffe geet oder een nëmmen hallef Deeg schaffe geet, an déi kréien näischt? Ass dat de richtege Wee? Dann: Ass dat och gutt, dass d'Kanner de ganzen Zäit an ëmmer, ëmmer an eise Crèche, an eise Maison Relais sinn? Kontrolléiere mir z.B. ob all Kand wéinstens sou vill Deeg aus der Maison Relais doheem bleift, wéi seng Eltere Congé hunn? Kontrolléiere mir ob Elteren, déi an e Congé de maternité, respektiv e Congé parental fir en zweet oder en drëtt Kand ginn, ob déi dat éischt Kand doheem betreiwen? Oder dat Kand awer all Dag an d'Maison Relais geet? Well et fir näischt ass. Well et méi praktesch ass. Valoriséiere mer d'Elteren nach genuch? Encouragéiere mir d'Eltere genuch, fir sech selwer ëm hir Kanner ze këmmen? D'Stärkung vun den Elteren, schonn an den éischte Liewensjoren, ass immens wichteg. En zolidd Bindung Kand-Eltere muss ee fréi schaffen. Mir fäerten dass mer e bëssen ze vill just an eng Richtung denken, plangen an organiséieren. Loosse mer d'Elteren net vergiessen. Si sollen d'Referenzpersoun, den Erzéier, d'Bezugspersoun, de Vertraute si vun hire Kanner, net d'Joffer, net den Educateur.

Ech denke mir müssen d'Famill nees méi valoriséieren, d'Eltere staark maachen, fir dass se sech nees bewosst sinn, fir dass se sech nees méi trauen, d'Erzéiung vun hire Kanner, d'Wäertevermëttlung un hir Kanner selwer an de Grëff ze kréien. Vläicht ass dat illusoresch. Mee ech gesinn et bei menge jonken Elteren a menger Praxis. Et sinn der ganz vill, déi et vermëssen, eng Ënnerstëtzung ze kréien, wou se och eng Méiglechkeet hunn, eng méi direkt Prise en charge vun hire Kanner doheem kënnen ze maachen. Eng Affaire à suivre. Et ass eng politesch lwwerleeung, mee et ass näischt a Stee gemeesselt. Loosse mer mol open minded bleiwen an eis zesummen iwwerleeën, wéi eng Zukunft mir fir eis Kanner an eis Eltere wëllen. Haut emol e grouse Merci un all eis Diddelenger Intervenanten, déi mat Engagement, Empathie, Know-How hiert Bescht ginn, fir dass eis Kanner souwuel an der Schoul wéi och an der

Maison Relais eng schéi Kandheet hunn. A sou soll et och sinn. D'CSV ënnerstëtzt d'Schoulorganisatioun an och déi ganz flott Projet vum SEA. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Am Numm vun der grénger Fraktioun e Merci un d'Adress vun alle Responsabelen an Engagéierten an de Schoulen, Servicer vum Enseignement a SEA fir d'Ausschaffe vun dëser Schoulorganisatioun, déi mir och matstëmme wäerten. Eng Schoulorganisatioun mat ganz ville flotte Projeten an der Schoul selwer, mee awer och an der non-formaler Bildung. Ech widderhuelen elo net erëm alles. Meng Ried beschränkt sech op e puer Froen. An awer och e puer Denkestéiss. An der Schoulkommissioun vum 31. Mäerz krute mer matgedeelt vun dem Här Michaux, datt de Ministère de Projet-pilote zu Diddeleng lancéiert, vun der Alphabetisatioun op Franséisch an der Schoul Däich. Do hätt ech schonn emol direkt eng Fro. Dat stoung jo och schonn an der Press. Wann elo Elteren interesséiert si fir hir Kanner, fir déi Alphabetisatioun op Franséisch ze maachen, déi awer elo net am Ressort leie vun der Schoul Däich. Hunn déi d'Méiglechkeet, eng Demande un de Buergermeeschter ze maachen oder gëtt dat wierklech beschränkt op déi Kanner, déi an deem Quartier wunnen?

Eng Majoritéit vun den Enseignanten um Däich war jo averstanen, fir dee Projet-pilote ze maachen, an de „Règlement d'occupation des postes“ sollt ofgeännert ginn, fir dass dës Enseignanten 8 Joer kéinten am Gebai bleiwen. Am Rapport vun der Schoulkommissioun vum 17. Mee steet dann awer, datt aner Enseignanten aus anere Gebaier net zefridde waren, datt den Däich schonn dës Joer net méi kéint gewielt ginn. Doropshin ass dat mat Lettre de motivation dann awer méiglech gemaach ginn. Hei hätt mer dann eng Fro: Déi Enseignante si jo lo 4 Joer ofgeséchert laut Reglement. Am Rapport vum 17. Mee steet: „Il ne sera donc plus nécessaire de modifier le règlement d'occupation des postes encore cette année.“ Heescht dat elo, dass den ROP dann awer nach eng Kéier muss ofgeännert ginn? Oder geet dat dann elo sou gehandhaabt, dass dann no 4 Joer gëtt dann nach eng Kéier 4 Joer gemaach? Well de Projet leeft jo awer 8 Joer. Mir hunn hei zu Diddeleng zwou Schoulen, déi ënnert engem Projet lafen, wou d'Leit dann och ofgeséchert sinn. Dat ass Lenkeschléi an den Däich. Déi bidden hiren Enseignanten dee Moment eng Sécherheet, fir kënnen an hirer Schoul ze bleiwen, och wann et an der Hierarchie vun der Anciennetéit an hirer Gemeng net un hirem Tour wier.

Da kucke mer mol vläicht et bëssi an Zukunft. Kréie mer nach weider Schoulen, déi un engem Projet bedeelegt sinn? Ech denken u Balzeng, ech denken un NeiSchmelz. Kréie mer an Zukunft – an et ass jo elo scho vill ervirgehuewe ginn – nach méi eng enk Zesummenaarbecht am Kader vum PEP tëschent dem edukative Beräich am SEA an dem Enseignement? Do kéint sech jo dann awer mol d'Fro gestallt ginn, ob aus der Ausnam net eng Regel kéint ginn? An zwar d'Reegel: d'Occupation des postes prioritär innerhalb vun enger Schoul ze erméiglechen. Sou datt, och am Sënn vum Kand, eng pedagogesch Ekipp kéint zesummewuessen an zesummeschaffen. Dat war mol een Denkestouss. Eng kuerz Fro hätt ech dann och nach betreffend d'Schoulhaff. Am Rapport

vum 17. Mee steet, ech war leider krank an där Schoulkommissioun, datt de Wonsch opkomm ass, verschidde Schoulhaff zouzemaache fir de Public zu Schoulzäiten a SEA-Zäiten. Dat wier jo dann awer praktesch de ganzen Dag. Ëm wéi ee Schoulhaff handelt et sech? A wat ass genee de Grond, firwat dat vum Schoulkomitee gefrot ginn ass? 64%, déi ginn an d'Maison Relais. Mee et si jo och nach ëmmer vill Kanner, déi net an d'Maison Relais ginn, an déi gi vläicht och gäre mëttes zesummen an de Schoulhaff spillen. Dofir wollt ech dat awer nach nofroen.

Dann zwou Remarken zur Mobilitéit, also dem Schoulwee. De leschten Hierscht si Schëlter opgehaange gi fir de séchere Schoulwee, fir datt d'Kanner sech op Sammelstelle kéinten treffen, fir zesummen an d'Schoul ze goen. Dat war mol de Plang. Si Resultater bemierkt ginn? An aner Wieder, huet dat bewierkt, datt manner Autoe ronderëm d'Schoule sinn? Virun zwee Joer war och emol rieds vun engem Vélobus, deen d'Kanner aus dem Hanzendall an d'Schoul Lenkeschléi soll transportéieren, respektiv d'Kanner sollte sech selwer féieren, andeems se pedalléieren. Ass déi Iddi nach aktuell? Mir géifen dat op jiddwer Fall flott fannen, sou wéi all aner Projet oder Iddi fir zu Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul ze goen. Natierlech och fir all Gebai hei zu Diddeleng. Net nëmme Lenkeschléi.

Vun der Mobilitéit dann zur Kultur. Eis Ministesch Sam Tanson ass geschwënn Diddelengerin huet se leschten Dëschdeg um Centenaire vun der Bibliothék gemengt, sou oft kéim si hei hin. Si huet eis fir eis grouss kulturell Offer gelueft. Eng ganz engagéiert Léierin këmmert sech dann och mat vill Asaz ëm Liesungen an der Bibliothék an d'Titulairë kënnen mat hire Klassen dohi goen. Mir wollte mol an dësem Kader nofroen, besonnesch och well mer dës Joer zu Esch2022 gehéieren, wéi den Interesse vu Schouklasse ass, fir aner kulturell Haiser an Evenementer ze besichen, hei zu Diddeleng wuelverstanen. Bon, ech mengen de Kino ass meeschtens gutt besicht. Mee ech denken do un eis zwou schéi Konschtgalerien, wou een och am Kader vum Konschtunterricht ka besichen, un de Musée, Geschichtsunterricht, un de Gehaansbiere, un d'Ausstellungen „Stëmme vun der Schmelz“ am Waassertuerm, un de Remix op NeiSchmelz oder och nach „Moving Lusitania“ am Centre des Migrations.

An ech hu mer och soe gelooss, de Musée vun den Zwangsrekrutéierte géif geschwënn erëm seng Dieren opmaachen. Fir e Beispill vun enger anerer Gemeng ze ginn. Ech schaffe jo zu Keel. Am Musée Ferrum an der Schungfabrik sinn zwee Enseignanten, déi Konschtausstellungen, awer och dobaussen de Minettswee kannergerecht vermëttelen a mat pedagogeschen Ateliere verbannen. D'Klasse kréien eng Offer vu Visitte proposéiert a kënnen sech dann umellen. Fir den Titulaire ass dat natierlech interessant, wa souzeseen e pedagogeschen Expert als Guide op der Plaz ass, duerch d'Ausstellung féiert an de Grupp encadréiert. Dann ass den Titulaire och net op sech eleng gestallt, well d'Kanner musse sech op sou sensible Sitte jo och gutt behuelen. Déi zwee Enseignanten sinn, sou wäit ech weess, iwwer de SCRIPT agestellt, mee den Här Michaux weess do bestëmmt besser Bescheed wéi ech.

Op jiddwer Fall wier sou eng Approche wëschenswert an eng flott Manéier, fir ville Schoulkanner d'Kultur an d'Konscht an hirer Gemeng méi no ze bréngen. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, da wëll ech och e puer Wuert dozou soen. Ech wëilt dann fir d'éischt, wéi och all déi aner Kolleegen, en décke Merci soen un all déi Acteuren, déi hei intervenéiert sinn, fir dass mer hei kënnen de Moien déi provisoersch Schoulorganisatioun ofstëmmen. Dat ass net einfach, fir sou eng Schoulorganisatioun opzestellen. Ech kommen nach dorobber zeréck. Villmools merci also dem Schoulservice a virun allem awer och eisem Léierpersonal, an dorënner och eis Komiteeë mat hire Presidenten, déi schéi gefuerdert waren. Ech kommen och dorobber nach eng Kéier zeréck. Eng éischt Saach fir mech, déi nach kee gesot huet am Fong geholl, dat ass net einfach sou, dat ass eng vun deene wichtegsten: dat ass dass all Klass vun Diddeleng mat Brevetéierte besat ass. Dat ass net iwwerall nach de Fall, mee hei zu Diddeleng jiddefalls si mer sou wäit, dass mer op all Klass e Brevetéierten hunn.

Dann nach eng kleng Remark zum Contingent. Et ass scho gesot ginn. Mir starten dëst Joer mat 3729 Leçonnen, eng liicht Hausse par rapport zu 2021, an dach ass et e Minus vu 17 Leçone par rapport zum lafende Schouljoer. Den Indice social, dee vum LISER fir all Gemeng gerechent gëtt a fir dräi Joer gëllt, ass geklommen. Dat kënnt eis dann och zegutt mat engem Plus vun 18 Leçonnen. Obschonn Diddeleng permanent wiesst, wiesst d'Zuel vun de Kanner, déi hei an d'Schoul ginn, net mat. Et ass zwar net extrem vill, an dach erëm ronn 5 Kanner manner wéi 2021. Bon, et kënnt jo nach zu Adaptatioun vum Contingent, Enn Juni/Uganks Juli, an da muss ee mol kucken. Hors Contingente hu mer Gott sei Dank fir eis 6 Postë remplaçants permanents, 4 Postë fir d'Cours d'accueil an eng 111 Leçone fir d'I-EBSen. Zum Timing: D'Opdeele vu Contingenten ass keng einfach Saach, a besonnesch wann d'Presidente sech musse Mëtt Mäerz zesummesetze fir eng Organisatioun ze proposéieren.

Et muss een och wëssen, dass éier si sech treffen, virdu scho munch Reunioun an deenen eenzele Schoule war ënnert de Cycles-Vertrieder, wou jiddwereen déi Infoe matbréngt, déi e weess. Mee wéi gesot, virun enger Ouschtervakanz ass dat einfach nach ze fréi, well et zu deem Moment nach immens vill Inconnuë ginn, wéi zB d'Allongementer, wou een nach net definitiv eppes soe kann. Et muss een mol mat den Eltere geschwat hunn, d'Elteren informéiert hunn. Och vun den Departen kann een nischt Definitives soen. Also dat ass zu dem Moment net ze maachen. An trotzdeem sinn d'Presidenten an d'Presidentinne wéi an der Vergaangenheet eens ginn ënner sech fir eng ausgeglachen Opdeelung vun de Stonnen ze maachen. Datt dat heiansdo wéi deet, fir op Stonnen ze verzichten oder net déi gewünschten Appui-Stonne fir säi Gebai ze kréien, besonnesch wann de Kuch, deen ze verdeelen ass ëmmer méi kleng gëtt, dat versteet een. Vu dass mer um Stade vun der provisoerscher Schoulorganisatioun sinn, wäert et nach zu munch Austausch ënnert Presidenten an zu munch Changementer kommen.

Zum Precocé. Et ass gesot ginn, 227 Bréiwer waren un d'Elteren erausgaange fir de Leit sou séier wéi méiglech kënnen eng Zouso ze ginn. Sou datt si eng eventuell Crèche-Plaz mat Zäite kënnen kënnegen. 148 Kanner waren et bis de 17. Mee, déi ugemellt waren, dat si 65,2%, e Minus vun 2,6% par rapport zu 2021. Dës Kanner verdeele sech op 8 Klassen a 6 Gebaier. Ausser a Ribeschpont a Brill-Lenkeschléi sinn an deenen aner 4 Gebaier nach Plagë fräi fir Ganzdaagsbetreung, déi vun SEA assuréiert gëtt. Dass d'Kanner am Precocé ageschriwwen sinn, dat ass garantéiert och doduerch well och Ganzdaagsbetreung besteet. Mee ech denken awer och dass déi finanziell Grënn lues a lues ëmmer méi eng Roll spillen. D'Crèche kaschten nach ëmmer, an de Precocé ass gratis. En anere Grond ass awer och dass d'Leit lues a lues verstinn dass d'Qualitéit vum Precocé, wat do gebuede gëtt vun Enseignement, Lëtzebuergesch notament, dass dat awer eng ganz aner Saach ass wéi an de Crëchen.

Ech wiesselen dann zum 2.1. D'Effektiver an d'Zuel vun de Klasse bleiwe plus ou moins konstant. D'Moyenne vun de Schüler pro Klass geet liicht erop op 15,5, also ëmmer nach ënnert där Barriär vu 16 Schüler. 16 ass einfach dee Punkt vun deem Ament un een Appuisstonnen zegutt huet. Dofir ginn iwwer Diddeleng nëmmen 9 Stonnen verluer. An awer, 9 Stonnen sinn 9 Stonnen. Zum C2 – C4. Netto kënnt eng Klass am C2 bis 4 bái. An den C2 bis C4 Klassen hunn ech gesinn, dass d'Moyenne vun de Schüler pro Klass 15,17 ass, ausser um Strutzbiere, esou dass iwwer Diddeleng erëm eng Kéier 56 Stonnen Appui verluer ginn, wat net wéineg ass.

Appuisstonne ginn an deenen eenzele Gebaier meeschens u Klasse mat deenen héchsten Effektiver, ausser um Däich. Vu dass de Schoulkomitee aus deem Gebai decidéiert huet, dass d'Projete CASE a Förderzentrum solle weidergefouert ginn, fléissen all hir Appui-Stonnen aus dem Contingent hei eran. Eng ganz luewenswäert Decisioun. Wa mer scho beim Däich sinn: Dës Schoul ass eng vun deene véier aus dem Land, déi beim Pilotprojet „Zesumme Wuessen – Alphabetiséierung op Franséisch“ matmécht. Effektiv, d'Populatioun vun der Schoul Deich, zu där jo och de Quartier Italien gehéiert, eegent sech heifir ganz gutt. De Projet adresséiert sech nämlech un all d'Kanner, mee natierlech haapt-sächlech un d'frankophon Kanner. D'Eltere kréien de Choix. Et gëtt nischt imposéiert. D'Schoulen déi beim Projet matmaache musse sech fir 8 Joer engagéieren. Lass geet am Hierscht am Cycle 1, an dann 8 Joer, bis mer dann am Cycle 4.2 sinn. Last but not least sinn um Däich och scho 5 ukrainesch Kanner am C1 ageschriwwen, dat ass awer just well d'Kanner am Cottage Hotel an der Rue Auguste Liesch sinn. D'Gemeng huet jo och do ënner anerem e puer Zëmmere reservéiert fir Familien déi op der Flucht sinn, opzehuelen.

Kuerz zu deenen anere Schoulen: A Gaffelt ginn d'Effektiver seit 2019 erof, wat als Konsequenz huet, dass en c2 ageet. Lenkeschléi, Ribeschpont, Strutzbiere behalen hir Klassenzuel mat Effektiver iwwert der Moyenne. Um Strutzbiere, dat hate mer jo lo grad héieren, ass d'Inconnue nach mat wéini a wéi vill a wat fir en Alter vu Kanner vu Pro Familia kommen. A vu que dass Pro Familia méi grouss gëtt mat zwee Gruppe vu Kanner a Fraen

en Détresse. Och hei steet den Agreement nach aus. Do mierkt een also och, wéi et an de Maison Relais ass, wéi ee gehäit ass, wann een eng Struktur esou gutt wei fäerdeg huet, notamment lo dës 'Struktur hei, dat ass jo lo keng Schoul. Fir d'Abnam vum Gebai vun der Rue du Commerce, och do zitt et sech an zitt et sech, bis mer do den Agreement zougedeelt kréien.

Dann nach e Wuert zum Schwammen. Duerch 2022 sinn d'Aarbechten fir déi nei Schwämm an d'Turnhal um Strutzbierg um Lafen. Dëst huet jo nach haaptsächlech Repercussiounen op de Schwammunterrecht fir d'Klasse vum C1 vun Diddeleng, déi net wéi den C2-4 all zwou Woche schwamme kënnen goen, mee, wéit et ausgesäit, all dräi Wochen. All Klass um Strutzbierg ginn an déi nei Schoul Lenkeschléi turnen. Dann nach kuerz zu zwee Punkten, an zwar zum Projet Waldschoul. Mir haten d'leschte Kéier dëse flotte Projet virgestallt kritt, en ass och gutt ugelaft. Wéi een héieren huet, elo wou dëse Projet soll richtig starten am Hierscht ass et awer net gewëss, dass mat eiser Ufro fir zwee Poste fir Schoulmeeschter/Léierin ausserhalb vum Contingent, fir déi attribuëiert ze kréien. Fir de Moment hunn d'Presidente vun de Schoulen, an dofir Hut ab! Mol 10 Stonne vum Contingent reservéiert, fir op d'mannst eng Léierpersoun ze dechargéieren, sou dass de Projet iergendwéi kéint weiterlafen.

Dann nach zum PEP. Vill Aktiounen a Punkte kommen ëmmer erëm zréck wéi d'gemeinsam Notzung vun den Infrastrukturen, d'gemeinsam Preparatioun oder Participatioun un den Aktivitéite fir Schoulfester, d'Schoulgäert a sou weider. Allerdéngs ass d'Zesummenaarbecht, d'Madamm Kayser hat et lo grat ugeschwat, eng aner, wéi déi, wou mer am Ufank ugefaangen hunn. Wéi ëmmer wann een eppes Neies lancéiert, sinn d'Leit e bësse méi zréckhalend. Dat war scho ganz am Ufank wéi mer mat der Restauratioun ugefaangen hunn. Derno wéi déi Geschicht mam PEP komm ass. A mir haten et jo och an der Schoulkommissioun gesinn. Dat ass eng Saach déi sech opbaut, wéi alles. Alles baut sech op a brauch seng Zäit. Mir waren alt scho frou, dass mer all Joer e Progrès gesinn hunn. An et ass elo vill méi Versteesdemech. Et ass och elo eng aner Populatioun vu Léierpersounen erëm bäikomm. Méi Jonker, déi iergendwéi méi op si fir sou Saachen. A wann een dat vun Ufank u sou materlieft, dann ass dat e flotte Moment. Wat elo z.B. immens ze luewen ass, dat ass déi Participatioun vum Referent an de Cycles-Reuniounen, respektiv och un de Bilansgesprécher. Ech fannen dat immens wichteg, dass d'Elteren e Bild vun hirem Kand, souwuel vun der formaler wéi och vun der non-formaler Bildung hunn.

Och de Projet Maker Space erwächt zu neiem Liewen. Virun enger Rei Joren hat d'Schoul Brill mat der Maison Relais Schwemm dëse Projet op d'Bee gesat. A wéi sou oft hänkt e Projet u Leit, a wann déi Leit net méi do sinn, da gëtt de Projet oft net méi weidergefouert. Dofir ass et wichteg, direkt elo vill Leit mat anzubannen. Deemools war et am Brill de Luc Hensen a vun der Maison Relais aus de Mich Carneiro. Wéi gesot, an op eng Kéier war de Projet verlaft. Bon, ze begréissen ass och, dass den Elterecafé dann nees start. Mir wëssen alleguerter firwat dass an deene leschten zwee Joer déi

wichteg Aktivitéit net konnt stattfannen. Et ass awer wichteg, dass déi Gesprécher mat den Elteren nees kënnen op der Plaz stattfannen, an der Maison Relais, a se net extra mussen an e Büro goen.

En anere Projet, deen ech och wëll ervirsträichen ass dee vun der sécherer Schoul, wou et net nëmmen e reegelméisseg Austausch ënnert de Leit vu Schoul an SEA gëtt, mee och mat aneren Acteuren, wéi dem SCASS, dem ONE, mat den Assistante social vun eiser Médecine scolaire asw. Et ginn nach eng ganz Rei flott Projeten. Den Erni Hoffmann hat se alleguerter virgestallt. D'Lëscht ass laang, an dofir wëll ech se net méi alleguerter opzielen. Voilà, en décke Merci Erni och un den SEA, deen eng fantastesch Aarbecht mécht, well de Service ass onheemlech gewuess an et ass net méi einfach ginn. An et si vill Ufuerderunge bäikomm vum Ministère aus. An dann, wéi gesot, dee ville Wiessel vu Personal, wou et da schwéier ass, d'Truppen zesummeschweessen a bis een d'Gruppendynamik erëm frësch lancéiert huet. Dat ass net einfach. Eppes wat natierlech och Gedanke mécht, dat hat d'Madamm Kayser och schonn ugeschwat, dat ass effektiv déi gratis Mëttesstonn, déi lo kënnt. Wéi reagéiere mer dorobber? Hu mer nach e bësse Plaz? Kënnen mer eng Äntwert ginn op nei Ufroen vun Elteren, déi just nëmmen hir Kanner dofir umellen? Dat ass natierlech och eng grouss Erausforderung, déi sech elo iwwert d'Vakanz wäert stellen. Alles an allem begréisse mer dass d'Zesummenaarbecht tëschent SEA a Schoul extrem positiv zesummegegewuess ass. Dofir Bravo a gutt Gelénge bei der Ëmsetzung vun all de PEPen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang fir seng Stellungnam. Ech kucken an d'Ronn, ob nach ee wëll Stellung huelen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo ech hat nach zwou Saache vergiess. Merci fir d'Wuert nach eng Kéier. Ech wollt nach eppes soen zum Precoc. Do hat ech schonn d'lescht Joer d'Remark gemaach, well mer jo zwou Precocen hunn, déi bal d'selwecht heeschen. Mir haten d'Precoc Lenkeschléi, déi ass zwar elo ëmgenannt ginn op Brill-Lenkeschléi. An dann hu mer d'Precoc Lenkeschléi. Mir fannen dat net ganz glécklech. Well dat ass den éischte Kontakt vun den Elteren, an déi wëssen net onbedéngt, wéi déi Gebaier all zesummenhängen. Ech weess och elo net, wéi eng Léisung een do kéint fannen. Et wier flott, wann een do Brill-Lenkeschléi vläicht en aneren Numm kéint ginn. Ob dat méiglech wier? An da wollt ech nofroen: Zu Butschebuerg war jo d'lescht Joer keng Precoc, well net genuch Kanner do waren. Ass dann dëst Joer dee selwechte Fall? Et wier jo awer schued, wa Butschebuerg elo keng Precoc méi hätt. Bon, wann net genuch Kanner do sinn, dann ass dat eben d'Léisung, dass déi op de Ribeschpont ginn. An da Strutzbierg – Pro Familia – déi Kanner, déi do lo bäikommen, do ass gesot ginn, wann net genuch Plaz ass um Strutzbierg, da ginn déi an aner Schoulen. Wéi eng Schoul ass dann do gemengt? Ech huelen un, dass dat d'Lenkeschléi ass oder d'Gaffelt. Mee ginn déi elo noch eng Kéier opgedeelt, déi eng an d'Lenkeschléi, déi aner an d'Gaffelt? Oder ginn déi dann awer geschlossen an déi aner Schoul? Dat waren nach zwou Froen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Heinen fir déi zwou Froen. Wa kee méi eng Interventioun mécht, da ginn ech d'Wuert zréck un d'Josiane, respektiv un den Erni Hoffmann, den Erni Ferrari fir Stellungnam ze huelen, respektiv eise Regionaldirekter. Wie wëll ufänken?

JOSIANE DI BARTHOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech mengen datt fir d'éischt vläicht den Här Hoffmann an den Här Michaux an den Här Ferrari äntweren, an dass ech dann de Rescht huelen, wat iwwreg bleift.

JOËL MICHAUX (DIRECTION DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Ech wollt mech de Virriedner uschléissen an e grouse Merci soen - ech maachen dat all Joer, mee et ass och sou gemengt – un all déi Acteuren, déi un der Schoulorganisatioun bedeelegt waren. Ech wollt vläicht fir d'éischt op de Projet Alphabetisatioun agoen, deem elo hei vu jiddwerengem erwänt gouf. Vläch fir d'éischt de Choix vum Däich. Et ass net nëmme opgrond vun der Population-cible vun de Kanner, där hätte mer och nach aner Schoule gehat, notament Gaffelt oder Strutzbiereg. Strutzbiereg, do hu mer schonn e Projet vun enger gréisserer Envergure drop. Do ass et och drëms gaangen, d'Schoul net zousätzlech mat engem weidere Projet ze accaparéieren, well dat gëtt en Challenge. Ech mengen, dat muss ee sech och bewusst sinn. De Choix war och deem aus enger gewëssener Historizitéit eraus, well um Däich scho ganz vill Efforte gemaach goufen an der Sproochentwécklung. Dat heescht, do si scho Viraarbechte gelescht ginn an och de Staff, deem do schafft huet net nëmme d'Uni.lu gemaach, mee deelweis Baaschtnesch, dat heescht, déi hunn och schonn an der Alphabetisatioun op Franséisch Virerfarunge sammelt. Et ass e ganze Package, firwat et op den Däich gefall ass.

Just fir dat nach eng Kéier ze preziséieren. Well et gëtt heiansdo sou an den Diddelenger Stroossen erzielt, dass si sech gemellt hätten. Dat war iwwerhaupt net de Fall. Ech sinn u si erugetrueden. No Récksprouch mam Ministère. Voilà. Fir dat mol eng Kéier ganz kloerzestellen. De Projet ass effektiv elo mol op 8 Joer gesat ginn. Et huet och groussen Uklang souwuel an der Chamberkommissioun wéi och an der Chamber fonnt, sou dass et och an enger nächster Legislaturperiod warscheinlech domadder wäert weidergoen. Mee dat ass dann à voir. Mee do hunn ech net vill Angscht. Besonnesch net, wann ech d'Telefonater zielen, déi ech vu bausse kréien, aus aneren Dealer vum Land, wou genau dat gefrot gouf, wat och schonn ugeschwat gouf: Firwat nëmme do? Dat huet seng Grënn. Et ass jo net fir näischt e Projet-pilote. D'Uni ass drop, fir eng Etüd ze maachen, an ech mengen dass dat och essentiell ass. Well et ass och aus där Logik entstanen, aus dem Bildungsbericht an der Laangzäitstudie „MATière GRlse perdue“ vum Romain Martin, déi ëmmer erëm weist, dass mer awer e System hunn, deem Ongläichheeten ... jo eigentlech kreéiert. Dat bescht Beispill sinn eis portugisesch Kanner, déi hei am Land notament méi schlecht ofschneide wéi z.B. a Frankräich oder an der Schwäiz. Wat natierlech och mat enger Surcharge u Kompetenzen, déi sollen erreecht ginn an diverse Sproochen ze dinn huet – entre autres. Sou dass dat mengen ech ganz gutt

ass, an ech felicitéieren do och d'Regierung, dass mer dee Schratt gemaach hunn an och de Courage haten, fir dat doten d'Weeër ze leeën. Well och do muss ee sech bewusst sinn, dass et eventuell gréisze Aschnëtter an eisem Bildungssystem wäert hunn. Och wann dat elo nëmme a 4 Schoulen ugeduecht ass.

Ech weess net, ob et 8 Joer wäert daueren, bis déi éischt Schoulen a Gemenge wäerte revendiquéieren fir en änleche Wee ze goen. Mee Fakt ass, dass mer de Moment och mussen e ganze Package – d'Michèle hat et ugeschwat – mat de Formatiounen bündelen. Wou mer och am Gaange sinn mam IFEN zesummen an och mam SCRIPT. Och Schoulmaterial muss jo erbäigesicht ginn. Ech hunn d'Wallis bei mir um Büro stoen. Ech wäert déi elo op den Däich bréngen. Dat sinn zwee grouss Päck vu Bicher, Zousazmaterialien, Flyeren a sou weider, wou mer den Enseignante wäerten hëllefen. A wéi gesot déi néideg Formatiounen. Mir wäerten, wat elo den Däich ugeet... well och do si mer an enger Ausnam ënnerwee. Ech hunn net fir näischt an der Plenièr d'ganz Schoul gefrot, ob se participéieren wëilten an net den C1. Dat war quasi unanime. Dat war mir ganz wichtig. Well et kann a mengen Aen nëmme fonctionéieren, wann et d'office bis an den C4 matgeduecht gëtt. Well déi Kanner wouessen och op. An déi Leit musse prett sinn, wann déi Kanner kommen. Sou dass mer déi Formatiounen natierlech fir den C1 wäerten organiséieren, mee selbstverständlech och fir den 2.1., wou d'Alphabetisatioun da wäert ugoen. An awer och fir den C4, well iergendwann wäerten déi Kanner eng Orientatioun matmaachen. Dat ass net ze negligéieren. Mir wäerten dann eng Entrevue hunn, dat ass e wichtige Moment, ech weess net, ob mir do déi eenzeg am Land sinn, mam Lycée hei. Dat ass de Lycée de proximité. Wou ech och schonn de Feedback krut, dass si eigentlech drop gewaart hätten, dass dat endlech eng Kéier kënnt. Dat ass fir mech natierlech e gutt Signal. Sou dass mer och do déi néideg Schnëttstelle wäerte kreéieren.

Wat elo den Oflaf ugeet, do hate mer effektiv e kleng Malaise dran. Dat muss ee sou soen. Mir haten ufanks an enger Plenièr, ech notament, zesumme mam Ministère an Optioun gestallt, dass een déi Leit kéint op 8 Joer schützen. Mir kruten doropshin, dat hat ech an der Schoulkommissioun scho gesot, en extrem manéierleche Bréif vun den Diddelenger Schoulvertrieder. Also wann dat iwwerall am Land sou manéierlech ofleeft, da maachen ech mer och do keng Suergen. Mir hunn der Saach Rechnung gedroen. Mir hunn den ROP vun Diddeleng nach eng Kéier consideréiert mam Josiane. Déi Revendicatioun, déi war korrekt, sou dass festgehale gouf, dass mer op 4 Joer begrenze mat enger Lettre de motivation, wou dann eigentlech näischt am Wee steet, dass déi Leit vun der Gemeng weiderhin zréckbehalen kënne ginn, fir an deem Projet weiderzemaachen. Dat ass dann à voir. Dat heescht, fir de Moment sinn et mol 4 Joer. Wat eis besonnesch iwwerrascht huet, dat war den Zousproch. Mir krute ganz vill Demandéran. Mir hätten de Projet kënne dräi bis véier Mol fëllen. Dat hat eis wierklech iwwerrascht. Um Ministère hate mer ufanks Angscht, dass mer iwwerhaupt Leit géife fannen, déi et wëilte maachen. Dat war hei lo iwwerhaupt net de Fall. Och dat ass eng Fro, déi mer mussen an absehbarer Zäit klären, och wann de Projet net an

anere Schoulen elo stattfënnt, misst ee vläicht awer regional e „Regroupement entre Pairen“ kreéieren, wou och aner Leit vläicht op dee selwechte Wëssensstand kënnen gehuewe ginn. Mee dat ass nach Zukunftsmusek. Et gouf gefrot, ob och aner Projeten an Aussiicht sinn. Effektiv, Balzeng steet un. Mir wäerten do dee selwechte Wee goen. D'Josiane seet vläicht herno nach eppes duerno dozou, wéi mir et mat der Lenkeschléi gemaach hunn. NeiSchmelz kënnt hannendrun. Ech wëll awer och dozou soen, dass mer zënter Joren all Schoul d'Méiglechkeet loossen, wa se sech e Projet ginn, och vun deene véier Joer kënnen ze profitéieren. Also déi Option ass absolut ginn. Ech ginn éischter dovun aus, dass dat wäert d'Reegel an absehbarer Zäit ginn, jo. Well wann een och de Strutzbierg kuckt mat sengem Léisungsteam, wann dat och anescht nach verschréit lecht gëtt, dann hues de och do e Projet drop. An dat ass am Gaang, sech auszewäiten. Keel ass jo och sou e Beispill, wou och Saachen entstinn oder entstoe wäerten.

Secondaire hat ech ugeschwat. Do ass och nach wichtig ze betounen, fir d'Michèle, mir hu reegelméisseg mam SCRIPT, awer och mam Romain Nehs, vun der Direction générale vum Secondaire, deen ass mat agebonnen an de Projet. Dat heescht, mir si schonn am Gaang, do Schnëttstellen ze kreéieren, och op nationaler Ebene, net lo nëmme wat lo hei Diddeleng ugeet. Da vläicht nach eng Parenthèse, déi awer och weist, dass d'Aussokraft vun Diddeleng national ganz héisch läit. Den nächste Mëttwoch hu mer eng Visitt vun der OECD, déi ënnersichen, wéi d'Regierung mat der Corona-Kris ëmgaangen ass. A si froen dat natierlech och am schoulesche Beräich no. Déi kommen dann d'nächst Woch op Lenkeschléi. Lenkeschléi war de logesche Choux, well et och do eng Pilotschoul war, wou d'Afëierung vun de Schnelltester stattfonnt huet.

Projet Waldschoul. Och do e Merci un Schoulpresidenten. Mir hunn do effektiv nach 10 Stonnen an der Cagnotte leie gelooss. Mir wäerten hoffentlech nach Contingentsstonne bäikréien. Bon, reng theoretesch, opgrond vun den ukrainesche Kanner missten der souwisou mol schonn e puer bäikommen. De Rescht, do ass et nach e bëssen ze fréi, fir et genau ze preziséieren. Da muss ee kucken, wéi vill Stonnen dovunner huele mer dovun nach fir zousätzlechen Appui oder loosse mer d'Waldschoul iwwreg. De Problem ass, fir Dechargen ze ginn, ass fir den Ament fir de Ministère immens schwierig. Vu que dass ech d'Planification nationale mat maachen, kennen ech déi Chifferen. A mir müssen all Joer bei CER pilgere fir Poste bäizekréien. Mir sinn hei am Luxus. Et ass gesot gi vum Romain, dass mir an all Schoul Brevetéierter hätten. Ech ginn do vill méi wäit. Mir hunn op all Zone numéraire Brevetéierter an op all RPs-Plazen. Dat gëtt et am Land ganz ganz seelen. Dass ech ëmmer beméit si mam Ministère all eis Chargé de Coursen, déi jorelaang hei geschafft hunn, bei eis op d'Direktioun ze setzen, fir dass mer se kënnen zréck an d'Diddelenger Schoule ginn, fir dass se net müssen iergendzwoosch anescht goen, dat ass nu mol net iwwerall de Fall. Mer müssen net wäit fueren, do ass dat Bild en anert. Do sinn d'Gemege beméit, Brevetéierter ze fannen. Sou dass mer weiderhi wäerte Quereinsteiger musse rekrutéieren.

All Decharge hei bedeit, wann ech hei een dechargéieren, da wiesselt ee vun Esch heihinner. Dat ass einfach d'Realitéit. An dann ass do e Lach, an de Ministère muss dat national kucken. Sou dass mer elo mol behutsam un déi Saache eruginn. A wann d'Presidente weider Stonne fräihale fir d'Waldschoul, wäert ech mech natierlech elo mam Minister eng Kéier zesummesetzen, fir ze kucken, wat si bereet sinn ze ginn, fir dass mer sou no wéi méiglech un zwee ganz Poste kommen. Dat ass dann à voir. Mir wäerten dat egal wéi op alle Fall virun der zweeter Lëscht clôturéiert hunn. Mee do muss et sinn, well soss wësse mer net, wéi vill Stonne mer do nach hannendru setzen. Also et feelt op alle Fall net un der néideger Ënnerstëtzung vun der Direktioun. Ech mengen dat wëssen d'Enseignanten och.

D'Timeline dovunner, dat ass eng ganz prezis. Mir hunn elo d'nächst Woch eng Entrevue mat de Presidenten, wou se dat virgestallt kréien. Fir dass se och wëssen, an all Detail, firwat se déi Stonnen an der Cagnotte leie loossen an déi Saachen och weiderhin ënnerstëtzen. An dann, wéi gesot, gi mer op de Ministère, presentéieren dat nach eng Kéier e bësse méi ausféierlech wéi nëmme iwwert de Bréif dee kënnt, mee wierklech och mat der Broschür, déi entretemps entstanen ass. An da kucke mer weider.

Zur Ukraine. Dat leeft bis elo ganz gutt. Mir hunn aus dem Pool de remplacement eng zousätzlech jonk Maddam an den C1 um Däich bäigesat, fir do de Staff ze ënnerstëtzen. Also dat leeft, do hu mer guer keng Problemer. C2 bis C4, do sinn d'Kanner momentan haupsächlech zu Kayl scalariséiert. Mir leien do lo bal bei 50. De Rekrutement, dee geet vu bal Réimech, Hunchereng, e bëssen am Circonscriit, wéi et lues a lues entstanen ass, well et déi Mondorfer International School ass, déi sech dorëms këmmert. Dat leeft och eigentlech ganz gutt. Do ass de Moment wéineg Opreegung. Et muss een natierlech och soen, dass mer de Moment an enger relativer Baisse vun den Arrivéee sinn. Dat ka relativ séier erëm changéieren.

D'Eltère sinn ugeschwat ginn. Hei wëll ech och wéi d'lescht Joer den Eltere Merci soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht, déi mir och mat den Elteren hunn. Mir kréie sou wéineg Reklamatiounen vun den Elteren eran. Wat awer och weist, mengen ech, dass eis Enseignanten eng ganz gutt Aarbecht maachen. Och do wollt ech preziséieren: Den Elterecafé ass ugeschwat ginn. Mir ass et wichtig, den Elterecafé, deen elo leider coronabedéngt net konnt stattfannen och an der Lenkeschléi unzeschwätzen. Well mir haten do eng Visitt mam Minister, an ech hat duerno nach mat him rieds, an ech mengen dat war och fir hien e flott Beispill, wéi een e Wee ka goen, wou mer eis Schoulen net zou clôturéieren, mee och nach d'Eltère kënnen eraloossen. Do muss een och Fangerspëtzegefäll hunn an dat kontextuell kucken an net d'office soen, mir müssen eis Schoulen elo all no Hesper – ech weess, dass dat schwierige Moment war – mee ech mengen, et ginn och aner Weeër. An dat misst een dat vu Schoul zu Schoul kucken an dat roueg ugoen. D'Beispill Lenkeschléi wäert dat nach weisen, wann dat rëm kann normal fonctionéieren. Och do vläicht nach ze preziséieren, dass ech eng Diddelenger Enseignant dechargéiere bäi den ONE, fir Fréifërderung am Altersberäich 0 – 3 Joer, ebe grad fir

d'Elteren ze ënnerstëtzen. Dat maachen ech ier mäi Kand iwwerhaupt emol an de Precoce geet. Also och do gi Beméiunge gemaach fir d'Eltere fréistméiglech ze encadréieren. An do ass e Projet an der Ausschaffung. Ech hoffen, dass mer dat vläicht och eng Kéier an der Schoulkommissioun zum Beispill kéinte presentéiert kréien. Ech wäert dat eng Kéier, wann dat gewënscht ass, ufroen.

Ech sprangen e bëssen hin an hir. Keel war ugeschwat ginn, déi kulturell Offer. D'Monique hat gesot, de SCRIPT géif dat finanzéieren. Och do ass et esou, dass ech déi Madamm bei de SCRIPT eigentlech dechargéieren. Et ass eng Keeler Enseignante. An dat ass och an Zesummenaarbecht mat Esch 2022. Dat war e bëssen d'Originn dovunner, an de SCRIPT ass do mat an d'Boot gesprongen. Mee ech kann awer leider net permanent iwwerall Leit dechargéieren. Dat wëll ech jo dann och net, se musse jo och bei de Kanner all Dag sinn. Mee dat ass e ganz flotte Projet. Ech denken datt leider net nëmmen Diddeleng-spezifisch, mee ech hunn och nach zwou aner Gemengen. An ech wär och frou wa mer dann iergendwann déi Diddelenger Klassen op Keel géinge kréien. Mee mir hunn eben do elo de Choix getraff, mol lokal unzufänken an ze kucken, wéi sech dat beweegt. Mee et ass wierklech flott.

Ech hoffen, dass ech den Tour gemaach hunn. D'Lëscht 1 nach, pardon. Ech wollt dozou nach soen, dass mer d'Chance hunn, dass mer all erëm quasi keng Departen hu vun Diddeleng. Déi eenzeg Departen, déi mer hunn, dat sinn déi Leit déi hir DS ginn. Dat heescht op der 1bis kommen elo nach e puer Plaze bäi. Mee déi Departen, dat si keng Leit, déi wollten Diddeleng verloossen, mee déi hunn einfach d'Karriär gewiesselt. Och eis Enseignant-Stagiaire wëllen net goen, déi hunn dëst Joer gewisen, dass se dat exzellent gemaach hunn. Wierklech mat Bravour. Déi wëllen alleguerte bleiwen. Jo, voilà.

ERNI FERRARI (CHEF VUM SERVICE ENSEIGNEMENT): Merci Här Buergermeeschter: Ech gi kuerz op déi eenzel Punkten an, déi ech nach ka beäntweren. Den ROP, d'Règlement d'occupation des postes, baséiert jo u sech – déi éischt Versioun hate mer jo 2010 hei am Gemengerot gestëmmt gehat – dat war och deemools en Text, de vun de Presidente vun de Schoule proposéiert gouf. An der Tëschenzäit hu mer jo missen Upassung maachen, ob dat elo fir déi nei Projetsschoule waren oder Stagiairen, déi an der Tëschenzäit jo och dobäi komm sinn. Et bleift och vläicht net aus, den Text fir d'nächst Joer och mat de Schoulen zesummen nach eng Kéier mussen ze iwwerkucken. Well ëmmer méi Ännerunge kommen, déi eis et komplizéiert maachen, fir mat deem Text, dee mer aktuell hunn, fir déi Posten ze besetzen. Fir et a Rou an ouni Stress kënnen iwwert d'Bün ze kréien. Bon, wéi gesot, lo musse mer eis Zäit huele bis d'nächst Joer an da kucken, ob do Upassung mussen gemaach ginn.

D'Contingenten: Ech sinn elo mol optimistes, dass mer nach Stonne bäikréien. Mir missten der bäikréien. Ech weess awer elo net genee, wéini de Ministère op de Knäppche gedréckt huet an de Contingent ausge-rechent huet. Et sinn an der Tëschenzäit Kanner bäikomm. Mais bon, ech nennen elo einfach kee Chiffer. Mir

waarden of, bis d'Zuelen do sinn. Net dass ech hei e-pes verspriechen, an déi Zuele sinn herno net do. Mee ech sinn awer virsiichteg optimistes, datt nach eng Kéier Stonnen nokommen.

Do war nach d'Fro komm, ob d'Elteren och eng Demande kënne maachen, fir hir Kanner an d'Schoul Däich an-zeschreiwen. Et ass esou, an eisem Reglement an och am Gesetz ass virgesinn, dass Elteren dräi Grënn kënnen hunn, fir d'Kanner an eng aner Schoul kënnen an-zeschreiwen: Dat ass wann d'Kanner an enger Crèche oder bei enger Assistante parentale versuergt ginn. Et ass wann d'Eltere bei der Schoul schaffen. Bon, dat ass méi rar. Oder ebe wann d'Kanner och bei hire Groussel-teren, Eltere, Familljemembere bis den drëtten Grad versuergt ginn. Mir hunn all Joers eng ronn 150 Demandé sou, déi mer awer net alleguerten akzeptéiere kënnen, och well a verschiddene Schoulen d'Effektiver scho sou héich sinn, dass mer do d'Klassen dann nëmme géife belasteschen, wa mer déi Demandé géifen akzeptéieren. Et ass net virgesinn an deem Reglement, wat mer momentan hunn, dass d'Elteren och wéinst der Projets-schoul Däich kënnen eng Demande maachen, fir d'Kanner kënnen do ze scolariséieren. Dat ass momentan net virgesinn. Momentan kënne mer sou Demanden net un-huelen, mee mir hunn och nach keng kritt esou. Et ass vläicht eng Kéier ze iwwerleeën, ob een dat ka maachen och. Well den Däich ass awer mat den Effektiver och net sou schlecht ënnerwee. A wa mer do bis ufänken, da maache mer do vläicht eng Béchs op, déi mer vläicht net méi zoukréien. Dat mécht eis da vläicht herno och méi Schwierigkeeten, wéi dass mer de Kanner do kënnen hëllefen um Däich mat deem Projet. Ech mengen da misst ech bäi sinn, mat deenen Äntweren, déi ech ka ginn.

ERNEST HOFFMANN (SERVICE ÉDUCATION ET ACCU-EIL): Gudde Moien. Och vu mir aus e Merci un all Bedee-legt, un lech selwer, u mäi Schännerot, deen eis enorm ënnerstëtzt als SEA an eisen Aktiounen. Soss géife mer net souvill ronn bréngen, wéi et, wéi ech frou sinn ze gesinn, ukomm ass. An och dem Erni Ferrari als Ser-vice, mat deem mer ganz vill a gutt zesumme schaffen, d'Direktioun, awer och sämtlech Corps enseignants, de Kommittee, wéi de Membere vun der Schoulkommissioun och. Bon, ech wollt eigentlech ganz kuerz iwwer dräi Projete schwätzen an dann zu deene méi groussen Theme kommen, déi sech och vernetzen. Et ass jo och e gutt Zeechen, dass déi Themen, déi ech hei lo uschwätzen och de Schouldirekter ugeschwat huet, well genau dat weist jo och, dass mir mussen um Terrain vernetzt sinn an zesummeschaffen, well déi Thémae jo awer iwwergräifend sinn. A wéi dat Beispill virdru gutt gewisen huet: e Kand wat verhalensopfälleg ass an der Schoul, dat ass et och weider bei eis. D'Konzepter änneren awer, d'Stimuli firwat datt dat sou ass, sécherlech och. Mee déi grondsätzlech Problematik bleiwen.

Mee mir wëllen net nëmmen vu Problemer schwätze mee och vun Erfolleg. An och wéi bei engem Projet vun der Wildnispädagogik an der Waldschoul, natierlech wäert do e Bilan gezu ginn. Mir kënne kee Projet-pilote maachen ouni e Bilan ze zéien, wat dat Inhaltlecht ugeet an de Fonctionnement. Mir si souwisou scho permanent am Gaang Upassung ze maachen. Mir sammele jo Er-

farungen. Sait Oktober 2021 kommen do jo och reegelméisseg eng bis zwou Klassen d'Woch. An déi Klasse komme jo och erëm an deene verschiddene Joreszäiten. Dat klappt scho relativ gutt. An da waarde mer eeben of, wat do dobäi rauskënnt vum Projet um ministeriellen Niveau. Wat mer do zougesot kréien. Da kucke mir zesumme mam Schäfferot, dass dat eng Reussite gëtt. Well um Terrain ass et, wéi d'Josiane scho gesot huet, eng super Plus-Value.

Maker Space, Strutzbierg, Echangë mat der Schoul. Mir hate jo och gesot, dass mir do progressiv méi Klasse wëlle rakréien. De Projet leeft schonn, ass scho gelaf. Et ware schonn Aktivitéiten. Aner Maison Relaise sinn dohinner komm. Och do wäerte mer dann an der Schoulkommissioun, oder an der Preparatioun fir d'Schoulorganisatioun fir d'nächst Joer, wëlle mer och e kleng Bilan virleeën, wéi vill dass do geschitt ass. Et soll een och d'Boucle zoumaachen, net nëmmen vu Schoulorganisatioun zu Schoulorganisatioun liewen an ukënnege wat ass. Mee och punktuell ass mol eisen Objektiv, och d'nächst Joer, fir virdrun ze soe wat qualitativ a quantitativ do geschitt ass. Well et soll een net nëmmen ukënnegen, et soll een och soen, wat geschitt ass herno.

D'Elterschoul: Jo, do ginn d'Dieren erëm op. Eltereno-wenter, dat wëlle mer och wierklech méi fërderen. Dat hu mir och elo schonn an eis Haiser geschéckt, dass mer schonn iwwert déi Inscriptioun geklomme waren, déi an den Haiser schonn am zweete Joer stattfannen, ausser d'Precoc-Kanner, wou ech nach kuerz kann drop agoen, kommen d'Elteren och eran. Dat ass jo flott. Vill Contrainte si gefall an dass dann déi Saache rëm kënne stattfannen. Och an deem Kontext wäerte mer probéieren, e bëssen duerzestelle wat gelaf ass, zesumme mat der Schoul an zesumme mat den Elteren.

Precoc, Gratuitéit. Also d'Gratuitéit am allgemengen am SEAs-Beräich. D'Gesetz ass jo nach net gestëmmt. Mir musse jo kucken, wat d'Texter herno genau aussoen. Et geet ëm Kanner an der Obligation scolaire souwäit ech et verstanen hunn. Dat heescht eis Precoc-Kanner, wou wuel eng Gratuitéit, déi Stonne wou se an der Schoul sinn ass, mee herno am SEA net. Dat soll mol kloer gesot ginn. Do ännert sech natierlech net vill méi. Mee fir déi Kanner oder fir hir Elteren ass et natierlech vum Finanziellen hir eng aner Geschicht, ob een an enger Crèche ass full time oder op een am Precoc ass an der Schoul, an dat ass dann ebe gratis an där Zäit, mee herno an der Kannerbetreuung dann awer payant. Vun de Kannerzuelen. Wann Dir elo en Dönschen eis Pre-Inscriptioun clôturéiert, d'Zuele ginn elo nach allguerten aginn, ech ka mech nach net ze vill aus der Fënster leeën. Ech weess vun der enger oder aner Gemeng, wou éischter dru waren, do ware schonn Augmentatiounen. Mir hunn natierlech ëmmer Augmentatiounen all Joer. Mir hunn och d'Contrainte, dass mer op verschidde Sitten duerch den Agrément och limitéiert, gedeckelt sinn. Do wou den Agrément net den Deckel ass, kann ee personalméisseg natierlech ëmmer noleeën. Dat hu mer jo och schonn deelweis gemaach. Dat hutt Der jo och gemierkt un deene Posten, déi mer deelweis Enn lescht Kalennerjoer virgeschloen hu fir d'Budgetisatioun, dat hu mer jo och schonn antizipéiert.

Dass bei Quartieren, déi kéinte wuessen, dass mer do scho Poste kreéiert hunn. Op d'Posten an d'Recruitment kommen ech ganz zum Schluss nach eng Kéier. Mir mierken elo vläicht nach net déi gréisste Vague vun Aschreiwungen, dass déi Gratuitéit eppes ausmécht. Et ass vläicht an de Käpp vun den Eltere vläicht nach net sou honnertprozenteg ukomm. Déi vläicht Zougank hunn zu deenen Thematiken oder interesséiert ass zu Lëtzebuerg vläicht schonn. Mee ech denken net, dass dat eis an enger éischer Phas iwwerwältege wäert.

Wat mir e bësse Bedenke mécht, dat ass déi Diskrepanz tëschent der Gratuitéit an de Schoulwochen an d'Bezuelung an de Vakanzewoche bleift. A souguer de Plafong vun 100.- Euro maximal fält ewech. Also do wäert et éischer deen anere Wee goen. Dass Eltere sech iwwerleeën bei 11 Stonnen den Dag potenziell, wéi vill Stonne si hir Kanner aschreiw. Well wann de Montant vun engem Revenu vun engem Menage am Kontext vum Chèque-Service bleift, an da kann et deier gi fir d'Leit, wann ee 45 oder 55 Stonnen d'Woch muss bezuelen. Wat anersäits och e bësse schued ass, well da kënnen d'Kanner u flott Aktivitéiten am Grupp deelhuelen. Mee dat musse mer elo nach ofwaardén, wéi dat kënnt. D'Collaboratioun vun deenen zwou Entitéiten vu Schoul, vu SEA, jo. Ënnert engem Dag, net ënnert engem Daach, dat ass kloer. Mee fir déi verschidde Saachen eng Ligne de conduite commune anzeféieren ass kee schlechte Gedanken. Ech denken dann awer virun allem drun, wat ech da vum Terrain héieren, wann ee souguer souwäit geet, dass een zesumme Bilan mécht, dat heescht, et muss een och zesumme Bilan préparéieren. Et dāerf ee jo och do an den Bilanen, den Elteren net total ënnerschiedlech Messagë ginn, wann een iwwert d'Konditioun vun engem Kand schwätzt zum Beispill. Do muss ee sech awer och bewusst sinn, dass dat och en Zäitinvest ass. Fir den Enseignant, wéi fir déi Leit vum Terrain. Do soll een awer och den Hutt zéien, dass déi Leit dat konsequent maachen an dass dat awer och fir d'Liewen ënnert engem Daach oder zwee Diech bénéfique ass, wann ee sech iwwert d'Kanner ënnert hält a sech net nëmme begéint, wann ee Problemer huet. Dat ass och ganz wichteg fir eis.

Bon, do si mer e bësse bei den Infrastrukturen. Do kann een e bëssen opsplécken a besteeënd, al bekannten Infrastrukturen an eventuell och schonn Ekippen, déi sech scho méi laang kennen, déi vläicht ganz frou matenee sinn oder heiansdo mol Konflikter hunn. Mir hunn eis nei Infrastruktur Ribeschpont, wou awer deelweis scho mat SEA ënnert engem Daach ass, bezéiungsweis déi Pläng, ob et elo Balzeng oder Schmelz ass. Do muss ee soen, dass mer do déi Chance net verpassen dierfen, fir déi Linn ze leeën, dass mer do déi Collaboratioun schonn um Niveau vun der Planifikatioun, an dat ass jo ugeduecht, dat war och bei Lenkeschléi geschitt, dass mer do schonn déi Base leeën, dass mer dat Zesummeliwien do och scho kënnen an der Infrastruktur verankeren. Dat ass ganz wichteg. Awer och en enormen Zäitopwand am Virfeld. Dat muss ee sech och bewusst sinn. Mee ech denken et lount sech definitiv. A wann ech elo déi méttels Kategorie huele vun neien Infrastrukturen, ob elo Lenkeschléi an de Ribeschpont. Do ass dat jo och ganz normal, dass déi Infrastrukture wesentlech méi grouss sinn, wéi dat wat haut, à l'heure actuelle,

benutzt gëtt. Well et ass jo och d'Planung vun enger Stad, déi sech d'Moyene gëtt fir an Zukunft ze wuesen. An dann ass et och gutt, wann ech verstinn: de Wuesstem kënnt. Mee da sinn och déi Problematike vum Zesummeliwen, vum Deelee vu Säll, dee Moment wou se gebaut sinn a wou mer raginn. An net déi, wou et eng Kéier kéint higoen, wann eng Kéier méi Kanner do sinn. An dat musse mer och preparéieren.

Dat ass ganz ganz wichteg. Am Ufank ass dat vläicht e bësse „luxuriéis“, well jiddwereen iwwer vill Säll verfüügt. Mee wa mer mussen deelen, dat heescht, méi Kanner do sinn, da musse mer dat och preparéieren. An dat mengen ech ganz eescht. An do wäerte mir eis och net ginn. An ech denken dat ass jo am Interêt vu jiddweringem an net zulescht vun der Kannerbetreung, dass mir dat musse maachen, mee dat ass kee Selbstläufer. Grad sou wéi bei deenen neien Infrastrukturen, wou dat wäert änlech sinn. Do si mer och e bësse bei den Infrastrukturen, d'Méiglechkeet, fir d'Kanner eranzehuelen. Et war ugeklungen: Ginn déi Zuelen an d'Luucht duerch déi nei Gesetzgebung? Dat gesi mer. A premier Abord wäert dat eis lo net onbedéngt iwwerwältegen. Anerwäerts, Effekttiffer an de Schoulen... also wann an der Gaffelt z.B. vläicht d'Kannerzuelen erofginn, dat wëll net heeschen, dass bei eis d'Effekttiffer erofginn. Dat wëll net heeschen, dass mir manner Inscriptiounen hunn. Manner Kanner an enger Schoul, dat wëll net heeschen, dass de SEA manner sollicitéiert gëtt. Éischter am Géigendeel. Et si vläicht potenziell manner Käpp do, déi kënnen eng Inscriptioun gemaach kréien, mee dat wëll guer näischt heeschen. A grad an der Pyramid C1, enne wou d'Kanner massiv awer massiv a vill Stonnen erakommen, soll een dat net ënnerschätzen. Ech wëll do op kee Fall, dass et en Ist-Gleich-Zeechen ass tëschent d'Zuel vun den Kanner geet an enger Schoul erof, an d'Demande vum SEA geet dann automatesch och erof, dat ass net wouer. An dat ass net nëmme bei eis esou, dat ass och an anere Gemenge sou. Dat heescht, do muss ee schonn oppassen.

Beim Recrutement, do hate mer och kuerz gesot, mir mussen eis natierlech d'Moyene ginn. Do wou mer schonn um Plafong si mat den Inscriptiounen par rapport zum Agreement, do kënnen mer jo och net méi maachen, soss gi mer jo iwwert d'Gesetz. Mir kënnen jo keen Overbooking maachen. An do wou mer nach Sputt hunn, do kéint ee mol Poste maachen. Dat sinn awer net ëmmer déi Quartieren, wou Wuesstem ass. Dat muss ee sech och bewusst sinn. Bei de Rekrutementen war et kuerz ugeklungen, am Joer 2022 hu mir bis zu 30 Leit rekrutéieren. An dovun ass d'Hallschent déi Création de postes, déi Dir hei gestëmmt hutt. Dat ass emol déi éischt Saach. Déi zweet Saach, déi aner 13 Leit, déi mer rekrutéieren, do ass d'Hallschent opgrond vu Pensiounen, vu Retraiten an d'Hallschent vun Depart. Dat ass d'Realitéit, an dat soll een heiansdo e bëssen auserneeplécken, net dass op eemol eng generell Insinuation gemaach gëtt. Den Turnover an eise Milieu, dee gëtt et souwisou. Mir sinn awer ganz begeeschtert, dass mir konnten eise Personal an och eise Service an eise Gemeng mat deene Stonnenerhéijungen upassen. A 40 Stonnen/Erzéier, do si mer en echte Virreider erëm ginn a mir halen dat bäi. An dat kënnt net zulescht de Kanner entgéint. An dat ass fir eis dat absolut Wichtegst.

Ech hoffen, ech hunn elo näischt vergiess. An nach eng Kéier e grouse Merci.

JOSIANE DI BARTHOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Ech probéieren nach op déi Saachen anzegoen, wou déi dräi Hären elo nach net drop agaange sinn. Bon d'Michèle hat nach gefrot, Assistante pédagogique, ech mengen datt dat éischter de Joël ass, deen dat beäntwert. Da war och ugeschwat ginn d'Zesummeschaffen – d'Zesummeschaffe vu Schoul a SEA, an den Erni huet dat elo ganz gutt resuméiert. Mir kënnen se net zwéngegen, wa se net wëllen. Mir hoffen awer natierlech, dass dat elo méi oft de Fall ass. An et gesäit een, dass si allen zwee erkannt hunn dass et vu Virdeel ass, wa se zesummeschaffen. D'Presentatioun Bilan Waldschoul. Jo, natierlech kéinte mer zesummen eng Schoulkommissioun maachen, wou mer déi zwee Projeten, Alphabetisatioun a Bilan Waldschoul maachen. Da géife mer lech déi zwee presentéieren. Dann, Michèle, Hausaufgabenhëllef an der Maison Relais. Jo, maache mer. Wann ech mech richteg erënneren awer Freides Mëttes net. Firwat Freides Mëttes net? Et mussen och Deeg ginn an der Woch, wou d'Kanner einfach kënnen spillen an och einfach mol fräi sinn. An d'Eltere jo awer de Weekend dertëscht hunn, fir hir Kanner ze ënnerstëtzen.

Bon, d'Eltereschool ass scho vill ugeschwat ginn. De Bilan kënnen mer elo de Moment nach net zéien. Enn des Jores wäerte mer do eng Kéier e kuerze Bilan maachen. Dann, d'Michèle huet et am Fong gesot, d'Eltere solle sech nach e bëssen ëm hir Kanner këmmen an, an, an. Mee mir ginn an eng aner Richtung. Also mir ginn eis op jiddwer Fall, d'Direktioun an ech och perséinlech, mir ginn eis ganz vill Méi, fir och do ëmmer ze kucken, wat d'Eltere mat hirer Zäit maachen. Well mir hunn awer festgestallt, datt Leit Kanner einfach aschreiwe fir ze anzeschreiwen, Congé parental hunn an awer bei eis ageschriwwen ginn. Do si mer dann awer e puer Leit op d'Spuer komm, a mir wäerten dat och akribesch kontrolléieren. Ech fannen och, wann s de Congé parental hues, da kann et net sinn, dass de däi Kand an d'Maison Relais aschreift oder an d'Crèche. Bon, natierlech muss de erëm iergendwann schaffe goen, mee dat kontrolléiere mer.

Mir hunn awer och, an dat ass dat, wou ech perséinlech och traureg fannen, wa mer schwätze vun Elteren, déi sech ëm hir Kanner këmmen. Mir hunn dëst Joer déi éischte Kéier de 15. September d'Maison Relais opgemaach. Well mer gesot hunn, d'Eltere fänke jo da Méindes un, an d'Schoul geet un, da maache mer d'Maison Relais och elo net Méindes zou. Do sinn et Leit ginn, déi hunn hir Kanner am éischte Spillschoulsjoer moies ëm 07:00 an der Maison Relais ofginn. Dat heescht, si hunn et mol net méi fäerdeg bruecht, fir nach ze waarde bis 08:00, fir mat de Kanner an d'Spillschoul ze goen. An do ass dann einfach awer d'Decisioun komm fir ze soen: Also Accueil schéin a gutt. Mee awer net den éischten Dag. Pardon, huet lech nach Zäit, gitt nach mat Äre Kanner deen éischten Dag nach an d'Schoul. Et ass leider sou. Mir probéieren op alle Fall, deem entgéint ze wierken. Dat geet och. Wann ech kucken, d'Stad Lëtzebuerg, déi bitt iwwerhaapt keen Accueil un. Do kommen d'Kanner schéi propper moies ëm 08:00 Auer, a virdru mussen d'Elteren eens ginn. A kome-

scherweis geet et an enger Stad Lëtzebuerg awer. Mir maachen en Accueil. Ech fannen dat och ganz wichteg, mir wollten dat ëmmer, mee et geet och ouni. An, wéi gesot, mir probéiere wierklech, deem entgéint ze wierken.

Bon, dann d'Monique Heinen, dat ass eigentlech scho beäntwert ginn. Kënnen d'Leit eng Demande maache fir op den Däich? Neen, eigentlech net, sou wéi d'Leit och keng Demande kënnen maache fir an d'Lenkeschléi, well soss hätte mer einfach net genuch Plazen. Den Ern sot: „Et läit eis keng Demande vir.“ Ech muss soen, ech hunn dat e bësse witzeg fonnt. Mir haten awer en Telefon, fir een dee gefrot huet, ob säi Kand elo kéint op den Däich goen, a wou mer dann natierlech gesot hunn: „Neen, leider net.“ Dee Mann hat awer och gemengt, datt alleguer déi, déi elo géifen dohinner goen, an enger „privilegiierter Schoul“ wäeren. Also do gesäit een, wéi séier sech sou ee Rad dréint. Also den Däich ass elo eng privilegiéiert Schoul. D'Kanner, déi dohinner ginn, si privilegiéiert.

Dann, Schoolbus. Dee Projet ass net vergiess. Leider läit et awer net un eis, ech menge beim Claudia sengem Service Circulation ass do schonn de Pit Demuth hannendrun. Déi kréien deen net hin. Also si hu schonn de Bus kritt, mee si kréie kee Contrôle technique drop. Mir waarden och. Mir sinn och ganz frou. Séchere Schoulwee. Do muss ech äntwere wéi d'leschte Kéier, dat weess ech leider net. Ech hunn och elo kee Bilan gezunn. Dat sinn ëmmer sou Saachen, déi kann een iwwert d'Vekannst iwwer maachen. Et war lo nach eng ustrengend Zäit, och mat eise Leit um Terrain. Natierlech wiere mir frou, wann och d'Kanner géife mam Vëlo an d'Schoul fueren. Ech mengen do ass d'Claudia awer am Gaang, ganz intensiv drun ze schaffen, fir datt dat iwwerall wäert an Zukunft - oder bal iwwerall wäert ze maache sinn. Wat ech awer eng gutt Saach fannen.

Veloën, nach eng kleng Informatioun. Mir wäerten och dëst Joer d'Coupe scolaire national den 3. Juli hei zu Diddeleng hunn. Och dat ass eng flott Saach, wou mer all déi dote Mesuren ënnerstëtzen. Dann awer, Precoc Brill-Lenkeschléi: Also ech perséinlech muss soen, ech sinn e bëssen iwwerrascht. Ech hu mer ni Gedanken driwwer gemaach. Fir eis war dat: Jo, wéi nenne mer deen een, deen aneren? Jo, dann ass dat Brill-Lenkeschléi. Et kann een driwwer diskutéieren, vläicht wëlle si dat selwer. Mee ech perséinlech hunn elo net doriwwer nogeduecht.

Precoc Butschebuerg: Do ass et sou, dass mer zwar méi Kanner hu wéi d'lescht Joer, eigentlech kéint een och erëm e Precoc maachen, wa méi Kanner bäikommen. Wuel wëssend, datt dee Sall momentan als Büro vum SEA a vum Schoulpersonal gebraucht gëtt. An ech muss éierlech soen, d'Struktur a Ribeschpont, déi ass sou schéin, dass ech frou wär, wa mäi Kand kéint an de Precoc an de Ribeschpont goen.

Pro Familia: Do war d'Fro opkomm: Wou ginn déi Kanner hin? Strutzbiërg, Lenkeschléi, Gaffelt? Et ass esou, dass d'Personal vu Pro Familia och net an dräi verschiddene Schoule ka lafen. Dat heescht, de Strutzbiërg, do hu mer der jo schonn. Eng Alternativ dozou wär natier-

lech d'Lenkeschléi. Mee dat ass à voir wann d'Kanner elo kommen. Well wat der méi Sitten hutt, wat der och méi qualifizéiert Personal braucht. Dat wollt ech mol an de Vierdergrond stellen. Dat ass jo awer eppes, wat ugeduecht war, awer schonn Lenkeschléi, fir dass si moies, wa si d'Kanner an d'Schoul féieren, net mussen op 57 verschidde Sitte lafen.

D'Schoulhaff an d'Ouvertures-Zäiten. Jo, do ginn et effektiv Diskussiounen. Ech muss awer ganz éierlech soen, mir hunn elo scho siwe Ronne gedréint, siwe Ronnen am Schäfferot gedréint, an ech hunn dat elo nach eng Kéier probéiert an der Schoulkommissioun, a mir kommen op kee gemeinsamen Nenner. Well deen ee seet: „Jo, si däerfe ran.“ An deen anere seet: „Neen, si däerfen net eran.“ Deen ee seet: „Maach w.e.g. de Ministade um Däich zou.“ Deen aneren... Ech muss jo iergendwou e Reglement hunn, wat een iwwerall applizéiere kann. An an Italien, do geet dat wonnerbar. Déi Leit, déi ginn an de Schoulhaff, do stéiert kee sech drun. Et geet awer net iwwerall. An der Gaffelt ass dat méi schwierig. Dat ass och eng Saach vu Responsabilitéit, wann aner Kanner am Schoulhaff sinn, déi net ageschriwwen sinn an der Maison Relais. Also ech hunn elo d'lescht Woch nach eng Kéier mam Joël Freitas en Tour gedréint. Mir kucken, mir maachen elo erëm ëm Propos. Awer fir e Konsens ze fannen ass schwéier. Natierlech sollen och déi Kanner, déi net an der Maison Relais sinn, kënnen an de Schoulhaff goen. Mee mir mussen eng Léisung dertëscht fannen. An Italien ass dat beschte Beispill, do geet et wonnerbar. Ribeschpont, do geet et och. Lenkeschléi geet och.

An dann e lescht Wuert dozou, ob mer nach weider Projeten op Schoule kréien. Also ausser Dir sidd elo allegueren enger anerer Meenung, ech sinn der Meenung, dass mer keng Schoul méi bauen, wou kee Projet drop ass. Well mer einfach sou vill positiv Erfarunge gemaach hunn. Sief et vun der Lenkeschléi, Ribeschpont, d'Maison Relais ass och e gutt Beispill. Datt mer kaum nach eng Schoul wäerte bauen, wou kee Projet méi drop ass. Da kënnt d'Diskussioun iwwert d'Posten. D'Wal vun de Posten. Wie kënnt dohinner? Ech mengen elo net, datt d'Gemeng dem Schoulpersonal imposéiert, wéi si hire Reglement d'occupation des postes gesinn. Wa si eng Kéier bereet sinn, dat ze änneren, da kann een och soen: „Voilà, mir maachen dat do lo pro Schoul.“ Mee et spillt awer och eng Anciennetéit. Déi muss een awer respektéieren. Et kann een net einfach soen: „Du bass lo 20 Joer do, allez hop.“ Also dat do si ganz schwierig Diskussiounen, wou ech dat eent respektéieren, mee awer och dat anert respektéieren. Ech ka verstoen, datt een deen 20 Joer do ass a seet: „Ech souz elo déi lescht 15 Joer do, an ech hunn dat an dëst... ech huele mer elo déi Fräiheet eraus.“ Och dat respektéieren ech. Awer wéi gesot, dat ass eng Diskussioun, déi ass net u mir ze féieren, mee mat hinnen zesummen.

JOËL MICHAUX (DIRECTION DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL): Just ganz kuerz. Also ech fanne wierklech, dass dat an der Autonomie vun den Komiteeën läit, fir do e gemeinsame Vademecum, en ROP auszeschaffen, deen awer och d'Strooss hält. Mir hu jo elo festgehalten, dass mer den ROP op de Leescht huelen, d'Presidenten hunn dat selwer proposéiert. Mir wäerten och de Wal-

modus u sech, wéi se d'Klasse wielen, op de Leescht huelen. De Rom huet et ugeschwat, et ass einfach vill ze enk getackelt, well et ass ze fréi. Mir hunn nach d'Allongementer net ordentlech geschwat, mir wäerten do en anere Wee goen, dee vläicht digital opbereet gëtt. Mir mussen dat kucken. Mir hunn e Joer Zäit. Mir wollten dat wierklech ab September ugoe mat de Presidenten. An dann ass et och esou. Ech hunn den ROP vun Diddeleng bei d'Juristen um Ministère ginn, well deen hält och juristesche net d'Strooss menger Meenung no. A wann een do, an dat ass dat, wat d'Josiane gesot huet, op eemol ufänkt, un Anciennetéiten ze réckelen, dann hu mer sou séier wéi mer kënne kucken d'Gewerkschaften um Hals. A mat Recht.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo Merci Här Buergermeeschter, léif Leit aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Invitéen, ech wollt e bëssen dorop reagéieren, wéi d'Madamm Heinen gesot huet a punkto Kultur, wéi do de Lien gemaach gëtt mat eise Schoulen. Onofhängeg dovunner, dass an eiser formaler an eiser non-formaler Bildung ganz vill ronderëm d'Konscht, d'Kreativitéit an d'Kreatioun gemaach gëtt. Do muss ech soen, dass mer wierklech do ganz gutt ënnerwee sinn. Do ass natierlech eise Centre Culturel Régional, mam Marlène Kreins, wat do probéiert, sou e bëssen e Mediateur culturel ze spillen. Dat heescht, dass et d'Programmation, a besonnesch déi Programmation, wou direkt d'Kanner uschwätzt, un d'Schoulen an d'Maison Relais weidergëtt, an dat klappt och ganz gutt. Och mat der Bibliothék, dat hu mer lo nach viru kuerzem matkritt, am Kader vum Centenaire, dass do ganz vill Schoulen dovunner profitéieren. An d'Offer ass déi eng Saach. An de Médiateur culturel, dat wier natierlech gutt, wann deen iwwerall wier. Dat heescht och an deene verschidde Gebaier, wann s de do deen een oder aneren Enseignant oder Educateur hues, dee sech dorëms e bësse méi explizitt ka bekëmmern, dann ass déi Collaboratioun nach vill besser.

Nichtsdestotrotz, Dir hutt jo e puer konkret Projete ugeschwat. Do kann ech hei soen, dass mer reegelméisseg Schoulen hunn, déi eis Ausstellungen besiche ginn. Dat ass dann och een aus dem Centre culturel, dee sech Zäit hält, bezéiungsweis wann d'Méiglechkeet besteet, den Artist mat dobäi ass, deen da mam Enseignant oder mat de Kanner kann doduerch goen, wat natierlech eng aner Qualitéit huet, wéi wann ech eleng do duerginn. Dat nämmlecht maache mer och mam Lycée. Do besteet och e ganz flotte Lien. A fir vläicht nach eng Kéier konkret ze soen, beim Projet „ReRetour de Babel“, do hu mer Workshops mat Klasse gemaach, wou ronderëm Pabeier, Pabeierschöpfen a Serigraphie konkret Projete gemaach goufen. An och am Kader vum Minett Remix sinn och schonn eng Rei vu Maison Relais, déi sech ugemellt hunn, fir am Summer dovunner ze profitéieren. Dat ass sécherlech nach ausbaufäeg, wéi alles. De Keeler Projet, dat hu mer héieren, do kann ee sécherlech och dovunner léieren. Mee et geschitt awer scho ganz ganz vill. Ech kommen awer och net dolaanscht, well ech selwer jo a mengem beruflechen Alldag domadder ze dinn hunn, e bëssen dat ze raisonnieren, wat den Erni Hoffmann gesot huet. Et ass och heiansdo eng Problematik vu Stonnen. De Bilan zum Beispill.

Déi meescht wëssen et: zum Schluss vum Joer gëtt en Dekont gemaach, an da ginn déi reell Präsenzstonne vun de Kanner gekuckt an deementspreechend ginn dann och d'Heures d'encadrement ausbezuelt. Do si minimal Preparatiounsstonnen dobäi. Do sinn da minimal Reuniounsstonnen dobäi, mee wann ech mech intern an der Ekip am Haus mol wëll treffen, wann ech mech mat der Direktioun muss treffen, wann ech emol en Elterege-spréich ze féieren hunn. Dann hunn ech nach den Austausch mat den Enseignanten, ouni elo déi aner sozial Servicer mat deenen ech heiansdo a Kontakt kommen um Terrain elo mol hei ze erwänen. An da wëll ech natierlech bei de Bilansgespréicher derbäi sinn. Iergendwann hunn d'SEA-Haiser net méi genuch Stëmme. Dat ass och e Problem. Dee léise mir hei zu Diddeleng deelweis mat vill Engagement an enger gudder Struktur, enger gudder Organisatioun hannendrun. A vill Entgéintkomme vun de SEAs a vun de Schoulen, wéi mer virun héieren hunn. Awer d'Stonnen, déi déi Leit zur Verfügung hunn, dat ass wierklech e Problem. Ech soen elo, wann ech 20, 25, 28 Stonnen hunn, ech hu mäin Haus awer 35 Stonnen op, da bleiwen net méi vill Preparatiounsstonne fir dat ronderëm. Also dat ass e reelle Problem um Terrain. Mee ech kennen och aner Situatiounen, wou et guer net sou gutt leeft wéi hei zu Diddeleng. Ech wollt dat awer trotzdeem aus menger klenger Erfahrung nach mat op de Wee ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Loris fir déi dote Prezisiounen. Ech wollt nach op dat agoen, wat d'Madamm Heinen ervirgeruff huet par rapport zum Musée des Enrôlés de force. Do kann ech soen, dass mer un enger Ouverture schaffen. Et ass awer elo nach net direkt fir muer. Ech denken dass dat éischter Richtung Hierscht geet. Well mer jo och higaange sinn an e Bibliothécaire an och en Historiker chargéiert hunn, fir dee Musée op de Leescht ze huelen. A wat sech do virfonnt huet, wat Dokumenter, Ausstellungen ugeet, dat ass e Sammelsurium, e Pêle-Mêle. Sou dass dat mol professionell a wëssenschaftlech huet missen opgeschafft ginn an archivéiert ginn. Et ass also eng Bestandsopnam gemaach gi vun de Saachen déi do sinn. Et ass och eng frësch Orientéierung gemaach gi vun der Szenographie, wat d'Ausstellung eben och ugeet. Wat passt an eng Ausstellung, an e Musée? Wat passt net an eng Ausstellung? Mir hunn elo nei, modern Krittären, wou mer och natierlech déi ganz Beliichtung bannendran an och dee ganze Wee vum Tour, deen ee ka maachen, wat de Musée des Enrôlés de Force ugeet, an Ugrëff geholl. Dat ass deen éischte Volet, deen a Richtung geet vun engem neien Opbau, vun enger neier Szenographie.

An dann e Volet, deen natierlech och drunhänkt, well mer mat deem Historiker an deem Bibliothécaire d'Diskussioun jo och haten, fir dat am Kader vun engem pädagogesche Material opzeschaffen. Fir de Fundamental, mee awer och fir de Lycée, deen och an der Proximitéit do ass, fir dass do och am Kader vum Geschichtscours dee Musée och ka genotzt ginn an natierlech och deen néidege Guidage kënnen assurieren. An ech verstoppen lech net, dass dat och Punkte wäerte sinn, wat d'Gestioun vun deem dote Musée ugeet, déi mer an den nächste Wochen am Kader vun enger Entrevue mam Verwaltungsrot vun den Enrôlés de Force wäerten dis-



5. DENOMINATION VUN DRÄI STROOSSEN AM LOTISSEMENT „A BËLLEG“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen, an do gi mer an den Quartier „A Bëlleg“, do ginn dräi nei Stroossen benannt. An da ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Dir wësst, dass den CNFL, de Conseil national des Femmes, d'Gemeinde reegelméisseg opmontert, och drun ze denken, wa Stroossen an der Gemeng benannt ginn, och u Fraennimm ze denken. An dofir hate se jo deemools dee Projet „Les rues au féminin“ an d'Liewe geruff. An et war och kloer, dass mir als Diddelenger Gemeng eis géifen direkt dru bedeelegen. Mir hunn eise Service à l'Égalité des chances mat der Kommissioun beoptraagt, eis eng Rei Nimm eranzege an de Schäfferot. Dass mer dann, wa mer eng Kéier Stroossen hätten, fir mat Nimm ze besetzen, dass mer da prett wieren. Dir wësst dass mer 2015 am neie Wunnquartier Lenkeschléi 5 Stroossennimm plus eng Place publique mat Fraennimm besat hunn. An 2020 hate mer dann hei déi zweet Strooss beim Staatslabo an der Géigend och mat enger Damm hirem Numm versinn.

De Schäfferot proposéiert dann elo hei am Lotissement „A Bëlleg“, dass mir déi Stroossen no dräi Diddelenger Sportlerinne benennen. D'Triny Bourkel, deen éischten Numm, deen ass nach aus dem Reservoir vun Nimm, déi mer mat der Kommissioun rausfonnt hunn. An zwou weider Propositionen, déi kommen aus dem Archiv vum Diddelenger Sportsmusée. Dat ass d'Marion Hammang, eng Bodybuilderin a Kraaftsportlerin. Dir wësst, d'Marion Hammang huet als Stemmerin e fir Fraen haut nach ëmmer relativ atypesche Sport ausgefouert. Si huet vill Meeschterschafte gewonnen, a si war och zweemol Sportlerin vum Joer. An deen drëtten Numm ass d'Anne Holtz, dat ass déi éischt Diddelenger Schoulturnjoffer gewiescht. E Beruff an deem haut nach éischter Männer schaffe wéi Fraen. Och wann d'Zäite sech lo lues a lues änneren. Mat dëser Auswiel wärend verschidden Aspekter vum Sport an zum Thema Gläichstellung am Sport an der Benennung vun de Stroossen a Bëlleg opgegraff ginn. Mir probéieren d'Stroossen ënnert deemjéinege Familljennumm ze maachen, ënnert deem déijéineg Fra och bekannt war. Onofhängeg dovun, ob et de Meederchersnumm ass, de bestueten Numm oder en duebelen Numm ass.

Ech géif ganz kuerz déi dräi Biographien nach eng Kéier virlesen. D'Triny Bourkel, eng Leichtathletin, déi 1927 am Abrëll gebuer ginn ass an och hei opgewuess ass. Si war 1946 bei den Europameeschterschaften zu Oslo déi 6te ginn am Héichsprong, an hire Sprong vun deemools wer 1,57 Meter an huet bis 1980 als Landesrekord gegollt. A si war och 1948 fir Lëtzebuerg bei den Olympesche Spiller zu London vertrueden. An no hirer aktiver Karriär war si dunn Trainerin beim CA Diddeleng. D'Triny Bourkel ass den 21. Februar 2019 du

kutéieren. Ob si sech an deem Rôle gesinn oder ob mer aner Weeër musse goen, wann een och deen dote Musée nei opmécht mat deenen néidegen Neiorientéierung. Dat ass, wéi de Stand der Dinge de Moment ass.

ERNEST HOFFMANN (SERVICE ÉDUCATION ET ACCUEIL): Ech wollt do nach effektiv dobäifügen: Mir haten 3 Intervenanten. Mir haten nämlech och een, deen ech aus der Ecole française vu Walfer recuperéiert hat, deen Appui op Franséisch ginn huet. Dat ass och iwwerengs e Grond gewiescht. Mir hu jo och do scho Virerfarungen an engem héijere Cycle. D'Madamm déi d'Portugiesesch-Coursen hält, déi bleift eis erhalten. Si mécht dat notament ganz vill am C1. Ech mengen dat sollt och sou bleiwen. Dat ass Lusofonesch – si schwätzt jo och Franséisch, et ass jo net esou, dass si just Portugiesesch kann. An da steet der Saach guer näischt am Wee. An d'Madamm Volkmann, fir den Numm drop ze setzen, wou mer deen Joint Venture do mam Saarland hunn, bleift och erhalten, dass si weider do ass, fir dat Däitscht weider ze férdere.

Well dat Däitscht soll jo net negligéiert ginn, dat geet jo weider.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Ech mengen dann hu mer d'Diskussioun hei gefouert, da kënne mer se haut hei och ofschléissen, mol wat déi provisoresch Organisatioun ugeet. Mir mussen awer nach zum Vott iwwergoen. Wien ass mat der provisorescher Schoulorganisatioun, sou wéi se hei presentéiert an diskutéiert gouf, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An da soen ech och dem Joël Michaux, dem Erni Ferrari an dem Erni Hoffmann Merci fir hir Presenz an hir Erklärungen.

gestuerwen. D'Marion Hammang ass zu Esch gebuer ginn am Januar 1964. A si war eng Lëtzebuerger Bodybuilderin a Kraaftsportlerin. Si huet an den 90er Joren zesumme mam Manon Thill de Kraaftsport hei zu Lëtzebuerg markéiert an och dominéiert. 1990 an 1992 gouf si zur Sportlerin vum Joer gewielt. 1985 huet si zu Dordrecht hiren éischten Europameeschterschaftstitel gewonnen.

An 1987 an 1990 huet se op der Europameeschterschaft weider Erfolleger gefeiert. 1990 huet se d'Weltmeeschterschaft am Bänckdrécke gewonnen an 1992 huet se d'Goldmedail bei der Weltmeeschterschaft zu Gent am Powerlifting an der Kategorie bis 60 kg gewonnen. An 2004 huet se dunn och d'Masters gewonnen. D'Marion Hammang huet vun 1992 bis 2013 hei zu Diddeleng gelieft an ass 2017 gestuerwen. D'Anne Holtz, genannt Anni, gouf den 19.11.1923 gebuer an ass de 17. Juni 1994 gestuerwen. Si war déi éischt Monitrice-Directrice am Diddelenger Turnveräin an och déi éischt Diddelenger Schoulturnjoffer. Si huet d'Schoulturne wéi och d'Veräinslieden zu Diddeleng gepräagt an huet vill le Kanner iwwert d'Joren am Turnsall de Sport erlichtert. Voilà, dat sinn déi dräi Proposen déi mer géifen als Schäfferot dem Gemengerot virschloen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also mir begréissen dat ausdrécklech, dass déi Stroossen no Frae benannt ginn. A mir fannen och déi Proposition gutt vum Service Egalité des chances, fir wierklech och den Numm ze huelen, ënnert deem se bekannt sinn. Wann ech dat elo richteg verstanen hunn, da gëtt net deen duebel Numm geholl. Well op Lenkeschlei sinn ëmmer déi duebel Nimm geholl ginn. An dat sinn awer wierklech och laang Stroossennimm dann, an dat fanne mer dann awer elo hei eng gutt Proposition, och vum Service Egalité des chances. Also mir stëmmen dat natierlech ganz gäre mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools merci. Da géif ech proposéieren, dass mer zur Ofstëmmung kommen. Wien ass mat deene Propose vun deenen dräi Nimm averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools merci.



6. PERSONAL

6.1. CONVERSIOUN VUN ENGEM VAKANTE VOLLZÄIT-POSTE VUN ENGEM EMPLOYÉ COMMUNAL, INDEMNITÉITSGRUPP C1, SOUS-GROUPE ÉDUCATIF ET PSYCHO-SOCIAL AN E VOLLZÄIT-POSTE VUN ENGEM EMPLOYÉ COMMUNAL, INDEMNITÉITSGRUPP B1, SOUS-GROUPE ÉDUCATIF ET PSYCHO-SOCIAL (SERVICE D'ÉDUCATION ET D'ACCUEIL)

JOSIANE DI BARTHOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools merci. Hei geet et drëm, en Educateur vum C1 an e B1 ëmzewandelen. Firwat soll dat sinn? Dat ass fir an der Crèche Nuddelsfabrik. Do ass eise Pourcentage net sou wéi e sollt sinn. Dir wësst jo, datt mer do 60% Qualifié brauchen an enger Crèche, an dofir misste mer hei dee Poste ëmwandelen, an da kënne mer en Diplômé op dee Poste setzen, deen ass elo fräi.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domadder averstanen?
Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools merci.

6.2. KREATIOUN VUN ENGEM VOLLZÄIT-POSTE VUN ENGEM FONCTIONNAIRE COMMUNAL, INDEMNITÉITSGRUPP B1, SOUS-GROUPE ADMINISTRATIF (SERVICE RESSOURCES HUMAINES)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann déi zweet Création de poste, dat ass e Fonctionnairesposten, Groupe de traitement B1. Dat ass vun eise Service Ressources humaines. A wéi Dir gesitt an der Deliberatioun, déi mer hei gemaach hunn, geet et hei ëm eng Mataarbechterin, déi e Changement de carrière vum C1 an de B1. Wéi gesot, de Moment ass se am C1. Fir de Changement de carrière ze maachen, muss se jo och nach d'Prozedur duerchlafen, Examensaarbecht maachen. Fir dass mir dat da kënne maache muss mir de B1 hei kreéieren an dann natierlech, wa se bis an där dote Karriär ass, da kënne mer deen anere Poste, wou se lo drop ass, ofschafen. Dat ass d'Propos, déi mer hei maachen.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech lech villmools merci. Ech wollt awer och nach hei fir de Protokoll notéiere loosse, dass d'Martine Kohn elo huet misse fortgoen aus professionnelle Grënn an de Robert Zuang d'Procuratioun kritt. Fir dass mir dat och propper sou aktéieren am Verbatim an och am Deroulement vum Gemengerot.



7. FROEN UN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op de 7. Punkt eriwuer. Dat sinn d'Froen un de Schäfferot. Do ass eng Fro vun der Madamm Kayser iwwert d'oppe Schwämm. An do ginn ech dem Loris Spina, eise Sportsschäffen, d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. D'Fro ass vun der Madamm Kayser den 29. Mee erakomm. Deementspriedend géif ech hei d'Froen virlesen an dann och probéieren, korrekt an anstänneg a komplett drop ze äntweren. Et geet em eis oppe Schwämm, déi elo viru kuerzem opgaangen ass. A mir hoffen alleguer op eng flott Schwämm an eng flott Saison, seet si einleitend. An déi éischt Fro betrëfft dann d'Öffnungszäiten, an do seet d'Madamm Kayser, dass laut der Informatiounsbroschür eis oppe Schwämm, wou d'Saison vum 15.7. bis de 4.9. geet, vun 10:00 bis 20:00 op ass, an dass eng Erfahrung hir gesot huet, dass vill Schwëmmer interesséiert sinn, scho méi fréi moies reell schwammen ze goen. An dofir ass dann och hir Fro: Ass eng Auswäitung vun den Öffnungszäiten, z.B. 07:00 moies oder 08:00 moies virgesinn? Bezéiungsweis wissou an der Virsaison an an der Tëschesaison an der Woch d'Fräibad, also d'oppe Schwämm, weder mëttes nach an der Mëttesstonn fir de Public op ass? An eng Verlängerung vun den Öffnungszäiten am Owend wär fir berufstäteg Schwëmmer och eng Méiglechkeet, fir no der Aarbecht och kënne vun der Schwämm ze profitéieren. Eng weider Tëschefro dovun an deem heite Kontext: Ass d'Verlängerung vun den Öffnungszäiten eventuell fir 2 bis 3 Deeg ënnert der Woch och bis 22:00 Auer virgesinn?

Et geet hei em déi oppe Schwämm wéi mer lo héieren hunn. Ech wëll awer trotzdeem nach eng Kéier virauschécken, dass et wierklech e ganz flotten a gelongene Projet a Site ass. An déi, déi bis elo konnten an de Genoss dovunner kommen nëmme voller Luef fir eis alleguerte waren. An deementspriedend si mer och frou, datt et elo endlech konnt lassgoen. Elo zur Äntwert zu deene verschiddene Froen: Also am Ament hu mer net virgesinn, déi Öffnungszäite groussaarteg op d'Kopp ze geheien, bezéiungsweis moies em 07:00 oder 08:00 opzemaachen. Déi ganz einfach Erklärung ass: Mat dem Personal, dat mir de Moment hunn, ass dat net méiglech, well do muss ee jo och Sécherheetsnorme respektéieren, dat heescht, dass och do qualifizéiert Personal muss virgesi sinn an dat hu mer de Moment net. An der Virsaison ass et effektiv sou, dass an der Mëtteszäit an och owes zou ass, well d'Personal jo dann am Mo-

ment an der zouener Schwämm, am Centre Hartmann hir Stonne muss prestéieren an do gebraucht ginn. An do d'Opsicht an den Aarbechtsopwand do hir ganz Zäit verlaangt, fir dass mer do kënne mat de Schoulen a mat dem Public e Programm kënne duerchgezu kréien. Mir bréngen et net fäerdeg, gläichzäiteg déi zoue Schwämm ze bedriewen an och stonneweis déi oppen opzemaachen. D'Öffnungszäite sinn an där dote Saison: Méindes, Dënschdes, Mëttwochs, Donneschdes a Freides vu 06:00 bis 20:00 a vun 11:30 bis 14:00 fir dass déi Leit kënne dann an der zouener Schwämm schwamme goen. An eng Öffnungszäiteverlängerung an deem dote Kader ass aktuell net virgesinn.

Den zweete Volet, do geet et am Fong em d'Opentahaltsdauer, wou d'Madamm Kayser stellt, an do eng Rei vun Ënnerfroen. Do ass déi éischt Fro: Wéi gedenkt de Schäfferot, déi véier Stonnen, bezéiungsweis déi zwou Stonnen, déi mer da jo deelweis limitéiert hunn, ze kontrolléieren? A gëtt beim Iwwerschreide vun dësen ugeschwaten Daueren eng zousätzlech Gebühr gefrot? Oder sinn aner Moosname gewënscht, fir dass méi Wiessel bei de Gäscht ka stattfannen? Ass et geplangt, e Roulement vun der Maison Relais virzugesinn, déi da kënne vun der oppener Schwämm profitéieren? Bezéiungsweis, wann de Besuch op zwou Stonnen limitéiert ass, dass eben och aner Kanner an aner Famillen eng Plaz an der Schwämm kréien? An déi lescht Fro an deem dote Kader: Ass eng Virreservéierung telefonesch oder online geplangt?

Also et ass esou dass beim Ausgang, also éier d'Dréikräiz sech opmécht, do ass e Lieser virgesinn, deen da kuckt wéi laang d'Opentahaltsdauer effektiv war. Wann dann do eng Iwwerschreidung vun deene véier, bezéiungsweis zwou Stonnen ass, da muss ee richtig nobezuelen. Et muss een dann eng ganz Entrée nobezuelen, éier een dann erauskënnt. En Turnus wat elo d'Maison Relais ubelaangt ass net virgesinn. Et ass awer sou, wéi d'lescht Joer, wou nach op war, dass am Austausch mat der Maison Relais, dass déi sech melle bei eise Sportsservice, an da vun der Schwämm kënne profitéieren. An deem Sënn gëtt den Turnus scho respektéiert, jee nodeem wéi d'Besoinen an d'Demande vun deenen eenzelen Haiser sinn. Do ass natierlech e flotten Austausch tëschent de Gemengeservicer deen do stattfënt.

D'Tariffer. Virreservéierung ass effektiv net méiglech, Neen. Ausser wéi gesot, fir d'Maison Relais, déi schwätze sech natierlech of, do ass eng Virreservéierung an deem Sënn méiglech. Mee fir de Bierger en tant que tel ass elo keng Virreservéierung méiglech. D'Tariffer: An der Schwämm René Hartmann bezuelen d'Kanner ënner sechs Joer keng Entrée. A firwat ass dës Gratisnotzung fir d'oppe Schwämm net virgesinn? Kanner ab 6 Joer, Studenten oder Militärléit? A Leit mat engem Handicap, déi bezuelen dann och 1,5 Euro, bezéiungsweis Erwuessener 3 Euro. A firwat ass dat an der oppener Schwämm? Sinn do aner Alterskategorie virgesinn? Bezéiungsweis Kanner ënner 13 Joer, déi bezuelen dann och 2,5 Euro, bezéiungsweis dann och Bëbeeen a kleng Kanner. Schüler a Studenten ouni Alterslimit bezuelen 3,5 Euro an Erwuessener 5 Euro. An hei ass d'Fro och opkomm, ob eng Reduktioun vir-

gesinn ass fir Leit mat enger Behënnerung. Déi Diddelenger Kanner, déi an d'Maison Relais ginn, déi bezuele jo da keng Entrée, a wisou sollen dann déi aner Kanner Entréeën bezuelen? D'Ausschaffe vun engem Kannerpass gëtt hei och nach proposéiert, wou Kanner tëschent 6 an 13 Joer hei vun Diddeleng kéinte profitéieren. Domat hätt jiddwereen dann e gratis Zougang zur Schwämm. An ass en Iwwerdenke vun der dach komplizierter Präistabell ugeduecht? Je no Familljekonstellatioun beweege sech d'Entréespräisser fir Kanner vu gratis 1-2 Kanner a Begleedung vun 1 oder 2 Erwuessener bis hin zu 1 Euro, drëtt oder véiert Kand a Begleedung vun engem Erwuessenen bis zu 2 ½ Euro. Bezéiungsweis Kanner, déi emol eleng an d'Schwämm ginn. A wéi ass déi Iwwerpräiwung vun der Familljekonstellatioun an der Praxis iwwerhaapt méiglech oder wéi fënnt déi statt?

D'Gratis-Notzung fir Kanner ënner 6 Joer ass net explizitt am Tarif virgesinn, gëtt awer am Prinzip an der Keess sou gehandhaabt. Duerch dat differenzéiert Ugebuet vun eise Schwämmen ass dann och hei eng Altersandeelung anescht wéi eben am Hartmann, well et zwou verschidden Offere sinn. Wéi virdu schonn erkläert sinn d'Gebühre fir kleng Kanner, bezéiungsweis Bëbeeën ënner 6 Joer, do gëtt am Prinzip an der Keess näischt gefrot. A Leit mat enger Behënnerung sollen am Prinzip och wéi an der zouener Schwämm e Studentepräis bezuelen. An u sech ass et vun deenen Associatiounen, mat deene mir Kontakter hunn och sou gewollt, dass déi behënnert Leit och eppes bezuelen. Et ass elo net d'Demande vun deenen, dass déi an deem Sënn sollen extra behandelt ginn a solle gratis rakommen. An dat versti mer jo allegueren an deementspriedend ass dat och sou gehandhaabt.

De Familljentarif: Bis zu 2 Kanner plus 1 Elterendeel ass jo gratis an ab dem 3. Kand gëtt effektiv 1 Euro fälleg. Dat gëtt sur place sou gutt wéi et geet kontrolléiert. Do ass bestëmmt deen een oder deen aneren, deen e bësse méi schlau wëll sinn an iergendwéi ka vum System profitéieren. Dat ass bestëmmt net auszuschléissen. Nach ass dat hei eppes, wat mer virdu guer net haten, an et ass wierklech eng flott Offer fir d'Famillen, an déi kënnen en gros ganz gutt dovunner profitéieren. E Kannerpass ass bis elo net ugeduecht ginn, well mer ëmmer d'Optik haten, dass eis Schwämm eng regional Fräizäitoffer ass, an net nëmme fir déi Diddelenger. Deementspriedend hu mer elo nach net richtig driwwer nogeduecht, fir exklusiv fir d'Diddelenger do nach eng zousätzlech Offer ze maachen, well jo awer d'Präisser ganz verstänneg sinn. An och mat deem neie Familljepackage vun deem mer lo rieds haten, dat awer eng ganz flott an interessant Offer ass am allgemengen. Am grouse ganze muss ee soen, et ass jo lo déi éischt Saison, déi lo sou funktionéiert. Do si mer eis eens, dass mer duerno mussen e Bilan zéie mat eisem Service, mat dem Austausch, dee mer och sur place mat den Utilisateuren hunn an et ass net ausgeschloss, dass nach un där enger oder anerer Schrauf, wat d'Tarifikatioun oder soss wat de praktesche Volet ugeet, gedréit gëtt.

Ganz vill vun deene Froen hate mer schonn de leschte Gemengerot, wou mer d'Tariffer gestëmmt hunn, den 19. Mäerz. An deementspriedend hoffen ech, dass

wa mer lo d'nächst Joer d'Schwämm nach eng Kéier opmaachen, net nach déi nammlechte Batterie vu Froe kënnt. Well et sinn u sech déi selwecht Äntwerten, déi Der schonn deemools deelweis kritt hutt. D'Schwiergkeet, déi mer hei e bëssen zu Diddeleng hunn, ass deen Iwwergang ze maachen tëschent der oppener an der zouener Schwämm mat deem Personalkader, dee mer hunn. An, Dir wësst et, Dir hutt et an Äre Froe jo och deelweis ugedeit, d'Schoulen, eis Veräiner, eis Schwëmmer an déi Fräizäitvisiteuren, déi wëlle jo vun deenen zwou Strukture profitéieren, an do ass et net méiglech, jiddweree gläichméisseg happy ze maachen, mat där Offer.

Nach hu mer mengen ech hei e ganz flotte Konsens fonnt. A wéi gesot, komm mer loosse lo mol déi éischt Saison iwwert eis ergoen, an da wäerte mer sécherlech déi flott a richtig Conclusiounen kënnen zesummen zéien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Loris Spina fir d'Äntwert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Eng Präzisatiounsfro. Merci fir d'Wuert. Wann ech dat elo richtig verstane hunn, ech hat jo gefrot: gratis bis 6 Joer? Dat heescht, dat gëtt an der Realitéit awer sou gehandhaabt dass d'Kanner och an der offener Schwämm bis 6 Joer fräi sinn? D'Fro ass just, ob een dat net awer vläicht kéint op de Site dropsetzen, einfach fir d'Verständnisfro. An da just eng Präzisatiounsfro. An der Virsaison ass jo moies déi zoue Schwämm ëmmer ganz fräi op. Bleift déi dann och an der Haaptsaison op? Well et huet geheescht, elo am Summer gëtt déi zoue Schwämm awer och moies zougemaach. Ëm 06:00 maache se op. Do si jo awer scho Leit, déi vu 06:00 bis 08:00 schwamme ginn. Wéi ass do ugeduecht, deene Leit awer eng Satisfaktioun ze ginn? Et sinn der awer, déi virun der Schaff schwamme ginn, an da gi se schaffen. Dofir hunn ech gefrot, ob mer dann awer déi offe Schwämm moies weinstens eng oder zwou Stonnen éischer opmaachen?

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Dat ass de Moment an deem Kader net virgesinn. Mir sinn eis bewusst, dass de do eng Rei Leit hues, déi fräi schwamme ginn, virun der Aarbecht. Also déi zwou sinn net gläichzäiteg op. Wa mer déi oppen an der Saison op hunn, da gëtt natierlech dovun profitéiert, fir an der zouener den Entretien ze maachen, fir d'Basengen auslafen ze loosse an den Nettoyage ze maachen, sou wéi dat ebe virgesinn ass. Bis dann an der Rentrée do ebe kann opgemaach ginn. Mir packen et net, mat deem Personalkader, dee mer am Moment hunn, sou fräi opzemaachen. Da muss jo och gebotzt ginn. Et ass jo net nëmme de Schwammmeeschter, woubäi dat och schonn e Problem ass. Mir hunn der net genuch, fir dat och nach ze assurieren. Dat do ass elo dee Konsens, dee mer mat deene Leit – déi reegelméisseg schwamme ginn, déi hu jo Kontakt mat eise Schwammmeeschteren – dat ass dee beschtméigleche Konsens, an deem Kader wou mir eis befannen, dee mir am Moment ze proposéieren hunn. Mee et ass sécherlech och erëm e Punkt, deen herno mat an d'Analyse wäert falen. Am Moment leider net.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wann ech just dä-
erf erëm d'Remark maachen: Fréier ass et gaangen,
gell. Bis virun der Schléissung war déi oppe Schwämm
ëm 08:00 op. An et ware vill Leit, déi do scho moies do
waren. Just fir et mat op de Wee ze ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci. Da gi mer an de Huis clos eriwwer.



zesumme spueren
ZESUMMENHALEN

Des conseils pour économiser de l'énergie et de l'argent

L'augmentation des coûts de l'énergie représente un défi pour de nombreux ménages. Vous pouvez cependant chauffer plus efficacement votre logement, consommer moins d'électricité et vous déplacer de manière plus économique.

- Grâce à quelques gestes simples, vous pouvez économiser au quotidien de l'énergie et réduire vos frais de chauffage.
- En apprenant à mieux gérer votre consommation d'électricité, vous éviterez les gaspillages inutiles et réduirez vos factures.
- Réduire votre consommation d'énergie en vous déplaçant permet non seulement d'économiser des frais de carburant, mais contribue aussi à une meilleure qualité de l'air et à la protection de l'environnement.

Alors agissons tous maintenant : rendez-vous sur energie-spueren.lu !

Conseil neutre et gratuit : klima-agence.lu • 8002 11 90



zesumme spueren
ZESUMMENHALEN

Tipps zum Sparen von Energie und Geld

Steigende Energiekosten stellen viele Haushalte vor eine Herausforderung. Sie können indessen auf verschiedene Weise Energie und Geld sparen, indem Sie Ihre Wohnung effizienter heizen, weniger Strom verbrauchen und sich sparsamer fortbewegen.

- Mit ein paar einfachen Handgriffen können Sie im Alltag Energie sparen und Ihre Heizkosten senken.
- Wenn Sie lernen, Ihren Stromverbrauch besser zu verwalten, vermeiden Sie unnötige Verschwendung und senken Ihre Rechnungen.
- Wenn Sie den Energieverbrauch für ihre Mobilität verringern, sparen Sie nicht nur Treibstoffkosten, sondern tragen auch zu einer besseren Luftqualität und zum Umweltschutz bei.

Lassen Sie uns also jetzt handeln: Besuchen Sie energie-spueren.lu!

Neutrale und kostenlose Beratung: klima-agence.lu • 8002 11 90

Diddelenger KIERMES

15.-23.10.2022
PLACE FOHRMANN



Journée familiale / Familientag 20.10.2022

ACCÈS/ANREISE

Bus 8/9/10 > Fohrmann / Bus 4/5/8/9/10/631 > Gemeng
Train/Zug 60a > Dudelange-Centre / Vël'OK > Place de l'Hôtel de Ville
Infos: www.mobiliteit.lu / www.velok.lu

*Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkolegium
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister
Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen*

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange
T 516121-1
ville@dudelange.lu
www.dudelange.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

SERVICE FÊTES
ET MANIFESTATIONS
T 516121-3430
fetes@dudelange.lu

